Cycle 1

Phonologesch Bewosstheet

mam Sila



LAUTSPILLER

ULAUTSPILLER

SILBESPILLER

REIMSPILLER

LAUSCHTERSPILLER

Titel: **Phonologesch Bewosstheet mam Sila**

Auteur: Sylvie Bodé
Sila: Danielle Wetz

Editeur: SCRIPT, Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques / MENJE

33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
Luxembourg
Tel : 247-85187
secretariat@script.lu
www.script.lu

Gedréckt zu Lëtzebuerg
Dréckerei:

ISBN: 978-99959-1-209-3
Intern Nummer: 2021MULTIlivre001

Billerdatebank: SCRIPT, Shutterstock
© 2020, SCRIPT, Lëtzebuerg ; 2021, iwwerschaffte Versioun

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Léif Enseignante, léiwen Enseignant,
léif Leit aus den Ekippen,

de Programm, „Phonologesch Bewosstheet mam Sila“ ass e wichtege Bausteen, fir **am Laf vum Cycle 1 op d’Liesen- a Schreiweléiere virzebereeden**. Dëst **wëssenschaftlech fundéiert Material** féiert d’Kanner iwwer d’**Lauschteren**, de **Reim** an d’**Silb** lues a lues och un den **Ulaut** an de **Laut** am geschwatene Wuert erun. De Kontakt mat der Schrëftsprooch gëtt iwwer d’Fro nom Sënn an Zweck vun der **Schrëft am Alldag** an iwwer d’Ausernanersetzung mat **sechs ausgewielte Buschtawen** op eng spilleresch Aart a Weis mat alle Sënner gesicht.

D’**Wuertlëschten** an d’Billerkaarten, déi dozou passen, sinn esou gewielt, datt se beim Iwwergang vum Cycle 1 an de Cycle 2 **op Lëtzebuergesch an op Däitsch** kënnen agesat ginn. An der Virbereedung op d’Liesen- an d’Schreiweléiere riicht de Programm sech un **all d’Kanner aus dem Cycle 1**. Fir de Risiko vu Lies- a Schreifschwieregkeeten ze reduzéieren, ass et wichteg, am Cycle 1 **besonnesch deene Kanner**, **deenen dës Schrëtt méi schwéierfalen**, méi Opmierksamkeet ze schenken.

Duerch déi **fënnef faarflech ofgesaten Unitéiten** an déi **proposéiert Zäit-organisatioun** bitt de Programm eng kloer Struktur, déi **flexibel un d’Klass an un dat eenzelt Kand kann ugepasst ginn**.

D’Material besteet aus dem **Programm-Classeur** a **grousse Billerkaarte** fir d’Aktivitéite mat der ganzer Klass. Zousätzlech erlaben **d’Spillkaarte fir d’Kanner** eng méi autonom Ëmsetzung am klenge Grupp. **D’Sila-Handpopp** mat hire fënnef opgebitzte Programm-Knäppercher féiert spilleresch duerch déi fënnef Programm-Unitéiten.

Fir ofzeschléissen nach e grousse Merci un all déi Leit, déi iwwer d’Joren zu der Entwécklung vum Förderprogramm bäigedroen hunn.

Iech vill Freed an Erfolleg beim Asaz vum Programm.



IWWERBLÉCK

Aféierung

Intercalaire 1

Ëmsetzung an der Klass: fir all Dag zwee kleng Lauschter-, Reim- oder Silbespiller

Heft 1: Lauschterspiller

Heft 2: Reimspiller

Heft 3: Silbespiller

Intercalaire 2

Ëmsetzung an der Klass: Ulautspiller a Lautspiller

Heft 4: Ulaut- a Lautspiller
Éischte Kontakt mam Ulaut, Laut a Buschtaf

Heft 5: Ulaut- a Lautspiller
Verdéiwungsaktivitéite just fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un

Intercalaire 3

D'Material am Iwwerbléck



AFÉIERUNG

Haaptziler vum Programm

- Iwwer d'**Lauschteren**, de **Reim** an d'**Silb** no an no den **Ulaut** an de **Laut** aus dem Wuert eraushéieren.
- **Beispillhaft de Laut mam Buschtaf verbannen** an den Iwwergang op d'Liesen- a Schreiweléiere virbereeden.

E puer wichteg Informatiounen zur Ëmsetzung an der Klass

- Wielt esou wäit wéi méiglech **Wierder, déi eppes mam lafende Klasse-Projet ze dinn hunn**. D'Kanner kennen da schonn d'Bedeitung vun dëse Wierder an hunn en affektive Lien dozou.
- Zéckt net, **eege Spillformen** zu deenen eenzele Beräicher (Lauschterspiller, Reimspiller ...) afléissen ze loossen.
- **Passt Äre Progressiounsrhythmus un d'Klass an un déi eenzel Kanner un**. Huelt lech Zäit, fir mat deem engen oder anere Kand aus dem C 1.2 eng Aktivitéit am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht ze verdéiwen.
- De **Kontakt mat der Léierpersoun aus dem Cycle 2** ass wichteg, fir d'Informatiounen zur phonologescher Bewosstheet aus dem Cycle 1 weiderzeginn.
  - ◊ Wéi eng Aktivitéite si schonn am Cycle 1 gemaach ginn?
  - ◊ Wat kann dat eent oder anert Kand scho gutt respektiv wat bleift nach ze entwéckelen?
- Well d'Aktivitéiten zu der phonologescher Bewosstheet **fir vill Elteren nei** sinn, ass et interessant, hinnen de Sënn an Zweck dovun ze weisen.

D’ENTWÉCKLUNG VUN DER PHONOLOGESCHER BEWOSSTHEET

D’Sproochbewosstheet allgemeng

Mat der **Sproochentwécklung** baut d’Kand déi verbal Kommunikatioun mat senge Matmënschen op. Et léiert, Gedanken a Gefiller iwwer dëse Wee ze benennen a matzedeelen. Am Ufank sinn d’Wuert an d’Saach, op déi dat Wuert verweist, nach eent an dat selwecht fir d’Kand. Eréischt no an no entwéckelt et eng **Sprooch-bewosstheet** (eng Meta-Sprooch), **d. h. d’Kand entdeckt d’Sprooch lassgeléist vum Géigestand**. Esou fënnt et z. B. eraus, datt et ka Wierder erfannen, déi flott kléngen, reimen oder rhythmesch sinn, ouni awer op ee Géigestand ze verweisen. D’Sprooch an d’Wuert fänken un, an sech ze existéieren. Si gi selwer zum Géigestand. Am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere spillt d’Sproochbewosstheet eng wichteg Roll. Och hei gëtt d’Sprooch Géigestand vun der Iwwerleeung. Elo muss d’Kand z. B. iwwer d’Bedeitung eraus an d’Wuert eralauschteren.

Wat heescht ‚phonologesch Bewosstheet‘?

D’phonologesch Bewosstheet ass en Element vun der Sproochbewoosstheet. Ënnert phonologescher Bewosstheet versteet een **d’Fäegkeet, seng auditiv Opmierksamkeet iwwer d’Bedeitung vum geschwate Wuert ewech geziilt op linguistesch Eenheeten – wéi de Reim, d’Silb an den eenzele Laut (de Phoneem) – ze riichten**.

Mir ënnerscheeden tëschent:

- der phonologescher Bewosstheet **am méi wäite Sënn**, d. h. der Sensibilitéit fir de Reim an d’Silb (Heft 2: Reimspiller an Heft 3: Silbespiller)

- der phonologescher Bewosstheet **am méi enke Sënn**, d. h. der Sensibilitéit fir den eenzelne Laut (Hefter 4 a 5: Ulaut- a Lautspiller)

FËRDERPROGRAMMER FIR D'ENTWÉCKLUNG VUN DER PHONOLOGESCHER BEWOSSTHEET

An deene leschte Jore gëtt eng **grouss Vilfalt u Literatur a Materialie** fir d'Förderung vun der phonologescher Bewosstheet ugebueden.
D'Aktivitéitesammlung ‚**Phonologesch Bewosstheet mam Sila**' baséiert op dem bestoende lëtzebuergesche Programm ‚**Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter**'. Dëse **berout op internationalen Trainingsprogrammer** (*Phonemic Awareness in Young Children* vun Adams, Foorman, Lundberg & Beeler, 1998/2018), **eegene wëssenschaftleche Resultater an och um breeden Austausch mat Léierpersounen aus dem Cycle 1**.

Och am däitsche Léierkontext weisen eng ganz Rei Recherchen, datt déi Kanner, déi bei der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléiere ganz **reegelméisseg Spiller an Aktivitéiten** zur Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet Bewosstheet (*Hören, lauschen, lernen 1* vu Küspert & Schneider, 1999/2018) gemaach hunn, **am Cycle 2 besser Resultater am Liesen an am Schreiwen** erreechen.

Zousätzlech kann de positiven Afloss vun der Förderung vun der phonologescher Bewosstheet **duerch de punktuellen Asaz vu Buschtawe weider verstäerkt** ginn. Och wann d'Förderung ouni Buschtawe sech positiv auswierkt, besteet aktuell eng Tendenz, fir d'Buschtawe beispillhaft mat an d'Förderaktivitéiten ze integréieren. Mam Asaz vun dëse Förderprogrammer mat Buschtawe (*Hören, lauschen, lernen 1* vu Küspert & Schneider, zesumme mam *Hören, lauschen, lernen 2*, vu Plume & Schneider, 2004) si positiv Resultater kuerz virun der Alphabetisatioun ze verzeechnen an och an deenen éischten zwee Joer vun der Alphabetisatioun. Dëst gëllt **och fir ënnerschiddlech Risikogruppen** (Kanner, déi am Ufank eng méi niddereg entwéckelt phonologesch Bewosstheet weisen; Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen; Kanner mat engem Retard an der Entwécklung vum Wuertschatz oder der Grammatik).

WAT HUET D'PHONOLOGESCH BEWOSSTHEET MAM LIESEN- A SCHREIWELÉIEREN ZE DINN?

E Beispill

Wann e klengt Kand z. B. d'Wuert ‚Mamma' héiert, dann denkt et u seng Mamm, eventuell och dorun, wou si elo grad ass oder wéi si sech ufillt. D'Wuert ‚Mamma' huet fir dëst Kand eng perséinlech Bedeitung.

Wann d'Kand am Cycle 2 d'Wuert ‚Mama' wëllt mat der Ulaut-Tabell schreiwen, ass et wichteg, datt et fir de Moment vum Schreiwe sech kuerz vun der Bedeitung vum Wuert léist a sech just op dat konzentréiert, wat et héiert: ‚Mama'. An engem nächste Schrëtt lauschtert d'Kand an d'Wuert eran, fir déi eenzel Lauter erauszehéieren (M-A-M-A) an déi passend Buschtawen dozou ze schreiwen.

Als Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren üübt d'Kand am Laf vum Cycle 1 mat Hëllef vu Lauschter-, Reim-, Silben- a Lautspiller, lues a lues iwwer d'Bedeitung vum Wuert eraus, bewosst an d'Wuert eranzelauschteren. Iwwer dëse Wee entwéckelt d'Kand seng ‚phonologesch Bewosstheet'.

Wat hunn de Reim, d'Silb an de Laut mam Liesen- a Schreiweléieren ze dinn?

Den direkten Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Laut
Fir d'Uwendung vun der **Laut-Buschtaf-Korrespondenz** am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren ass et ganz wichteg, datt d'Kand an d'Wuert eralauschtert an **den eenzele Laut eraushéiert**.

Duerch d'Uwenne vun de Laut-Buschtawe-Korrespondenze muss d'Kand net all neit Wuert auswenneg léieren, mee et ka selwer nei **Wierder erliesen oder mat Hëllef vun der Ulaut-Tabell schreiwen (alphabetesch Strategie)**. Dëst ass e wichtege Schrëtt fir de weidere Wee an d'Liesen a Schreiwe vu Wierder mat méi komplexen Orthografien (z. B. Sie sieht ihn im Licht), d. h. um Wee an déi orthografesch Strategie.

D'Lautsynthees spillt beim Liesen eng Roll (z. B. aus B-U-S gëtt ‚Bus'). **D'Lautanalys dominéiert beim Schreiwen**. Wann d'Kand z. B. d'Wuert ‚Bus' wëllt mat der alphabetescher Strategie schreiwen, zerleet et d'Wuert no an no a seng eenzel Lauter (B-U-S), fir dann zu all Laut de passende Buschtaf ze schreiwen.

Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir d'Silb
Genau **wéi fir d'Lauter kënnen och d'Silben** zu engem Wuert verbonnen (z. B. aus Pin-sel gëtt Pinsel) oder d'Wuert a Silben zerluecht ginn (z. B. aus Pinsel gëtt Pin-sel).

Verschidde Fibelen oder méi geziilte Förderprogrammer gräifen direkt op d'Silb zeréck fir d'**Aféierung vu méi komplexen orthografesche Schreiwungen**. Weider gëtt et eng Rei Liestexter, déi als Zil hunn, duerch d'Strukturatioun an d'Silb d'**Liesflëssegkeet ze steigeren**.

Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Reim
Och de Reim spillt beim Liesen- a Schreiweléieren eng direkt Roll: Wierder, déi hannen **d'nämmlecht kléngen (reimen), ginn oft, wann och net ëmmer, hannen d'nämmlecht geschriwwen**.

KLOER STRUKTURÉIERT AKTIVITÉITE MAT VILL FLEXIBILITÉIT

Am Rhythmus vun der Klass a vum eenzele Kand

Den Opbau **vum Einfachen** (Lauschterspiller) **zum méi Schwéieren** (Lautspiller) spigelt e Grondgedanke vum Programm erëm. Och fir all Beräich sinn d'Aktivitéite vum Implizitten zum Explizitten, vum Erëmerkennen zum Selwerfanne strukturéiert. Esou gëllt et z. B., am Ufank vun de Reimspiller zwee Wierder, déi reimen, erëmzeerkennen. Eréischt méi spéit an der Unitéit ginn da selwer Reimwierder gesicht. Weider si fir eng ganz Rei Aktivitéite verschidden Niveaue virgesinn (méi einfach, méi schwéier). Dëst bitt d'Méiglechkeet, d'Ufuerderunge vun der jeeweileger **Aktivitéit de Kanner besser unzepassen**.

Wann **ee Kand aus dem C 1.2 méi Schwieregkeete** mat där enger oder aner Aktivitéit behält, ass et **wichteg, dës am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht** (z. B. an der Zäit vum Fräispill) ze widderhuelen. **An der proposéierter Zäitorganisatioun sinn dofir kuerz Ofklärungsmomenter an eng Flexibilitéit am zäitlechen Oflaf virgesinn**. Informatiounen heizou fannt Dir op de faarflech markéierten Oftrennungen (virum Heft 1 a 4).

Fir déi Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen

- Déi Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen, weisen **zum Deel eng grouss Sensibilitéit fir d'Lauter an der Sprooch**. Dës léisst sech doduerch erklären, datt si sech scho méi intensiv mat der Sprooch auserneegesat hu wéi monolingual Kanner.

- Fir dës Kanner ginn ëmmer erëm **Momenter** proposéiert, wou si och **déi Sprooch**, déi si doheem schwätzen, **mat an de Grupp kënnen abréngen**.

- Besonnesch fir d'Aktivitéiten ëm de Reim an d'Silb kënne **Lidder, Gedichter a Wierder** an d'Aktivitéiten afléissen, déi zu deem Moment **méi present an der Klass sinn**. Esou ginn déi Wierder, déi schonns am Gebrauch sinn, weider verdéift a gefestegt.

- Fir d'Aktivitéiten zum Ulaut an zum Laut gëtt eng **limitéiert Zuel vu Wierder** benotzt, déi a verschiddenen Aktivitéiten ëmmer erëm opgegraff ginn. Dës Wierder sinn esou gewielt, datt **dat passend däitscht Wuert ganz no um lëtzebuergesche Wuert** läit, an datt **d'Aktivitéit och mat dem entspriechenden däitsche Wuert kann duerchgefouert ginn**. Esou kann den **Transfert** vum Geléierten aus dem Cycle 1 an de Cycle 2 méi einfach gemaach ginn (z. B. fir d'Reimwierder: Kand – Wand a Kind – Wind).

- Wann **d'Wierder vun der Ulaut-Tabell aus dem Cycle** 2 mam selwechten Ulaut ufänke wéi déi entspriechend lëtzebuergesch Wierder, ginn dës **an den Aktivitéiten zum Ulaut opgegraff**.

WICHTEG: Och wa sech am Laf vun den Aktivitéiten Zäit geholl gëtt, fir d'Biller ze benennen an d'Wuert richteg auszeschwätzen, ass dëse Programm **kee Lëtzebuergesch-Programm!**

Fir d'Kanner, déi nach keen esou e grousse Vocabulaire an der lëtzebuergescher Sprooch hunn

Bei de proposéierten Aktivitéite steet dat geschwatent Wuert am Mëttelpunkt. Verschidde Méiglechkeete gi proposéiert, fir datt déi Kanner, déi nach keen esou e grousse Vocabulaire an der lëtzebuergescher Sprooch hunn, esou vill wéi méiglech vun dësen Aktivitéite profitéieren a léieren:

- **D'Billerkëscht *Wéi? Wou? Wat?*** bitt 555 Billerkaarte fir déi visuell Illustratioun vu ganz ville Wierder, déi fir d'Aktivitéite gewielt ginn. Am Programm ass zu all proposéiert Beispillwuert d'Referenznummer vun der passender Billerkaart aus der Billerkëscht uginn. D'Billerkaarten zu de verschiddene Wuertlëschten (Reim-Lëscht, Silbe-Lëscht, Ulaut-Lëscht, Laut-Lëscht) sinn hannen am Classeur ze fannen.

- Bei de Billerkaarten, déi agesat ginn, gëtt ëmmer drop opgepasst, datt se **fir d'éischt benannt** ginn, éier se an d'Aktivitéit afléissen.

- D'Sila, d'**Sprooch-Roboter-Handpopp,** féiert duerch de Programm a gëtt e visuellen Unhaltspunkt, fir d'Opmierksamkeet ze halen.

- Well z. B. d'Aktivitéiten zum Reimen net esou einfach sinn, wann d'Kand méi e klenge Wuertschatz huet, besteet hei d'Méiglechkeet, datt d'Kand e **Sila-Reim-Wuert** als Äntwert gëtt (z. B. Haus – Taus). D'Sila-Reim-Wuert ass e Wuert, dat et just an der Sila-Sprooch gëtt an dat mam gefrote Wuert reimt.

- Duerch d'**Ausernanersetzung mat der Artikulatioun vum Laut an duerch d'Aféierung vum Buschtaf** ginn Zougäng zum Laut geschaf, déi iwwer de verbalen Zougang erausginn.

WICHTEG: Och wa sech am Laf vun den Aktivitéiten Zäit geholl gëtt, fir genee an d'Wuert eranzelauschteren an d'Wuert genee auszeschwätzen, sou ass **dëse Programm kee spezifesche Sproochförderprogramm**.

Fir déi Kanner, déi schonns méi Kontakt mat der geschriwwener Sprooch a mat de Buschtawen hunn

Déi **Kanner, déi schonns méi Kontakt mat der geschriwwener Sprooch a mat de Buschtawen hunn**, kënnen duerch **interessant Froen**, duerch **Aktivitéite mat alle Sënner** an duerch **méi schwéier Variante** vun den Aufgabestellungen d'Laut-Buschtaf-Korrespondenz an hirer Komplexitéit erfuerschen an entdecken. Wann dës Aktivitéite fir dat eent oder anert Kand ze einfach sinn, kann dëst natierlech aneren Aktivitéiten nogoen, déi sengem Entwécklungsstand a sengen Interessie besser Rechnung droen. Eng Méiglechkeet ass den Asaz vun engem ganz differenzéierte Buchprogramm fir den Iwwergang vun éischte Lieskenntnisser op d'Liese vun Erstlesebicher (wéi z. B. vu Lesebaum, cf. Rothenhöfer an der Bibliografie).

D'PHONOLOGESCH BEWOSSTHEET, EE WICHTEGE BAUSTEE VU VILLEN

Mat de positive Resultater vun der Förderung vun der phonologescher Bewosstheet däerf net vergiess ginn, datt **d'Liesen- an d'Schreiweléieren eng ganz villschichteg a komplex Aktivitéit** ass. Dëst gëllt **och fir d'Virbereedung** op d'Liesen- a Schreiweléieren.

D'phonologesch Bewosstheet ass e wichtege Bausteen, ma net deen eenzegen. Och wann d'Zil vun dësem Programm d'Förderung vun der phonologescher Bewosstheet ass, ginn ëmmer erëm Piste virgeschloen, wéi dës an ee ganzheetlecht Léiere kann integréiert ginn.
Déi geschwate Sprooch ass ee Grondsteen fir d'Schréftsprooch. De **kommunikativen Aspekt**, den Austausch vum Sënn an d'Loscht, sech matzedeelen, bilden den Ursprong – esouwuel vun der verbaler ewéi och vun der geschriwwener Sprooch.

Déi geschriwwe Sprooch baut op déi geschwate Sprooch op. Besonnesch am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere gëtt déi geschriwwe Sprooch duerch d'Uwenne vu Laut-Buschtawe-Korrespondenze **staark vun der geschwatener Sprooch ofgeleet**. Schwätzt d'Kand e Wuert anescht aus oder schléckt et en Deel of, ass d'Chance grouss, datt et d'Wuert och esou schreift.

Beim Ëmgang mam Buch läit d'Entdecke vun der **Schrëft als Symbol** ganz no. Am Kontakt mam Buch oder mat der Schrëftsprooch am Alldag (z. B. Markenzeechen) entdeckt d'Kand, datt e visuellt Zeechen, e Symbol oder e geschriwwent Wuert eng Saach representéiere kann.

Ee weidert wichtegt Element um Wee zum Liesen a Schreiwen ass **d'Beweegung**. Vun ufanks méi grousse Beweegungen (Grobmotorik) kënnt d'Kand lues a lues op déi méi reng a kleng Beweegungen (Feinmotorik). Iwwer d'Gefill vum eegene Kierper am Raum fënnt d'Kand zur Orientatioun um Blat.

Niewent der auditiver Analys spillt och déi **visuell Analys** eng Roll beim Liesen- a Schreiweléieren. Besonnesch bei Buschtawen, déi änlech ausgesinn, muss d'Kand ganz genee kucken, fir déi zwee vuneneen ze ënnerscheeden.

D'Opmierksamkeetssteierung an d'Memoire spillen eng wichteg Roll beim Liesen- a Schreiweléieren. Zum Beispill sinn am Ufank vum Schrëftsproocherwerb all déi kleng Tëscheschrëtt esou wéi hire successiven Oflaf nach net automatiséiert a musse staark guidéiert ginn:

- den eenzele Laut aus dem Wuert eraushéieren (z. B. de B-Laut am Wuert ‚Bus')
- sech erënneren, wéi ee Buschtaf zum Laut passt
- sech un déi genau Buschtaweform erënneren, fir de Buschtaf dono Schrëtt fir Schrëtt op d'Blat ze schreiwen
- sech erënneren, wéi ee Wuertdeel grad schonns geschriwwe gouf asw.

D'Opmierksamkeetssteierung erlaabt, all dës Tëscheschrëtt kohärent a sënnvoll openeen ofzestëmmen.

Och wann dëse Programm sech an der Haaptsaach op d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet konzentréiert, gëtt **ëmmer erëm de Lien zu anere Beräicher gemaach**.

D'Aktivitéite fänken u mam geziilten a konzentréierte Lauschteren a Geräischer-Maachen (mam eegene Kierper, mat verschiddene Géigestänn ...). De Reim gëtt mam Lidd a mam Gedicht a Verbindung gesat. Hei si Fanger-, Handlungs- an Ofzielreimer besonnesch interessant, well si och erlaben, d'Sprooch an d'Handbeweegungen openeen ofzestëmmen. D'Silb gëtt staark mam Rhythmus vun der Sprooch an der Kierperbeweegung verbonnen. A schlussendlech gëtt de Laut mam Entdecke vun der Artikulatioun agefouert. Bei der Analys vum Wuert a sengen eenzele Lauter spillt d'Koordinatioun tëscht Sprooch an Handgest (fir all Laut leeën ech een Objet) nach emol eng wichteg Roll.

Bibliografie

Adams, M., Foorman, B., Lundberg, I., & Beeler, T. (1998). *Phonemic awareness in young children: A classroom curriculum*. Baltimore: Paul H. Brookes Publishing Co.

Adams, M., Foorman, B., Lundberg, I., Beeler, T., & Stanké, B. (2000). *Langue et communication: Conscience phonologique*. Montréal: Chenelière.

August, D., & Shanahan, T. (Eds.). (2006). *Developing literacy in second-language learners*. Mahwah: Lawrence Erlbaum Associates.

Baligand, H., Föhl, A., Holtz, T., Pistor, N., Sievert, B., Handel, I., Hundt, E., Krumwiede, S., Moßgraber, E., Odersky, E., Kalenbach, C., Warnecke, A., Groß, M., von Werder, K., Tank, K., Bielau, D. (2013). *Flex und Flora*. Frankfurt: Diesterweg.

Bara, F., & Bonneton-Botté, N. (2018). Learning letters with the whole body: Visuomotor versus visual teaching in kindergarten. *Perceptual and Motor Skills*, 125(1), 190–207.

Bodé, S. (2001). Un programme d'entraînement de la conscience phonologique. Un outil pédagogique pour l'enseignement préscolaire: Etude à grande échelle des effets d'un programme d'entraînement de la conscience phonologique pour différents groupes d'enfants alphabétisés dans un système orthographique régulier (Unpublished doctoral dissertation). Université Libre de Bruxelles, Belgique.

Bodé, S., Beffort, A., Heinen, S., Jenn, P., Kinnen, M., Larosch, A., Lemmer, M., Mersch, T., Rasqué, N. (2004). *Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter*. Luxembourg: University of Luxembourg.

Bodé, S., & Content, A. (2011). *Phonological awareness in kindergarten*: A field study in Luxemburgish schools. *European Journal of Educational Psychology*, 26, 109–128.

Bus, A. G., & van Ijzendoorn, M. H. (1999). Phonological awareness and early reading: A meta-analysis of experimental training studies. *Journal of Educational Psychology*, 91, 403–414.

Cecil, N. L. (2003). *Best practices for early literacy. Striking a balance*. Scottsdale: Holcomb Hathaway.

Cummins, J. (1979). Linguistic interdependence and the educational development of bilingual children. *Review of Educational Research*, 49, 222–251.

Dickinson, D. (Ed.). (2006). *Handbook of early literacy research. Vol. 2.* New York: The Guilford Press.

Ehri, L., Nunes, S. R., Stahl, S.A., & Willows, D.M. (2001). Systematic phonics instruction helps students learn to read: Evidence from the National Reading Panel's meta-analysis. *Review of Educational Research*, 71(3), 393–447.

Endlich, D., Berger, N., Küspert, P., Lenhard, W., Marx, P., Weber, J., & Schneider, W. (2017). WVT – Schrift. Würzburger Vorschultest. Göttingen: Hogrefe.

Engel De Abreu, P. M. (2018). Lala – Lauter lëschteg Lauter. Unpublished manuscript.

Engel De Abreu, P. M., & Gathercole, S. (2012). Executive and phonological processes in second-language acquisition. *Journal of Educational Psychology*, 104(4), 974–986.

Ennemoser, M., Marx, P., Weber, J., & Schneider, W. (2012). Spezifische Vorläuferfertigkeiten der Lesegeschwindigkeit, des Leseverständnisses und des Rechtschreibens. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie*, 44, 53–67.

Fischer, M., & Pfost, M. (2015). Wie effektiv sind Maßnahmen zur Förderung der phonologischen Bewusstheit? Eine meta-analytische Untersuchung der Auswirkung deutschsprachiger Trainingsprogramme auf den Schriftspracherwerb. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie*, 47, 35–51.

Fröhlich, L., Metz, D., & Petermann, F. (2009). Kindergartenbasierte Förderung der phonologischen Bewusstheit: „Lobo vom Globo". *Kindheit und Entwicklung*, 18, 204–212.

Füssenich, I. G. (2018). *Literacy im Kindergarten. Vom Sprechen zur Schrift*. München: Ernst Reinhardt Verlag.

Gilles, P., & Trouvain, J. (2013). Luxembourgish. *Journal of the International Phonetic Association*, 43(1), 67–74.

Gillon, G. (2018). *Phonological awareness. From research to practice*. New York: Guilford.

Goodrich, J. (2014). Children's expressive language skills and their impact on the relation between first- and second-language phonological awareness skills. *Scientific Studies of Reading*, 18, 114–129.

Goodrich, J., & Lonigan, C. (2017). Language-independent and language-specific aspects of early literacy: An evaluation of the common underlying proficiency model. *Journal of Educational Psychology*, 109(6), 782–793.

Hall, N., Larson, J., & Marsh, J. (Eds.). (2003). *Handbook of early childhood literacy*. London: Sage.

Handt, R., Kuhn, K., Mrowka-Nienstedt, K. (2020). *ABC der Tiere*. Oldenburg: Mildenberger.

Heitmann, P. (2008). *Kindergartenkinder entdecken die Schrift*. Stuttgart: Klett.

Hübner, K. (2015). *Schriftspracherwerb unter sprachlich erschwerten Bedingungen. Eine Untersuchung zur sprachlichen Verarbeitung und zur Rechtschreibung bei Kindern mit Sprachentwicklungsstörungen im höheren Grundschulalter*. Frankfurt: Peter Lang.

Inckemann, E., & Sigel, R. (2016). *Diagnose und Förderung von bildungsbenachteiligten Kindern im Schriftspracherwerb*. Bad Heilbrunn: Verlag Julius Klinkhardt.

Jessner, U. (2012). *Linguistic awareness in multilinguals. English as a third language*. Edinburgh: University Press.

Kuhl, T., & Röhr-Sendlmeier, U. (21. September 2018). Rechtschreiberfolg nach unterschiedlichen Didaktiken – Eine kombinierte Längsschnitt-Querschnittstudie in der Grundschule. *Posterpräsentation auf dem Bundeskongress für Schulpsychologie*. (Universität Frankfurt).

Küspert, P. (2018). *Neue Strategien gegen Legasthenie. Lese- und Rechtschreibschwäche: Erkennen, vorbeugen, behandeln*. München: Oberstebrink.

Küspert, P., & Schneider, W. (2018). *Hören, lauschen, lernen. Sprachspiele für Kinder im Vorschulalter. Würzburger Trainingsprogramm zur Vorbereitung auf den Erwerb der Schriftsprache*. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht.

Leong, C., & Malatesha, J. (Eds.). (1997). *Cross-language studies of learning to read and spell. Phonologic and orthographic processing*. Dordrecht: Kluwer Academic Publishers.

Lonigan, C., Farver, J., Phillips , B., & Clancy-Manchetti, J. (2011). Promoting the development of preschool children's emergent literacy skills: A randomized evaluation of a literacy-focused curriculum and two professional development models. *Reading and writing*, 24, 305–337.

Lonigan, C., Purpura, D. J., Wilson S. B., Walker, P. M., & Clancy-Menchetti, J. (2013). Evaluating the components of an emergent literacy intervention for preschool children at risk for reading difficulties. *Journal of experimental child psychology*, 114, 111–130.

Lundberg, I. (1988). Effects of an extensive program for stimulating phonological awareness in preschool children. *Reading Research Quarterly*, 23, 263–284.

Lüdi, G. (2018). Bilingualism with English as a 'second language' and/or broad plurilingual repertoires: A Swiss point of view. In P. Romanowski, & J. Malgorzata, *Current research in bilingualism and bilingual education* (pp. 155–170). Cham: Springer.

Marx, P., Weber, J., & Schneider, W. (2005). Phonologische Bewusstheit und ihre Förderung bei Kindern mit Störungen der Sprachentwicklung. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie*, 37, 80–90.

Mazeau, M., & Pouhet, A. (2014). *Neuropsychologie et troubles des apprentissages chez l'enfant. Du développement typique aux 'dys'*. Issy-les-Moulineaux: Elsevier Masson.

Metz, D., Fröhlich, L., & Petermann, F. (2010). *Schulbasierte Förderung der phonologischen Bewusstheit und sprachlicher Kompetenzen.* Göttingen: Hogrefe.

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (2018). *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Luxembourg: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (2018). S*proochlech Bildung am éischte Cycle. D'Kand a seng Sprooch(en)*. Luxembourg: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (2018). *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Luxembourg: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (2018). *Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung*. Luxembourg: SCRIPT.

Näger, S. (2005). *Literacy. Kinder entdecken Buch-, Erzähl- und Schriftkultur*. Freiburg: Herder.

Nunes, T., & Bryant, P. (Eds.). (2004). *Handbook of children's literacy*. Dordrecht: Kluwer Academic Publishers.

Otwinowska, A. (2015). *Cognate vocabulary in language acquisiton and use: Attitudes, awareness, activation.* Channel View Publications.

Otwinowska, A., & Szewczyk, J.M. (2019). The more similar the better? Factors in learning cognates, false cognates and non-cognate words. *International Journal of Bilingual Education and Bilingualism*, 22(8), 974–991.

Petermann, F. (2015). Alltagsintegierte Förderung oder Förderprogramme im Vorschulalter, 4(3). *Frühe Bildung 4(3)*, 161–164.

Petermann, F., Fröhlich, L., Metz, D., & Koglin, U. (2010). *Elternbasierte Sprachförderung im Vorschulalter*. Göttingen: Hogrefe.

Pfost, M. (2015). Children's phonological awareness as a predictor of reading and spelling: A systematic review of longitudinal research in German-speaking countries. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie, 47*, 123–138.

Pfost, M., Blatter, K., Artelt,C., Stanat, P., & Schneider, W. (2019). Effects of training phonological awareness on children's reading skills. *Journal of Applied Developmental Psychology, 65*, 1-16.

Phillips, M., & Piasta, S. B. (2013). Phonological awareness and alphabet knowledge. Dans T. Shanahan, & Lonigan, Ch. J., *Early childhood literacy. The National Early Literacy Panel and beyond* (pp. 95–116). Baltimore: Paul Brookes Publishing.

Plume, E., & Schneider, W. (2004). *Hören, lauschen, lernen 2*. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht.

Pröscholdt, M., Michalik, A., Schneider, W., Duzy, D., Glück, D., Souvignier, E., & Penner, Z. (2013). Effekte kombinierter Förderprogramme zur phonologischen Bewusstheit und zum Sprachverstehen auf die Entwicklung der phonologischen Bewusstheit von Kindergartenkindern mit und ohne Migrationshintergrund. *Frühe Bildung*, *2(3)*, 122–132.

Reding, P., Biltgen, Ch., Hilger, M., Neuens, O., Koenen, M., Simon-Pirsch, N., Miesch, L., Vanolst, F., Brosius, E., Welter, J., Letsch, J. (2003-2011). *Mila.* Luxembourg: MENFPS.

Roehr-Brackin, K. (2018). *Metalinguistic awareness and second language acquisition*. New York: Routledge.

Romanowski, P., & Jedynak, M. (Eds.). (2018). *Current research in bilingualism and bilingual education*. Cham: Springer.

Roth, E., & Schneider, W. (2002). Langzeiteffekte der Förderung der phonologischen Bewusstheit und der Buchstabenkenntnis auf den Schriftspracherwerb. *Zeitschrift für Pädagogische Psychologie*, *16*, 99–108.

Rothenhöfer, U. (2009). *Lesebaum. Unterrichtstipps. Ebene 1. Erste Wörter. Hannover: Lesebaum-Verlag*.

Rothenhöfer, U. (2010). *Lesebaum. Unterrichtstipps. Ebene 1. Erste Sätze. Hannover: Lesebaum-Verlag*.

Rothenhöfer, U. (2006). L*esebaum. Unterrichtstipps. Ebene 2. Geschichten. Hannover: Lesebaum-Verlag*.

Rothenhöfer, U. (2009). *Lesebaum. Unterrichtstipps. Ebene 3. Geschichten. Hannover: Lesebaum-Verlag.*

Sauerborn, H. (2015). *Zur Bedeutung der Early Literacy für den Schriftspracherwerb.* Baltmannsweiler: Schneider Verlag Hohengehren.

Schmidt, M. (2012). *Gezielte Förderung lautsprachlicher Kompetenzen. Schritt für Schritt zum frühen Erwerb von Artikulation, Wortschatz, Grammatik in der Erst- oder Zweitsprache.* Dortmund: verlag modernes lernen.

Schmidt, M. (2014). *Kontextoptimierung mit mehrsprachigen Kindern: Mit Spielen und weiteren Materialien.* München: E. Reinhardt.

Schmidt, M. (2018). *Kinder in der Kita mehrsprachig fördern: Schritt für Schritt in die Praxis.* München: E. Reinhardt.

Schneider, W. (2012). Die Relevanz früher phonologischer Bewusstheit für den späten Schriftspracherwerb. *Frühe Bildung*, *1(4)*, 220–225.

Schneider, W. (2017). *Lesen und Schreiben lernen - Wie erobern Kinder die Schriftsprache?* Berlin: Springer-Spektrum.

Schneider, W., Ennemoser, M., Roth, E., & Küspert, P. (1999). Kindergarten prevention of dyslexia: Does training in phonological awareness work for everybody? *Journal of Learning Disabilities*, *32*, 429–436.

Schneider, W., Küspert, P., Roth, E., Visé, M., & Marx, H. (1997). Short- and long-term effects of training phonological awareness in kindergarten: Evidence from two German studies. *Journal of Experimental Child Psychology*, *66*, 311–340.

Schneider, W., & Marx, P. (2008). Früherkennung und Prävention von Lese-Rechtschreibschwierigkeiten. In F. Petermann, & W. Schneider, *Enzyklopädie der Psychologie, Serie Entwicklungspsychologie, Bd. 7 Angewandte Entwicklungspsychologie* (pp. 237-273). Göttingen: Hogrefe.

Schneider, W., Roth, E., & Ennemoser, M. (2000). Training phonological skills and letter knowledge in children at risk for dyslexia: A comparison of three kindergarten intervention programs. *Journal of Educational Psychology*, 284–295.

Schöppe, D., Blatter, K., Faust, V., Jäger, D., Stanat, P., Artelt, C., & Schneider, W. (2013). Effekte eines Trainings der phonologischen Bewusstheit bei Vorschulkindern mit unterschiedlichem Sprachhintergrund. *Zeitschrift für Pädagogische Psychologie*, *27(4)*, 241–254.

Shanahan, T. L. , & Lonigan, J.L. (Eds.). (2013). *Early childhood literacy. The National Early Literacy Panel and beyond*. Baltimore: Paul H. Brookes Publishing Co.

Souvignier, E., Dagmar, D., Glück, D., Pröscholdt, M., & Schneider, W. (2012). Vorschulische Förderung der phonologischen Bewusstheit bei Kindern mit Deutsch als Zweitsprache. Effekte einer muttersprachlichen und einer deutschsprachigen Förderung. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie*, *44(1)*, 40–51.

Thomé, G., & Thomé, D. (2016). *Deutsche Wörter nach Laut- und Schrifteinheiten gegliedert.* Oldenburg: isb.

Tonnar, C. K. (2010). *Ouverture aux langues à l'école. Vers des compétences plurilingues et pluriculturelles.* Luxembourg: MENFP.

Warnecke, A., Berg, K., Eichmeyer, A., Gönning, M., Kirsch, G., Kunze, H., Merkt, K., Oberstadt, H., Stiebritz, C., von Werder, K., Willmeroth, S. (2016). *Karibu*. Frankfurt: Westermann.

Wealer, C. (2019). Early literacy development in a multilingual education context: A quasi-experimental intervention and longitudinal study (Unpublished doctoral dissertation). University of Luxembourg & University of Sheffield, Luxembourg & England.

Weber, J., Marx, P., & Schneider, W. (2007). Die Prävention von Lese-Rechtschreibschwierigkeiten bei Kindern mit nichtdeutscher Herkunftssprache durch ein Training der phonologischen Bewusstheit. *Zeitschrift für Pädagogische Psychologie*, 21, 65–76.

Weinrich, M. Z. (2017). *Phonetische und phonologische Störungen bei Kindern. Aussprachtherapie in Bewegung.* Berlin: Springer.

Ëmsetzung an der Klass:
fir all Dag zwee kleng Lauschter-, Reim- oder Silbespiller

- Ënnen an der Tabell fannt Dir fir **all Dag zwou Aktivitéite** fir ronn 15 Minutten.
  - ◊ E flotte Moment fir d'Duerchféierung ass den **Iwwergang vum Fräispill zu der geleeter Dagesaktivitéit**. Mee vläicht passt fir Är Klassenorganisatioun en anere Moment besser.
  - ◊ D'**Haaptaktivitéit** ass all Dag nei a gehéiert **zum Programmopbau**.
  - ◊ **D'Widderhuelung** gräift op Aktivitéiten zeréck, déi schonns ënnert dëser oder enger änlecher Form bei den Haaptaktivitéiten agefouert goufen. Esou kann dat Geléiert nach eng Kéier **mat méi Liichtegkeet widderholl a gefestegt** ginn. Féiert dës Aktivitéit duerch, wann d'Zäit et zouléisst

- Fir **déi éischt 6 Woche si Lauschterspiller (Heft 1, gréng), Reimspiller (Heft 2, blo) a Silbespiller (Heft 3, rout)** virgesinn. Heizou fannt Dir an dëser Tabell eng méiglech Zäitorganisatioun fir all Dag. Am Laf vun den **nächsten 12 Woche kommen dann d'Ulautspiller an d'Lautspiller drun (Heft 4 a 5, orange a giel)**. Den Iwwerbléck dozou steet an der Tabell, déi op der nächster faarflecher Oftrennung (virum Heft 4) ofgebilt ass.

- Fir eng **Flexibilitéit vu ronn 20 Deeg** an der Zäitorganisatioun ze halen (z. B. fir en Ausfluch, eng Kolonie, eng Widderhuelung oder Eenzelaarbecht), gëtt geroden, fir **Ufank Januar** mat den Aktivitéite vum Programm unzefänken.

Programmstart: am beschten UFANK 2. Trimester

Dag	Heft (Säit)	Haaptaktivitéit vum Dag	Widderhuelung	Heft (Säit)
1	1 (2)	1.1 D'Sila stellt sech a säi Lauschter-Programm vir	1.2 Wat héiers du?	1 (4)
2	1 (4)	1.3 Wéi ee Geräisch héiers du?	1.2 Wat héiers du?	1 (4)
3	1 (5)	1.4 Héiers du den ...?	1.3 Wéi ee Geräisch héiers du?	1 (4)
4	1 (5)	1.5 Maach e Geräisch mat dengem Kierper!	1.4 Héiers du den ...?	1 (5)
5	1 (6)	1.6 Wéi ee Geräisch maachen ech?	1.5 Maach e Geräisch mat dengem Kierper!	1 (5)
6	1 (7)	1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!	1.6 Wéi ee Geräisch maachen ech?	1 (6)
7	1 (7)	1.8 Wéi kanns du nach schwätzen?	1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!	1 (7)
8	1 (8)	1.9 Wie sinn ech?	1.8 Wéi kanns du nach schwätzen?	1 (7)
9	2 (2)	2.1 D'Sila erkläert d'Reim-Sprooch (Deel 1)	2.2 Wat reimt dann hei?	2 (5)
10	2 (5)	2.3 Wat stëmmt do net?	1.5 Maach e Geräisch mat dengem Kierper!	1 (5)
11	2 (5)	2.2 Wat reimt dann hei?	1.9 Wie sinn ech?	1 (8)
12	2 (6)	2.4 Fënns du d'Reimwuert?	1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!	1 (7)

13	2 (6)	2.4 Fënns du d'Reimwuert?	1.8 Wéi kanns du nach schwätzen?	1 (7)
14	2 (7)	2.5 Wéi eng Billerkaart passt zum Reim?	1.11 Wat pësperen ech?	1 (10)
15	2 (7)	2.5 Wéi eng Billerkaart passt zum Reim?	1.11 Wat pësperen ech?	1 (10)
16	2 (8)	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	2 (8)
17	2 (9)	2.7 D'Sila erkläert d'Reim-Sprooch (Deel 2)	2.8 Zibbel, zabbel, zäert, du bass ee …	2 (10)
	2 (14)	Zousazaktivitéit fir all d'Kanner am geleete Fräispill oder Atelier: 2.11 E Reim-Memory		2 (14)
18	2 (8)	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!	1 (7)
19	2 (11)	2.9 Kribbel – krabbel – krauch, ech kribbelen dech um …	1.10 Wiem säin Numm gëtt gesot?	1 (9)
20	2 (11)	2.10 Eng kleng Maus sëtzt am …	1.11 Wat pësperen ech?	1 (10)
	2 (14)	Zousazaktivitéit fir all d'Kanner am geleete Fräispill oder Atelier: 2.12 E Reim-Dictionnaire		2 (14)
21	3 (4)	3.2 Ziel mol of!	2.10 Eng kleng Maus sëtzt am …	2 (11)
22	3 (5)	3.3 Klapp mäin Numm!	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	2 (8)
23	3 (3)	3.1 D'Sila erkläert d'Sila-Silbe-Sprooch	3.4 Beweeg dech am Rhythmus!	3 (6)
24	3 (6)	3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?	3.2 Ziel mol of!	3 (4)
25	3 (6)	3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?	3.3 Klapp mäin Numm!	3 (5)
26	3 (7)	3.6 Kanns du an der Sila-Silbe-Sprooch schwätzen?	3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?	3 (6)
27	3 (9)	3.8 Kanns du Silben hopsen?	3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?	3 (6)
28	3 (5)	3.3 Klapp mäin Numm!	3.2 Ziel mol of!	3 (4)
29	3 (9)	3.8 Kanns du Silben hopsen?	3.8 Kanns du Silben hopsen?	3 (9)
	3 (11)	Zousazaktivitéit fir d'Kanner aus dem C 1.2 am geleete Fräispill oder Atelier: 3.10 Wéi vill Silbe sinn am Wuert?		3 (11)
30	3 (8)	3.7 Gräif an d'Këscht!	3.8 Kanns du Silben hopsen?	3 (9)
31	3 (10)	3.9 Wéi wäit däerf ech reesen?	3.8 Kanns du Silben hopsen?	3 (9)
32	Kläert kuerz mat **all Kand aus dem C 1.2** eenzel of, ob et kann: • **d'Wierder a Silbe klappen**? (Aktivitéit 3.3 méi schwéier, mat Nimm vu Géigestänn) • him **bekannte Wierder an der Sila-Silbe-Sprooch verstoen**? (Aktivitéit 3.5) Brauche verschidde Kanner nach **zousätzlech Übung, am grousse Grupp, am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht**, éier datt et mat de méi schwéieren Ulautspiller weidergeet?			

HEFT 1

Lauschterspiller

Säit	Hannergrondinformatioun	Spiller an Aktivitéiten	Säit
2	Aféierung		
		1.1 D'Sila stellt sech a säi Lauschter-Programm vir	2
4	Geräischer lauschteren		
		1.2 Wat héiers du?	4
		1.3 Wéi ee Geräisch héiers du?	4
		1.4 Héiers du den ...?	5
5	Geräischer maachen		
		1.5 Maach e Geräisch mat dengem Kierper!	5
		1.6 Wéi ee Geräisch maachen ech?	6
7	Mat der Stëmm spillen		
		1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!	7
		1.8 Wéi kanns du nach schwätzen?	7
		1.9 Wie sinn ech?	8
9	Déi geschwate Sprooch lauschteren		
		1.10 Wiem säin Numm gëtt gesot?	9
		1.11 Lauschter, wat pësperen ech?	10



AFÉIERUNG

Am Alldag ass d'Sprooch oft mat enger visueller Informatioun verbonnen. Fir lues a lues an dat geschwatent Wuert eranzelauschteren an domat ze spillen, ass et wichteg, **sech op d'Lauschteren ze konzentréieren**. Dëst ass och eng wichteg Ausgangsbasis beim Schreiweléieren.

An engem éischte Schrëtt ginn d'Kanner fir d'**Lauschteren am Allgemenge** sensibiliséiert. Hei gëtt domat ugefaangen, d'Oueren ze spëtzen a Geräischer ganz genee ze lauschteren. Zu dësem Beräich kënnt Dir och interessant Diskussioune mat de Kanner féieren:
Wéi eng Geräischer héiere mir ëm eis?
(Wéi eng Geräischer héieren ech gären? Wéi eng Geräischer fäerten ech? ...)
Wat wär, wa mir näischt géifen héieren? (Leit, déi net méi esou gutt héieren; Déieren, déi ganz gutt héieren ...)
Wéi eng Saache maache vill Kaméidi? Wéi eng Saache maache wéineg Kaméidi? (lues an haart Geräischer; Geräischer, déi no oder wäit ewech sinn; grouss a kleng Resonanzkierper ...)

An engem zweete Schrëtt **steet d'Stëmm am Mëttelpunkt vun de Lauschterspiller**. Wat kënne mir alles mat eiser Stëmm maachen?

Mat de méi **einfache spillereschen Aktivitéite fir d'Lauschtere** kann **och schonns an der Education précoce** ugefaange ginn. Esou kann d'Konzentratioun op dat, wat een héiert, lues a lues opgebaut an iwwer d'Zäit weiderentwéckelt ginn.

AKTIVITÉITEN

1.1 D'Sila stellt sech a säi Lauschter-Programm vir

Zil

- eng kuerz Aféierung zu de Lauschterspiller ginn

Material

- d'Sila-Handpopp

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

ech sinn d'Sila. Ech sinn e Sprooch-Roboter an ech ka ganz vill Sprooche schwätzen.

Dofir hunn ech och all déi Programm-Knäppercher hei:
e gréngen, e bloen, e rouden, en orangen an e giele Knäppchen.

Ech bleiwen elo bei iech an der Klass, fir mat iech Spiller ze maachen. Da weisen ech iech och, wéi eng Sproochen ech scho kann. Fir all Sprooch muss een hei op e Programm-Knäppchen drécken.

An haut weisen ech iech mol mäi wichtegste Knäppchen. Dat ass dee gréngen hei. Wann ech hei op dee grénge Knäppchen drécken, dann hunn ech mäi Lauschter-Programm ageschalt. Deen ass ganz wichteg! Well fir eng nei Sprooch an nei Wierder ze léieren, muss ech ëmmer fir d'éischt de Lauschter-Programm aschalten.

Ech hunn zwar keng Ouere wéi dir fir ze lauschteren, mee dofir hunn ech meng Antenn. Mat där kann ech ganz gutt lauschteren.

Numm vun der Léierpersoun, kanns du wgl. emol hei op mäi grénge Knäppchen drécken, fir de Lauschter-Programm anzeschalten? Awer net ze fest!

Sidd emol ganz roueg, da weisen ech iech, wat ech mat mengem Lauschter-Programm alles héiere kann, wann ech ganz gutt lauschteren. Awer dir musst och wierklech roueg sinn, soss geet et net.

- e Villchen
- eng Dier
- een, dee schwätzt

Kënnt dir och esou gutt lauschtere wéi ech?
Musst dir dann och op de Lauschter-Programm-Knäppchen drécken, fir äre Programm anzeschalten?
Aha, do si verschidde Kanner, déi hunn och e Lauschter-Knäppchen. Wou muss du dann do drécken?
Also déi Kanner, déi e Lauschter-Knäppchen hunn, drécken emol lues drop.
An da geet et lass.

Maacht är Aen zou a lauschtert ganz gutt. Wa mir mam Lauschter-Test fäerdeg sinn, da soen ech „Stopp" an dir kënnt mir een nom anere soen, wat dir héieren hutt.

GERÄISCHER LAUSCHTEREN

1.2 Wat héiers du?

Ziler

- Geräischer aus der Ëmwelt bewosst héieren
- Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material

- Dëst Spill kann op deenen ënnerschiddlechste Plaze stattfannen: an der Klass, am Haff, am Bësch ...

Aktivitéit

D'Kanner maachen hir Aen zou a konzentréiere sech.
Si lauschteren d'Geräischer, déi si ronderëm sech héieren.
No enger Zäit maache se hir Aen erëm op a soen, wéi eng Geräischer se héieren hunn.

1.3 Wéi ee Geräisch héiers du?

Ziler

- Geräischer bewosst héieren
- Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material

- Geräischquellen, déi an der Klass sinn oder déi Dir matbruecht hutt
- eventuell Geräischer, déi schonn am Virfeld opgeholl goufen

Aktivitéit

D'Kanner sëtzen am Krees.
Maacht oder spillt de Kanner ee Geräisch vir.
Wann Dir Geräischquellen aus der Klass benotzt, da verstoppt dës hannert enger Decken oder engem Paravent (z. B. engem grousse Buch), fir datt d'Kanner se net gesinn. Frot d'Kanner, wat fir ee Geräisch se héieren hunn.

1.4 Héiers du den ...?

Zil

- Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material

- verschidden Instrumenter

Aktivitéit

D'Kanner wiele sech een Instrument eraus, dat och eng Kéier virgespillt gëtt.
Da maachen d'Kanner d'Aen zou an eng ganz Rei vun Instrumenter gi gespillt.
Gëtt dat Instrument gespillt, dat am Ufank erausgesicht gouf, strecken d'Kanner hir Hand aus.

Spillvariant

Dëst Spill kann och mat Alldagsgéigestänn gespillt ginn.

GERÄISCHER MAACHEN

1.5 Maach e Geräisch mat dengem Kierper!

Zil

- mam Kierper Geräischer maachen

Material

Aktivitéit

Wéi eng Geräischer kann ech mat mengen Hänn maachen?
Wéi eng Geräischer kann ech mat menge Féiss maachen?
Wéi eng Geräischer kann ech mat mengem Mond a menger Zong maachen?
Déi Kanner, deenen e Geräisch dozou afält, maachen dat Geräisch vir. Déi aner Kanner maachen et no.

Spillvariant

- D'Geräisch ganz haart a ganz lues oder ganz séier a ganz lues nomaachen.
- E Kand, dat sech verstoppt huet, mécht e Geräisch mat sengem Kierper, an déi aner Kanner versichen, dat Geräisch nozemaachen.

1.6 Wéi ee Geräisch maachen ech?

Ziler

- Geräischer mat verschiddene Geräischquelle maachen
- Geräischer erkennen an zouuerdnenn

Material

Hei eng Lëscht vu Méiglechkeeten:

- verschidden Zorte vu Pabeier falen, zerknujelen oder zerrappen
- eppes mat enger Schéier schneiden
- eppes op de Buedem fale loossen
- eng Klack bimmele loossen
- e Bläistëft spëtzen
- e Buch zouschloen
- an engem Buch bliederen
- eppes um Pabeier auswëschen
- eppes op ee Blat schreiwen
- Geräischer op Instrumenter maachen, déi de Kanner bekannt sinn
- eppes ëmfale loossen, z. B. Bauklëtz
- eppes op de Buedem fale loossen
- ...

Aktivitéit

D'Kanner siche sech all eng Saach aus der Klass, mat där se e Geräisch maache wëllen. Si setze sech an e Krees a weisen, wéi ee Geräisch si mat hirem Géigestand maache kënnen. Duerno leeë si hir Saach an d'Mëtt vum Krees.
Elo gëtt ee Kand ausgewielt, dat e Geräisch rode soll. Et geet virun d'Dier.
En anert Kand sicht wärend dëser Zäit eppes eraus, mat deem et e Geräisch maache wëllt.
Dat éischt Kand kënnt erëm an d'Klass, dréint sech mam Réck zum zweete Kand, lauschtert op d'Geräisch vum zweete Kand a versicht erauszefannen, wéi ee Geräisch et ass.

Spillvariant

Zwee Spiller siche sech déi selwecht Géigestänn eraus a setze sech mam Réck widdereneen. Ee Spiller mécht elo domat e Geräisch (z. B. hie klappert mam Bläistëft widder d'Blat). De Géigespiller probéiert, dat selwecht Geräisch ze imitéieren. Stëmme béid Geräischer iwwereneen, däerf deen zweete Spiller en neit Geräisch virginn.

MAT DER STËMM SPILLEN

1.7 Maach e Geräisch mat denger Stëmm!

Zil

- op déi eege Stëmm lauschteren

Material

- eventuell e passend Buch mat Klangmolerei

Aktivitéit

Et geet drëms, fir mat der eegener Stëmm Geräischer aus eiser Ëmwelt (Déierestëmmen, Maschinnegeräischer ...) ze imitéieren.
Hei kënnen déi verschidde Geräischer och vläicht zu Musek ginn.

Spillvariant

Déi Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen, kënnen Iech soen, wéi déi verschidden Déieren an hirer Sprooch maachen (z. B. wau, wau, ua, ua oder cocorico, kikiriki, cocorococo). Si kënnen hir „Déieresprooch" da virspillen, an déi aner Kanner probéieren, dës nozemaachen.

1.8 Wéi kanns du nach schwätzen?

Zil

- op de Rhythmus an d'Betounung vun der Sprooch lauschteren

Material

Aktivitéit

Op wéi eng verschidde Manéiere kanns du schwätzen?
(z. B. séier an ëmmer méi lues schwätzen, haart an ëmmer méi lues schwätzen, pësperen, eppes frou oder traureg soen, eppes mat enger ganz däischterer Stëmm soen, eppes piipsen, d'Stëmm verstellen, mat zougehalener Nues schwätzen ...).

Spillvariant

Well d'Pësperen net onbedéngt sou einfach ass a bei deenen nächste Spiller erëm optaucht, wier et flott, sech bei dëser Geleeënheet Zäit ze huelen, fir zesummen ze pësperen.

1.9 Wie sinn ech?

Ziler

- sech op déi geschwate Sprooch konzentréieren
- d'Stëmm genee lauschteren

Material

- eng Aemask, fir d'Aen ze verbannen

Aktivitéit

D'Matspiller stelle sech an e Krees.
E Spiller steet mat verbonnenen Aen an der Mëtt a gëtt e puermol ronderëm sech selwer gedréit. Och d'Spiller am Krees däerfen hir Plaz wiesselen.
D'Kand an der Mëtt weist op e Kand am Krees an nennt en Déier.
Dat Kand, op dat gewise gëtt, soll elo déi entspriechend Déierestëmm nomaachen.
Aufgab vum Kand an der Mëtt ass et, dat anert Kand un der Déierestëmm ze erkennen a säin Numm ze nennen.

Spillvariant

Zwee Spiller mat verbonnenen Ae stinn an der Mëtt an däerfe sech beroden.

DÉI GESCHWATE SPROOCH LAUSCHTEREN

1.10 Wiem säin Numm gëtt gesot?

Zil

- genee lauschteren, wat gepëspert gëtt

Material

Aktivitéit

D'Kanner sëtze bei hirem Dësch, leeën de Kapp op d'Äerm a maachen hir Aen zou.
D'Joffer pëspert den Numm vun engem Kand.
Wann dëst Kand säin Numm héiert, dann hieft et de Kapp a pëspert den Numm vun engem anere Kand, dat de Kapp nach op sengen Äerm leien huet, asw.

1.11 Wat pësperen ech?

Zil

- genee lauschteren, wat gepëspert gëtt

Material

Aktivitéit

Dir sëtzt mat de Kanner am Krees a pëspert deem Kand, dat lénks vun Iech sëtzt, ee Wuert oder ee Saz an d'Ouer.
Dëst Kand pëspert dann dat, wat et héieren huet, sengem lénken Noper weider an d'Ouer. D'Aktivitéit geet esou weider, bis den Tour beim leschte Kand ukomm ass. Dat lescht Kand seet dann haart an d'Klass dat ‚Sila-Roboter-Wuert', dat et héieren huet – dat et awer a Wierklechkeet warscheinlech guer net gëtt.
Dir verrot dann, wat Dir dem éischte Kand an d'Ouer gepëspert hat.

Spillvariant

Als Iwwerleedung zum Reim kënnt Dir de Kanner zwee Wierder, déi reimen, mat op de Wee ginn.

NOTIZEN



NOTIZEN



HEFT 2

Reimspiller

Säit	Hannergrondinformatioun	Spiller an Aktivitéiten	Säit
2	Aféierung		
		2.1 D'Sila erkläert d'Reim-Sprooch. (Deel 1)	2
5	De Reim lauschteren		
		2.2 Wat reimt dann hei?	5
		2.3 Wat stëmmt do net?	5
		2.4 Fënns du d'Reimwuert?	6
		2.5 Wéi eng Billerkaart passt zum Reim?	7
		2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	8
9	Reimer fannen		
		2.7 D'Sila erkläert d'Reim-Sprooch (Deel 2)	9
		2.8 Zibbel, zabbel, zäert, du bass ee ...	10
		2.9 Kribbel - krabbel - krauch, ech kribbelen dech um ...	11
		2.10 Eng kleng Maus sëtzt am ...	11
14	Zousazaktivitéiten		
		2.11 E Reim-Memory	14
		2.12 E Reim-Dictionnaire	14
15	Reim-Lëscht		

AFÉIERUNG

De Reim huet seng fest Plaz am **Lidd** an am **Gedicht**. Besonnesch am Cycle 1 begeeschtert a faszinéiert en. Soumat bitt de Reim **eng flott Aart a Weis, fir eng éischte Kéier** mam Kand **an d'Wuert eranzelauschteren**. De Reim spillt och eng gewësse Roll beim Liesen- a Schreiweléieren: Wierder, déi hannen d'nämmlecht kléngen, ginn dacks (wann och net ëmmer) d'nämmlecht geschriwwen.

Als Ënnerunitéit vun der Silb (z. B. H-aus, M-aus) ass de Reim net fir all Kand direkt einfach zougänglech. Wärend déi eng Kanner relativ schnell Reimwierder fannen, brauchen anerer de reegelméissege Kontakt mam Reim, fir dëse kënnen ze entdecken. **Iwwert déi nächst Woche fléissen dofir ëmmer ërem Reimspiller mat an d'Aktivitéiten an**.

Fir de Reim anzeféieren, gëtt d'Kand op **de Klang vum Wuert** (de Reim) sensibiliséiert. Hei gëtt op Reimwierder aus bekannten Texter (Lidder a Gedichter) zeréckgegraff. No an no geet et dann drëms, datt d'Kanner mierken, **ob zwee Wierder matenee reimen oder net**.

An engem nächste Moment **sichen d'Kanner selwer Reimkoppelen**. Hei ass et flott, e Reim-Dictionnaire mat de Kanner unzeleeën. Beim Reimwierder-Siche kréie si ufangs nach méi gehollef (z. B. duerch e Gest, e Bild, e Wuertufank ...). Heiansdo fënnt een och net esou liicht e Reimwuert. Da kann och schonns emol op e Sila-Reimwuert zeréckgegraff ginn. D'Sila-Reimwuert ass e Wuert, dat et a Wierklechkeet guer net gëtt (z. B. Hues, Sues). Dëst ass besonnesch interessant fir déi Kanner, déi zu dësem Zäitpunkt eréischt e klenge Wuertschaz am Lëtzebuergeschen hunn.

Wann d'Kanner schonn e gutt Gefill fir de Reim entwéckelt hunn, ass et flott, de Reim-Memory anzeféieren. Dëst Gesellschaftsspill erlaabt de Kanner, sech am klenge Grupp mam Reim auserneenzesetzen. Sou kann ee vun deem anere léieren. De Reim-Memory kann och fir dat méi autonoomt Schaffen am begleete Fräispill oder an Atelieren agesat ginn.

AKTIVITÉITEN

2.1 D'Sila erkläert d'Reim-Sprooch (Deel 1)

Zil

- Eng kuerz Aféierung an d'Reim-Sprooch

Material

- D’Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d’Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

elo, wou ech gesinn hunn, datt dir schonns richteg gutt lauschtere kënnt, weisen ech iech, wat ech alles mat mengem bloe Knäppche maache kann.

Dat ass e Sprooch-Programm. Wann ech hei op de bloe Knäppchen drécken, da kann ech an der Reim-Sprooch schwätzen.

Numm vun der Léierpersoun, kanns du wgl. emol hei op mäi bloe Knäppchen drécken, fir d’Reim-Sprooch anzeschalten? Awer net ze fest – dat hunn ech nämlech guer net gär.

An elo schwätzen ech an der Reim-Sprooch.
Numm vun der Léierpersoun, so mir mol e Wuert.

Léierpersoun:	Maus -
D’Sila iwwerleet a seet:	Maus - Haus
Léierpersoun:	Been -
D’Sila iwwerleet a seet:	Been - Steen
Léierpersoun:	Buch -
D‘Sila iwwerleet a seet:	Buch - Zuch - Duch - Kuch

Ei – d’Reim-Sprooch, déi kléngt esou schéin:
Maus - Haus
Been - Steen
Buch - Zuch - Duch - Kuch

A wie ka mir dann nach e Wuert soen?

Schoul ass e Wuert.
Dier ass e Wuert.
Tafel ass e Wuert.
Mauer ass e Wuert.
Kanner ass e Wuert.
Wuert ass e Wuert.

Wie kennt dann nach e klengt Wuert?

Am Fong gëtt et ganz vill Wierder …



Ho, ech gesinn, dir kennt scho ganz vill Wierder.

Da muss ech emol kucken, ob ech mat mengem Reim-Sprooch-Programm e Reimwuert fannen.

Dat ass net ëmmer sou einfach. Do muss ech scho gutt iwwerleeën. A wann ech iwwerleeën, da muss et ganz, ganz roueg sinn, soss geet dat bei mir guer net.

- D'Sila iwwerleet …

A, lo hunn ech eent:
E Wuert, dat e Kand gesot huet, an e Reimwuert

D'Sila iwwerleet:
E Wuert, dat e Kand gesot huet, an e Reimwuert

D'Sila iwwerleet:
E Wuert, dat e Kand gesot huet, an e Reimwuert

Sou, elo awer genuch geschwat. *D'Numm vun der Léierpersoun* léiert iech och d'Reim-Sprooch. Ech freeë mech schonn drop, wa mir zesumme reime kënnen.

A wann dir mol eng Kéier kee Reimwuert fannt, da frot mech!

DE REIM LAUSCHTEREN

2.2 Wat reimt dann hei?

Zil

- de Reim entdecken

Material

- Bicher mat Gedichter, Lidder oder Kannerspréchelcher, déi reimen
- d'Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d'Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Fir d'Aféierung vun der Notioun ‚Reim' ass et ideal, fir vu Gedichter, Lidder a Kannerspréchelcher auszegoen, déi d'Kanner scho kennen. Dëst Gedicht oder Lidd kënnt Dir lues Vers fir Vers virliesen (pësperen) an nëmmen d'Reimer haart an däitlech ausschwätzen.

Léiert och Ofzielreimer mat de Kanner. Déi kënne si an der Paus oder am Turne gebrauchen. Beim rhythmeschen Ofziele ginn d'Wierder schonn a Silben zerluecht, wat fir déi nächst Unitéit interessant ass. Handlungsreimer (Fangerspiller, Reimgeschichte mat passende Beweegungen ...) sinn dacks méi einfach ze verhalen an erlaben och emol, dobäi ze wibbelen. Bei deene meeschte Gedichter loosse sech einfach a passend Beweegungen dobäi maachen. D'Kanner kënnen dës Beweegungen och selwer proposéieren. Kuerz Gedichter a Lidder zu verschiddenen Aktivitéiten (araumen, heemgoen ...) kënnen als kleng Ritualer agesat ginn.

2.3 Wat stëmmt do net?

Zil

- selwer reime mat Hëllef vu bekannte Reimsätz oder Spréchelcher

Material

- Sätz aus Gedichter, Lidder oder Kannerspréchelcher, déi d'Kanner kennen an déi Dir verännert hutt, fir datt se net reimen
- d'Sila-Handpopp

Aktivitéit

Dës Aktivitéit baséiert op Sätz a Reimsätz, déi de Kanner scho bekannt sinn. Dir hutt se ëmgeschriwwen, fir datt se net méi reimen. Liest de Kanner Är „nei“ Sätz vir. Un de Kanner ass et elo, dat richtegt Wuert ze fannen, fir datt d’Sätz erëm reimen. Soss kann d’Sila och mat der Reim-Sprooch hëllefen.

2.4 Fënns du d’Reimwuert?

Zil

- passend Reimwierder fannen

Material

- e Gedicht- oder Lidderbuch mat Reimen
- d’Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d’Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Wann d’Kanner d’Lidd oder d’Reimgeschicht scho kennen, liest dës esou vir, datt Der d’Reimwierder extra betount (z. B. andeems Der se an d’Längt zitt). D’Kanner ginn esou op d’Reimwuert opmierksam. Stoppt virum zweete Reimwuert a loosst d’Kanner et sichen. Ass dem Sila säin Asaz gefrot?

Weider ass et flott, wann Dir mat deene Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen, kuckt, wéi ee Lidd, klengt Gedicht oder wéi een Ofzielreim si an dëser Sprooch kennen. Ass eng Reimkoppel erauszehéieren? Vläicht kënnen dem Kand seng Eltere weiderhëllefen, fir lech zwee Reimwierder doraus ze soen.

Am Krees kann d’Kand säi Lidd, Gedicht oder Ofzielreim virdroen. Héieren déi aner Kanner Wierder, déi reimen, eraus? Kennt dat Kand, dat virgedroen huet, zwee Wierder aus dem Text, déi reimen?

Spillvariant

Gräift eng Reimgeschicht op, déi d’Kanner scho kennen. Liest se vir a stoppt no all Grupp vu Reimwierder. Frot dann d’Kanner, wéi eng Wierder matenee gereimt hunn.

2.5 Wéi eng Billerkaart passt zum Reim?

Ziler

- éischte Kontakt mat de Reimwierder aus der Reim-Lëscht
- fir d'Kaartespill: déi richteg Wierder mat de Biller associéieren

Material

- déi grouss blo Billerkaarten (hannen am Classeur)
- d'Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d'Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Hänkt eng Rei grouss Billerkaarten (2 Biller: méi einfach, bis 5 Biller: ëmmer méi schwéier), z. B. an de Schoulgank. D'Wierder zu dëse Billerkaarte reimen net mateneen (z. B. Nues, Been, Duch). Dir benennt d'Biller zesumme mat de Kanner a betount dobäi de leschte Vokal a Konsonant (d. h. deen Deel vum Wuert, deen herno mat engem anere Wuert reimt – z. B. N**ues**, B**een**, D**uch**).

Dir wielt dann en neit Bild, dat mat engem vun deene Biller, déi opgehaange goufen, reimt (z. B. Duch). Dir benennt och dat neit Bild. D'Kanner sichen dat Bild, dat ophänkt an drop reimt (z. B. Duch). Da stelle si sech virun déi Billerkaart, vun där si mengen, datt se zum gesichte Wuert passt.

Zesumme mam Sila gëtt gekuckt, ob d'Äntwert déi richteg ass. D'Sila seet déi zwee Reimwierder mat der Betounung um Reim (z. B. D**uch** – B**uch**), an d'Kanner kucken, ob si richteg stinn.

Da beweegen d'Kanner sech erëm duerch de Raum, bis Dir dat nächst Wuert nennt (z. B. Steen).

Méi einfach:
Widderhuelt nach eemol dat Wuert, dat Dir an der Hand haalt (z. B. Duch) – esou wéi déi aner Wierder, déi opgehaange goufen –, mat der Betounung um Reim (z. B. N**ues**, B**een**, D**uch**, B**uch**).

- Fir d'Aufgabestellung méi einfach ze gestalten, kënnt Dir dem Kand och am Ufank nach weider Informatiounen zum gesichte Wuert ginn (z. B. Mir kënnen domat richen ...).

Méi schwéier:

- Wat méi Billerkaarten (bis zu 5 Stéck) als Alternativäntwerten ugebuede ginn, wat et méi schwéier ass, déi richteg Äntwert ze fannen.

- Am schwéiersten ass et, wa keng Billerkaarte méi als Alternativäntwerte proposéiert ginn. Hei muss d'Kand am eegene Wuertschaz sichen, fir dat proposéiert Wuert ze fannen. Dofir ass et wichteg, datt d'Kand dëst Wuert och kennt. Vläicht kann och dat eent oder anert Sila-Reimwuert weiderhëllefen, d. h. ee Wuert, dat reimt, mee dat et just an der Sila-Roboter-Sprooch gëtt (z. B. Duch – Guch).

2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?

Ziler

- Wierder erkennen, déi reimen
- fir d'Kaartespill: déi richteg Wierder mat de Biller associéieren

Material

- Reimkoppelen – déi kleng blo Reimkaarten (am bloe Säckelchen): eng kleng Kaart fir all Kand
- d'Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d'Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Wielt esou vill Reimkoppelen, datt all Kand aus der Klass eng kleng Reimkaart kritt (z. B. bei 16 Kanner braucht Dir 8 Reimkoppelen; bei enger ongerueder Kannerzuel huet ee Kand kee Reimpartner).

All Kand kritt eng kleng Reimkaart a benennt se. Da ginn d'Kanner duerch de Raum. Dir tippt engem Kand op d'Schëller. Dëst Kand seet säi Wuert an déi aner Kanner kucken, ob hiert Wuert domat reimt. Ass dat de Fall, ginn déi zwee Kanner, deenen hir Wierder reimen, zesummen duerch de Raum an tippen dat nächste Kand op d'Schëller. Bei enger ongerueder Zuel Kanner: Dat Kand, dat zum Schluss nach iwwereg bleift, gëtt de Reimkinnek oder d'Reimkinnigin.

Méi schwéier:
D'Kanner gi vun engem Kand zum aneren, leeën hir Biller beieneen a lauschteren, ob hir zwee Wierder matenee reimen. Ass dat de Fall, gi si zesummen duerch de Raum. Ass dat net de Fall, gi si weider bei dat nächst Kand. Sollte si sech net sécher sinn, komme si bei d'Sila, dat hinnen d'Wierder seet an de Reim dobäi méi staark betount. Dat geet esou laang, bis all d'Kanner hire Reim-Partner fonnt hunn.

REIMER FANNEN

2.7 D’Sila erkläert d’Reim-Sprooch (Deel 2)

Zil

- eng kuerz Aféierung an d’Reim-Sprooch

Material

- d’Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d’Reim-Sprooch)

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

dir wësst jo, mir si bei der Reim-Sprooch:

Numm vun der Léierpersoun - kanns du wgl. emol hei op mäi bloe Knäppchen drécken, fir anzeschalten? Net ze fest!

Maus - Haus
Been - Steen
Buch - Zuch - Duch - Kuch

Kanner - Banner

„Banner“ - dat heescht dach näischt, *Numm vun der Léierpersoun*? Oder?
An dat reimt awer, *Numm vun der Léierpersoun*? Oder?

Ha, dat ass mäin Trick!

Wann ech kee Reimwuert weess, da sichen ech selwer en neit Reimwuert,
dat et a Wierklechkeet guer net gëtt,
mee dat awer reimt.

Kanner - Banner
Tafel - Pafel

Dat si Sila-Reimwierder. - Déi hunn ech ganz eleng erfonnt!

Kennt dir och schonns Sila-Reimwierder, déi et a Wierklechkeet guer net gëtt?

Drubi
Zeru
Trolla
...

Wow, dat mécht mech awer richteg stolz, datt dir esou vill Sila-Wierder kennt!

Sou, elo awer genuch geschwat. Ech freeë mech schonns drop, wa mir zesumme reime kënnen.

A wann dir emol eng Kéier kee Reimwuert fannt, dann denkt un d'Sila-Reimwierder! Oder frot mech einfach.

2.8 Zibbel, zabbel, zäert, du bass ee ...

Zil

- kreativ mam Reim ëmgoen

Material

- Déierebiller aus der Billerkëscht ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung*' (Kaartennummeren tëschent 439 an 486)

Aktivitéit

Hei ginn Zauberspréch gesicht. Dir gitt de Kanner verschidden Zauberspréch vir, z. B.
Zibbel, zabbel, zäert, du bass e Päerd.
Zibbel, zabbel, zou, du bass eng Kou.
Zibbel, zabbel, zäin, du bass e Schwäin.
Duerno sollen d'Kanner aner Zauberspréch sichen (z. B. Wibbel, wabbel, waz, du bass eng Kaz ...). Natierlech kënnen och aner Wierder (net nëmmen Déieren) als Ausgangsbasis geholl ginn.
Och den Zaubersproch kann no Loscht a Laun geännert ginn. Heizou fannt Dir eng ganz Rei Billerkaarte vun Déieren an der Billerkëscht (439-486).

2.9 Kribbel – krabbel – krauch, ech kribbelen dech um …

Zil

- kreativ mam Reim ëmgoen

Material

- Billerkaarten aus der Billerkëscht ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung*' (Kaartennummeren tëschent 34 an 46)

Aktivitéit

D'Kanner doe sech zu zwee an zwee zesummen.
Déi eng Hallschent vun de Kanner läit um Buedem, déi aner Hallschent seet dëse Reim hei:

Kribbel – krabbel – krauch, ech kribbelen dech um Bauch.
Kribbel – krabbel – kranger, ech kribbelen dech um Fanger.
Kribbel – krabbel – krous, ech kribbelen dech um Fouss.
asw.
No all Vers kribbelen d'Kanner hirem Spillpartner de genannte Kierperdeel.

No kuerzer Zäit kënnen d'Kanner de Kierperdeel schonns erroden an de Reim selwer fäerdeg soen.

Dëse Sproch kann no Loscht a Laun geännert ginn. Heizou fannt Dir eng ganz Rei Billerkaarte vu Kierperdeeler an der Billerkëscht. (34–46)

2.10 Eng kleng Maus sëtzt am …

Zil

- selwer passend Reimwierder fannen

Material

- d'Sila-Handpopp (mam bloe Programm-Knäppche fir d'Reim-Sprooch)
- déi passend blo Billerkaarten (hannen am Classeur)
- eventuell: zousätzlech Biller aus der Billerkëscht *‚Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung'*

Aktivitéit

Fir d'Aktivitéit virzestellen, kënnt Dir e puer Sätz oder Ausdréck mat Reimwierder virliesen. Duerno kënnen d'Kanner déi Sätz, déi Dir hinne proposéiert, mam richtege Reimwuert vervollstännegen a selwer esou Sätz erfannen.

Wann et am Ufank fir d'Kanner nach schwéier ass, d'Reimwuert, dat de Saz completéiert, selwer ze fannen, da kënnt Dir de Kanner och Hëllefstellung ginn, andeems Dir z. B. de Reim mat engem Gest begleet, e passend Bild weist oder d'Sila frot.

Wann d'Kanner de Prinzip verstanen hunn, kënne si och selwer Reimsätz fannen.

Mat de bloe Billerkaarten hannen am Classeur:
Eng kleng Maus (2.8)
sëtzt am (Haus, 1.8).

Kuck, dee Jong (1.2)
weist seng (Zong, 2.2).

Mat Waasserfaarwen a Pinsel (1.6)
molen ech dir eng schéin (Insel, 2.6).

Ee klengt Kand (1.1)
spillt am (Wand, 2.1).

Bleif dach emol stoen (1.16),
ech kann net schnell (goen, 2.16).

D'Liz kacht senger Popp (1.12)
eng gutt waarm (Zopp, 2.12).

Den Hues (2.3)
richt mat senger (Nues, 1.3).

De Pirat (1.13)
ësst gär (Spinat, 2.13).

Mir mécht et Spaass ze sprangen (1.15)
an dobäi ganz haart ze (sangen, 2.15).

Mat zousätzleche Biller aus der Billerkëscht ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung*':

E grousse Jong (4)
stréckt seng (Schong, 206).

E klengt Kand (2)
spillt am (Sand, 240).

Den Elefant (463)
läit do am (Sand, 240).

Kuck, déi Schlaang (468)
ass ganz (laang, 544).

Do sëtzt eng Méck (456)
op mengem (Réck, 35).

Ech sëtzen am Zuch (293)
a kucken e (Buch, 70).

Ech gi lues (543)
bei den (Hues, 443).

Mir kachen an der Kichen (169).
Ei, wat gëtt et do ze (richen, 26).

Den Hond billt (440).
De Jong (spillt, 242).

Méi schwéier:
Weist de Kanner zwou Billerkaarten zu Wierder, déi matenee reimen. Kënne si scho selwer kleng Reimsätz dozou fannen?
Vläicht hunn d'Kanner och deen een oder anere Reim am Radio, um Fernsee oder soss anzwousch héieren.

ZOUSAZAKTIVITÉIT

Klassenorganisatioun: am geleete Fräispill oder Atelier

2.11 E Reim-Memory

Zil

- am klenge Grupp mam Reim spillen

Material

- déi kleng blo Reim-Kaarten (am bloe Säckelchen)

Aktivitéit

Duerch déi verschidden Aktivitéiten an dësem Heft sinn d'Kanner deelweis scho vertraut mat de Wierder, déi zu de Biller passen. Virum Spill kënnt Dir d'Biller nach emol mat de Kanner benennen. D'Reegele vum Spill sinn déi vum Memory: Dat Kand, dat zwee Biller ëmdréit, déi matenee reimen, däerf dës behalen.

2.12 E Reim-Dictionnaire

Zil

- iwwer eng länger Zäitspan fir de Reim sensibiliséieren

Material

- Zeitungen oder Reklammen
- Faarwen, Schéier a Pech
- Blieder, fir zu engem Buch zesummenzebannen (oder eventuell e Classeur)

Aktivitéit

D'Kanner molen ëmmer zwee Wierder, déi sech reimen (oder se schneide Fotoen aus Zeitungen eraus). D'Blieder mat de Reimwierder ginn als Buch zesummegebonnen oder an e Classeur gemaach an an d'Klassebibliothéik gestallt. Sou kënnen d'Kanner ëmmer erëm dorop zeréckgräifen. De Reim-Dictionnaire soll no an no ergänzt ginn. Weider kënnt Dir de Reim-Dictionnaire vun Zäit zu Zäit eraushuelen a mat de Kanner duerchkucken.

Well de Reim-Dictionnaire iwwer d'Eralauschteren an d'Wuert opgebaut gëtt, kënnen déi Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen, och Reimwierder an hirer Sprooch afügen. Fir déi verschidde Sprooche bewosst auserneenzehalen, soll allkéiers e Blat an enger anerer Faarf benotzt ginn.

Reim-Lëscht

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am bloe Säckelchen).

1.1	Kand	2.1	Wand
	Kind		Wind
1.2	Jong	2.2	Zong
	Junge		Zunge
1.3	Nues	2.3	Hues
	Nase		Hase
1.4	Been	2.4	Steen
	Bein		Stein
1.5	Buch	2.5	Duch
	Buch		Tuch
1.6	Pinsel	2.6	Insel
	Pinsel		Insel
1.7	rout	2.7	Brout
	rot		Brot
1.8	Haus	2.8	Maus
	Haus		Maus
1.9	Glas	2.9	Gras
	Glas		Gras
1.10	kal	2.10	al
	kalt		alt
1.11	Dësch	2.11	Fësch
	Tisch		Fisch
1.12	Popp	2.12	Zopp
	Puppe		Suppe
1.13	Pirat	2.13	Spinat
	Pirat		Spinat
1.14	Ball	2.14	Stall
	Ball		Stall
1.15	sprangen	2.15	sangen
	springen		singen
1.16	stoen	2.16	goen
	stehen		gehen
1.17	Noss	2.17	Floss
	Nuss		Fluss
1.18	Kou	2.18	zou
	Kuh		zu
1.19	Schlaang	2.19	Zaang
	Schlange		Zange
1.20	Schwan	2.20	Kran
	Schwan		Kran

NOTIZEN



HEFT 3

Silbespiller

Säit	Hannergrondinformatioun	Spiller an Aktivitéiten	Säit
2	Aféierung		
		3.1 D'Sila erkläert d'Sila-Silbe-Sprooch	3
4	D'Silb an de Rhythmus		
		3.2 Ziel mol of!	4
		3.3 Klapp mäin Numm!	5
		3.4 Beweeg dech am Rhythmus!	6
6	D'Silben zum Wuert zesummesetzen		
		3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?	6
7	D'Wuert a Silben zerleeën		
		3.6 Kanns du an der Sila-Silbe-Sprooch schwätzen?	7
		3.7 Gräif an d'Këscht!	8
		3.8 Kanns du Silben hopsen?	9
		3.9 Wéi wäit däerf ech reesen?	10
11	Verdéiwungsaktivitéit just fir d'Kanner ab dem C 1.2		
		3.10 Wéi vill Silbe sinn am Wuert?	11
12	Silbe-Lëscht		

AFÉIERUNG

D'Sensibilitéit fir d'Silb bereet op d'Sensibilitéit fir de Laut vir. D'Sensibilitéit fir de Laut spillt hirersäits eng wichteg Roll beim Liesen- a Schreiweléieren. Verschidde Fibelen oder méi geziilte Förderprogrammer gräifen direkt op d'Silb zeréck, fir **d'Aféierung vu méi komplexen orthografesche Schreiwungen**. Weider gëtt et eng Rei Liestexter, déi als Zil hunn, **duerch d'Strukturatioun an d'Silb d'Liesflëssegkeet ze steigeren**.

D'Silb ass méi einfach aus dem geschwate Wuert erauszehéiere wéi de Laut. Am Géigesaz zum eenzele Laut gëtt d'Silb **staark vum Rhythmus vun der Sprooch gepräägt**. Beim rhythmeschen Ofzielen oder beim Sange gëtt zum Beispill ganz spontan a Silbe strukturéiert.

Am Ufank ginn **d'Wierder a Silben zerluecht, fräi nom Rhythmus vun der Sprooch** (Ofzielreimer, Lidder, Wierderklappen, Sila-Silbe-Sprooch). D'Kanner ginn op eng ganz intuitiv a spontan Aart a Weis un d'Silb erugefouert. Dës Silbespiller kënnen hir Plaz och schonn an der Education précoce fannen.

Dono **zerleeën d'Kanner d'Wuert méi bewosst a Silben**. Dëst kann z. B. duerch d'Ziele vun de Silben am Wuert erreecht ginn.

Besonnesch beim Verbanne vu Silben zum Wuert ass et wichteg, mat Wierder ze schaffen, déi d'Kanner scho kennen. Interessant ass et och ze wëssen, datt d'Strukturéiere vum Wuert a Silben (duerch déi rhythmesch Betounung) verschidde Kanner kann hëllefen, fir d'Wierder genee ze verhalen an auszeschwätzen, d. h. ouni Deeler dovun ze vergiessen oder ze verschlécken.

Éier d'Aktivitéiten zum Ulaut ugefaange ginn, soll all Kand aus dem Cycle 1.2 kënnen:

- **d'Wierder a Silbe klappen (Aktivitéit 3.3 méi schwéier, mat Nimm vu Géigestänn)**
- **him bekannte Wierder an der Sila-Silbe-Sprooch verstoen (Aktivitéit 3.5)**

Kläert dëst mat all Kand aus dem C 1.2 of an entscheet, wien heizou nach zousätzlech Übung brauch, éier et mat de méi schwéieren Ulautspiller weidergeet. Dës Widderhuelung kann, **jee no Bedarf, am grousse Grupp, am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht stattfannen**.

AKTIVITÉITEN

3.1 D'Sila erkläert d'Sila-Silbe-Sprooch

Zil

- eng kuerz Aféierung an d'Sila-Silbe-Sprooch

Material

- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

haut kënnt eng vu menge Liblingssproochen: d'Sila-Silbe-Sprooch! Déi kléngt esou schéin ewéi e Roboter. Ech si jo och e Sprooch-Roboter.

Numm vun der Léierpersoun, dréck emol wgl. op mäi schéine roude Knäppchen hei an der Mëtt. Awer – du weess jo – net ze fest!

(Am Rhythmus vun der Silbe-Sprooch beweegt d'Sila säi Kierper säitlech no lénks a riets.)

Moi-en-ech-sinn-d'Si-la-Ro-bo-ter.
Ech-schwät-ze-gä-ren-an-der-Sil-be-Sprooch.

Ei, dat kléngt esou schéi wéi e Roboter!

Numm vun der Léierpersoun, so mir emol e Wuert.

Léierpersoun:	Tafel
D'Sila seet:	Ta-fel (wippt am Rhythmus hin an hier)
Léierpersoun:	Pirat
D'Sila iwwerleet a seet:	Pi-rat



Uuuu, dat ass esou eng schéi Sila-Silbe-Sprooch.

Wie kennt dann nach e Wuert?

Wow, dat si jo richteg vill Wierder!

Ech probéiere mol, an der Sila-Silbe-Sprooch ze schwätzen.

D'Sila seet de Kanner hir Wierder an der Sila-Silbe-Sprooch.

Lo ass et awer un iech. An e puer Deeg géing ech gäre mat jidderengem vun iech an der Silbe-Sprooch schwätzen. Do freeën ech mech schonns drop!

D'SILB AN DE RHYTHMUS

3.2 Ziel mol of!

Ziler

- de Rhythmus vun der Sprooch erkennen
- Wierder a Silben zerleeën

Material

Aktivitéit

Op dëser Plaz ass et interessant, nach eng Kéier op d'Ofzielreimer zeréckzekommen. Duerch de Rhythmus vum Ofzielreim ginn d'Wierder a Silben zerluecht (z. B. Eng – kleng – Mic – ky – Maus – ...).

D'Wierder gi kloer a Silben zerluecht a bei all nei Silb weist d'Kand, dat ofzielt, mam Fanger op dat nächst Kand.

Ganz wichteg!

Fir déi Wierder, déi mat engem **Duebelkonsonant** geschriwwe ginn (z. B. **ren-nen, tup-pen, klap-pen** ...) ass et wichteg, datt Dir selwer **d'Wuert wéi am Beispill opdeelt**, dat heescht, d'Trennung tëschent den zwee Duebelkonsonante setzt. Dëst ass e wichtege Schrëtt am Opbau vun der orthografescher Strategie am Cycle 2.

Dir wësst, wéi d'Wuert geschriwwe gëtt a kënnt d'Trennung tëschent den Duebelkonsonante maachen. **D'Kanner aus der Klass gi just op hiert Gehéier a setzen d'Silbentrennung warscheinlech anescht (tu-ppen, kla-ppen)**. Bei de Kanner kënnt Dir **zu dësem Zäitpunkt dës Trennung esou unhuelen**, ouni se ze verbesseren. Wichteg ass just, datt Dir selwer déi Wierder, déi Dir virgitt, an der Mëtt vum Duebelkonsonant trennt (z. B. rul-len, klam-men, spil-len ...).

3.3 Klapp mäin Numm!

Zil

- de Rhythmus vun der Sprooch notzen, fir d'Silb ze erliewen

Material

- méi schwéier: déi kleng rout Silbe-Kaarten aus dem roude Säckelchen

Aktivitéit

Sot dem Kand säin Numm: Klappt dobäi an d'Hänn, fir datt déi eenzel Silbe gutt betount ginn. D'Kand widderhëlt säin Numm mat lech a klappt dobäi och an d'Hänn. Duerno kann d'Kand säin Numm selwer klappen.

Spillvarianten

- D'Kanner soen hiren Numm lues (oder séier) an zerleeën en a Silben.
- Dir kënnt de Kanner hir Nimm natierlech och am Rhythmus sprangen, mat engem Géigestand op den Dësch klappen asw.
- All Kand ka sech selwer ee Geräisch sichen, mat deem et säin Numm ka rhythmesch begleeden. Sou kënnt Dir e ganze Concert maachen.

Méi schwéier:

- Amplaz vun de Kanner hiren Nimm kënnt Dir och d'Nimm vu Géigestänn huelen.
- D'Kanner kënnen och eng Silbe-Kaart aus dem roude Säckelchen zéien, d'Bild benennen an dann d'Wuert a Silbe klappen.

3.4 Beweeg dech am Rhythmus!

Zil

- de Rhythmus vun der Sprooch an der Beweegung notzen, fir d'Silb ze erliewen

Material

Beispill-Wierder:

go-en	klap-pen
hop-sen	tup-pen
wei-sen	dan-zen

Aktivitéit

Dir nennt e Verb a maacht rhythmesch déi passend Beweegung dozou.
Sot dat Verb esou, datt Dir tëscht all Silb eng Paus maacht an esou d'Wuert kloer a Silben zerleet (z. B. hop – sen).

D'Kanner beweege sech dann am Rhythmus vun de Silben a soen dobäi d'Verb an dësem Silberhythmus (hop – sen, hop – sen ...).

Spillvariant

- Fir déi eenzel Silbe besser ze betounen, kënnen d'Kanner de Rhythmus vum Wuert am Ufank och mat den Hänn klappen.

D'SILBEN ZUM WUERT ZESUMMESETZEN

3.5 Verstees du d'Sila-Silbe-Sprooch?

Zil

- d'Silben zu engem Wuert zesummesetzen

Material

- déi rout Billerkaarten zu de Silbespiller hannen am Classeur
- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Leet de Stouss Biller mat der Zeechnung no ënnen an d'Mëtt.
Huelt déi éischt Kaart vum Stouss erof a sot den Numm vum Géigestand an der Sila-Silbe-Sprooch. Hei hëlleft d'Sila gäre weider.

Wann d'Kanner d'Wuert fonnt hunn, wat d'Sila an der Sila-Silbe-Sprooch gesot huet, weist Dir hinnen d'Bild: Esou kënne si selwer nokucken, ob hir Äntwert déi richteg ass.

Méi schwéier:
Déi Kanner, déi scho prett sinn, kënnen Är Roll iwwerhuelen, fir Wierder an der Sila-Silbe-Sprooch ze soen. Un deenen anere Kanner ass et, d'Wuert ze erroden.

D'WUERT A SILBEN ZERLEEËN

3.6 Kanns du an der Sila-Silbe-Sprooch schwätzen?

Zil

- de Rhythmus vun der Sprooch notzen, fir d'Wierder beim Schwätze ganz bewosst a Silben ze zerleeën

Material

- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Wielt ee Lidd, dat Dir grad mat der Klass gesongen hutt, a sot de Liddertext mat de Kanner zesumme rhythmesch op (huelt eventuell e Rhythmusinstrument dobäi). Gären hëlleft d'Sila mat der Sila-Roboter-Sprooch weider.
Sou ginn d'Wierder an hir eenzel Silben zerluecht.
Duerno kënnen och aner Sätz an dëser Sila-Silbe-Sprooch geschwat ginn.

3.7 Gräif an d'Këscht!

Ziler

- Wierder bewosst a Silben zerleeën
- d'Zuel vun de Silben erkennen

Material

- de Säckelche mat de klenge roude Silbe-Kaarten (oder eventuell mat klenge Géigestänn)
- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Huelt de Säckelche mat de klenge roude Silbe-Kaarten (oder eventuell mat klenge Géigestänn). Kuckt, datt déi passend Wierder eng ënnerschiddlech Zuel vu Silben hunn.

Ee Kand gräift an de Säckelchen, zitt eng Silbe-Kaart (oder een Objet) eraus a benennt dës(en).
Duerno gëtt den Numm a Silben zerluecht (am einfachsten dobäi an d'Hänn klappen) an an der Sila-Silbe-Sprooch gesot. Wann néideg, hëlleft d'Sila gäre weider.

Méi schwéier:
- Déi Kanner, déi dat scho kënnen, zielen d'Silben op de Fanger of.
- D'Spill kann ee méi schwéier maachen, wann ee Saache mat méi Silben hëlt.
- Wann Dir Kanner am Grupp hutt, déi immens staark sinn, da kënnt Dir se froen, lech d'Zuel vun de Silben direkt, ouni ze klappen an ouni haart virzesoen, ze verroden.

3.8 Kanns du Silben hopsen?

Zil

- all Silb aus dem Wuert mat jee engem visuellen Zeeche markéieren

Material

- dräi Reefer
- déi grouss rout Billerkaarten zu de Silbespiller (hannen am Classeur)
- déi grouss rout Wierfel-Kaarten (am roude Säckelchen)
- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Wann d'Kanner hiren Numm selwer klappe kënnen, léiere si, d'Silben am Numm ze zielen.

Leet dräi Reefer op de Buedem mat jee enger grousser Wierfel-Kaart doniewent (ee bis dräi Punkten).

Als éischt ginn de Kanner hir Nimm gehopst. Dono kënnt Dir weider Wierder vun de roude Billerkaarte benotzen.

Wielt am Ufank e Wuert mat enger oder zwou Silben. Weist de Kanner dat passend Bild a benennt et. Wéi vill Silben huet dat Wuert?

Fir erauszefannen, wéi vill Silben am Kannernumm oder am Wuert sinn, gëtt d'Wuert fir d'éischt an der Sila-Silbe-Sprooch gesot a geklappt. Hei kann d'Sila och emol weiderhëllefen.

Dono gëtt et gehopst: Am Ufank steet d'Kand virun der Rei mat Reefer. Fir déi éischt Silb spréngt et an den éischte Reef asw.

Ass d'Wuert fäerdeg gehopst, weisen d'Punkten op der grousser Punkte-Kaart, wéi vill Silben an dësem Wuert sinn.

Déi aner Kanner kënnen d'Wuert mat an der Sila-Silbe-Sprooch soen a gläichzäiteg d'Silben op de Fanger ofzielen. Pro Silb gëtt jee ee Fanger ausgestreckt (dobäi gëtt mam Daum ugefaangen an no an no kënnt e weidere Fanger dobäi).

Méi schwéier:
Wat d'Wuert méi Silben huet, wat d'Silben-Ziele méi schwéier ass.

3.9 Wéi wäit däerf ech reesen?

Zil

- d'Zuel vun de Silben erkennen

Material

- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Ee Kand steet bei der Mauer. Déi aner Kanner stinn um aneren Enn vum Raum a froen eent nom aneren: „Wéi wäit däerf ech reesen?"

D'Kand bei der Mauer gëtt als Äntwert z. B. Virnimm, Faarwen, Wierder zum aktuellen Thema .... D'Kand, dat gefrot huet, versicht erauszefannen, wéi vill Silben am Wuert dra sinn. Gëtt dem Sila säin Asaz mat der Sila-Silbe-Sprooch nach gebraucht? Elo däerf d'Kand esou vill Schrëtt weidergoen, wéi Silben am Wuert sinn. Wien däerf am wäitste reesen?



VERDÉIWUNGSAKTIVITÉIT FIR D'KANNER AUS DEM CYCLE 1.2

Klassenorganisatioun: am geleete Fräispill oder Atelier

3.10 Wéi vill Silbe sinn am Wuert?

Zil

- all Silb aus dem Wuert op de Fanger ofzielen

Material

- déi rout Silbe-Kaarten (am roude Säckelchen)
- déi grouss rout Wierfel-Kaarten
- d'Sila-Handpopp (mam roude Programm-Knäppche fir d'Sila-Silbe-Sprooch)

Aktivitéit

Duerch déi viregt Aktivitéite kennen d'Kanner zum Deel schon d'Wierder, déi zu de Silbe-Kaarte passen. Benennt d'Kaarten eventuell nach emol mat de Kanner.

Dës Aktivitéit ass schonns duerch d'Aktivitéit vum Silben-Hopsen an der Klass virbereet ginn. Wann d'Zerleeë vum Wuert an déi eenzel Silben nach schwéier ass, kann d'Sila gäre mat der Sila-Silbe-Sprooch weiderhëllefen.

Fir ze kucken, wéi vill Silben e Wuert huet, zielen d'Kanner d'Silben op de Fanger of. Da gëtt déi kleng rout Silbe-Kaart bei déi passend grouss rout Wierfel-Kaart (een, zwee oder dräi Punkten) geluecht. Fir ofzeschléisse gitt Dir mat de Kanner d'Kaarte vun engem Koup duerch. Leien all d'Kaarten um passende Koup? Am anere Fall hëlleft d'Sila gäre mat der Sila-Silbe-Sprooch weider.

Silbe-Lëscht

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am roude Säckelchen).

eesilbeg Wierder (12)		
1.1	Kapp	Kopf
1.2	Zant	Zahn
1.3	Mond	Mund
1.4	Bauch	Bauch
1.5	Buch	Buch
1.6	Haus	Haus
1.7	Glas	Glas
1.8	Sand	Sand
1.9	Ball	Ball
1.10	Fësch	Fisch
1.11	Schnéi	Schnee
1.12	Bam	Baum
zweesilbeg Wierder (12)		
2.1	Ta-fel	Ta-fel
2.2	laa-chen	la-chen
2.3	Pin-sel	Pin-sel
2.4	Man-tel	Man-tel
2.5	Pi-rat	Pi-rat
2.6	la-fen	lau-fen
2.7	Mu-schel	Mu-schel
2.8	Au-to	Au-to
2.9	Spi-nat	Spi-nat
2.10	Ti-ger	Ti-ger
2.11	Del-fin	Del-fin
2.12	In-sel	In-sel
dräisilbeg Wierder (6)		
2.13	Li-ne-al	Li-ne-al
2.14	Com-pu-ter	Com-pu-ter
2.15	A-na-nas	A-na-nas
2.16	E-le-fant	E-le-fant
2.17	Kro-ko-dil	Kro-ko-dil
2.18	Pa-pa-gei	Pa-pa-gei

Ëmsetzung an der Klass:
Ulaut- a Lautspiller

- Och fir d'Ulaut- a Lautspiller ass fir **all Dag eng Haaptaktivitéit** fir all d'Kanner virgesinn.
- Zousätzlech gëtt **op passend Verdéiwungsaktivitéite fir d'Kanner aus dem C 1.2 am Heft 5 verwisen**. Dës Informatioune sinn an der zweeter Kolonn vun der Tabell ze fannen.
- Fir ee méi **autonoomt Spillen** a Schaffe vun de **Kanner aus dem C 1.2** am klenge Grupp ze ënnerstëtzen, gi fir dës Verdéiwungsaktivitéite **verschidden didaktesch Materialie** benotzt.
- Vun der Klassenorganisatioun hier kënnen dës Verdéiwungsaktivitéite fir d'Kanner vum C 1.2 zum Beispill einfach am **geleete Fräispill oder Atelier stattfannen**. Eng aner Méiglechkeet besteet doran, dass **d'Kanner aus dem C 1.2 aus zwou Klassen all zesummen** an ee Klasseraum ginn (z. B. am Fräispill) an all d'Kanner aus dem C 1.1 wärend där selwechter Zäit am anere Klasseraum zesumme spillen oder Aktivitéite maachen.

Schrëft am Alldagskontext entdecken			
32 bis 36	Heft 4	**4.1 D'Schrëftdetektiven** **D'Buschtawen am Ëmfeld** **D'Buschtawen am Numm** **D'Buschtawen an de Bicher**	Säit 4-5

Ulautspiller				
Dag	**Heft (Säit)**	**Haaptaktivitéit vum Dag fir all d'Kanner (Heft 4)**	**Verdéiwungsaktivitéit just fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (Heft 5)**	**Heft (Säit)**
37	4 (6)	4.2 D'Sila erkläert d'Ulaut-Sprooch.		
38	4 (9)	4.3 Mierksaz fir den M-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum M-Laut	5 (3)
39	4 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
40	4 (25)	4.10 Artikulatioun vum M-Laut	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf M	5 (4)
41	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf M genau aus?		
42	4 (12)	4.4 Mierksaz fir den A-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum A-Laut	5 (3)
43	4 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
44	4 (26)	4.11 Artikulatioun vum A-Laut		
45	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf A genau aus?	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf A	5 (4)
46	2 (8)	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (A, M)	5 (6)

Dag	Heft (Säit)	Haaptaktivitéit vum Dag fir all d'Kanner (Heft 4)	Verdéiwungsaktivitéit just fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (Heft 5)	Heft (Säit)
47	4 (15)	4.5 Mierksaz fir de R-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum R-Laut	5 (3)
48	4 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
49	4 (27)	4.12 Artikulatioun vum R-Laut		
50	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf R genau aus?	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf R	5 (4)
51	2 (11)	2.9 Kribbel – krabbel – krauch …	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (R, A)	5 (6)
52		**Kläert kuerz mat all Kand aus dem C 1.2 eenzel of**, ob et entscheede kann, **wéi ee Wuert mat engem bestëmmten Ulaut ufänkt** (M-Ulaut, A-Ulaut respektiv R-Ulaut). Déi konkreet Ëmsetzung vum Billerkaarten-Sortéieren ass am zweeten Deel vun den Aktivitéite 4.3, 4.4 a 4.5 beschriwwen. **Brauche verschidde Kanner aus dem C 1.2 nach zousätzlech Übung**, am grousse Grupp, am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht, éier et mat den nächsten Ulautspiller weidergeet?		
53	4 (18)	4.6 Mierksaz fir de S-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum S-Laut	5 (3)
54	4 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
55	4 (28)	4.13 Artikulatioun vum S-Laut		
56	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf S genau aus?	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf S	5 (4)
57	2 (11)	2.10 Eng kleng Maus sëtzt am …	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (S, R)	5 (6)
58	4 (20)	4.7 Mierksaz fir de L-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum L-Laut	5 (3)
59	4 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
60	4 (29)	4.14 Artikulatioun vum L-Laut		
61	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf L genau aus?	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf L	5 (4)
62	2 (8)	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (L, S)	5 (6)
63	2 (22)	4.8 Mierksaz fir den I-Laut	5.1 Ulaut-Dictionnaire zum I-Laut	5 (3)
64	2 (24)	4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?		
65	4 (30)	4.15 Artikulatioun vum I-Laut		

66	4 (31) (34)	4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut? 4.17 Wéi gesäit de Buschtaf I genau aus?	5.2 Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf I	5 (4)
67	2 (11)	2.10 Eng kleng Maus sëtzt am ...	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (I, L)	5 (6)
68	4 (9-22)	Widderhuelung Mierksaz 1 (Aktivitéiten 4.3-4.8, fir ze wielen)	5.3 Héiers du den Ulaut?	5 (5)
69	4 (9-22)	Widderhuelung Mierksaz 2 (Aktivitéiten 4.3-4.8, fir ze wielen)		
70	2 (8)	2.6 Wien huet dat richtegt Reimwuert?		
71		**Kläert kuerz mat all Kand aus dem C 1.2 eenzel of**, ob et entscheede kann, **wéi ee Wuert mat engem bestëmmten Ulaut ufänkt** (S-Ulaut, L-Ulaut respektiv I-Ulaut). Déi konkreet Ëmsetzung vum Billerkaarten-Sortéieren ass am zweeten Deel vun den Aktivitéite 4.6, 4.7 a 4.8 beschriwwen. **Brauche verschidde Kanner aus dem C1.2 nach zousätzlech Übung**, am grousse Grupp, am klenge Grupp oder an der Eenzelaarbecht, éier et mat de méi schwéiere Lautspiller weidergeet?		

Lautspiller

Dag	Heft (Säit)	Haaptaktivitéit vum Dag fir all d'Kanner (Heft 4)	Verdéiwungsaktivitéit just fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (Heft 5)	Heft (Säit)
72	4 (37)	4.18 D'Sila erkläert d'Roboter-Laut-Sprooch.		
73	4 (38)	4.19 Wat seet d'Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?	5.4 Erkenns du de Buschtaf? (fir d'Buschtawen M, A, R, S, L, I)	5 (6)
74	4 (38)	4.19 Wat seet d'Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?		
75	4 (9-22)	Widderhuelung Mierksaz 3 (Aktivitéiten 4.3–4.8, fir ze wielen)		
76	4 (39)	4.19 Wat seet d'Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?		
77	4 (39)	4.20 Laut-Hopsen: Wéi ee Wuert huet méi Lauter?	5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf? (fir d'Buschtawen M, A, R, S, L, I)	5 (7)
78	4 (39)	4.20 Laut-Hopsen: Wéi ee Wuert huet méi Lauter?		
79	4 (9-22)	Widderhuelung Mierksaz 4 (Aktivitéiten 4.3–4.8, fir ze wielen)		
80	4 (39)	4.20 Laut-Hopsen: Wéi ee Wuert huet méi Lauter?		
81	2	Reimspill (Heft 2, fir ze wielen)		

82 - Enn		Keng gemeinsam Aktivitéit méi	5.6 Wéi ee Wuert huet méi Lauter?	5 (9)
			5.7 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut am Wuert?	5 (11)
			5.8 Wat steet do geschriwwen?	5 (12)
		Kläert kuerz mat all Kand aus dem C 1.2 eenzel of, ob et kann • **zu de 6 Lauter de passende Buschtaf fannen** (M, A, R, S, L, I) • **zu all Laut am Wuert** (vum Sila an der Roboter-Laut-Sprooch gesot) **eng Laut-Plättche leeën** (Aktivitéit 5.6, éischten Deel). Är Beobachtunge vun de Kanner aus dem C 1.2 liwwere wichteg Informatioune fir dat differenzéiert Schaffen am Cycle 2.		

HEFT 4

Ulautspiller: Éischte Kontakt mam Ulaut, Laut a Buschtaf

Säit	Hannergrondinformatioun	Spiller an Aktivitéiten	Säit
2	Aféierung		
3	D'Schrëft am Alldag		
		4.1 D'Schrëftdetektiven	4
7	D'Laut-Geschicht		
		4.2 D'Sila erkläert d'Ulaut-Sprooch	6
		4.3 Mierksaz fir de M-Laut	9
		4.4 Mierksaz fir den A-Laut	12
		4.5 Mierksaz fir de R-Laut	15
		4.6 Mierksaz fir de S-Laut	18
		4.7 Mierksaz fir de L-Laut	20
		4.8 Mierksaz fir den I-Laut	22
		4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?	24
25	Wat mécht mäi Mond, meng Zong a mäin Otem?		
		4.10 D'Artikulatioun vum M-Laut	25
		4.11 D'Artikulatioun vum A-Laut	26
		4.12 D'Artikulatioun vum R-Laut	27
		4.13 D'Artikulatioun vum S-Laut	28
		4.14 D'Artikulatioun vum L-Laut	29
		4.15 D'Artikulatioun vum I-Laut	30
31	De Buschtaf entdecken		
		4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut?	31
		4.17 Wéi gesäit dee Buschtaf genau aus?	34
36	D'Lautspiller – en éischte Kontakt mam Laut am Wuert		
		4.18 D'Sila erkläert d'Roboter-Laut-Sprooch	37
		4.19 Wat seet d'Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?	38
		4.20 Laut-Hopsen: Wéi ee Wuert huet méi Lauter?	39
41	Ulaut-Lëschten		
43	Laut-Lëschten		

AFÉIERUNG

Am Alldag kritt den eenzele Laut seng Plaz duerch d'Schrëft. Aktuell besteet d'**Tendenz, fir d'Buschtawe beispillhaft an d'Förderaktivitéiten zu der phonologescher Bewosstheet ze integréieren**. Dëst weist sech esouwuel an de wëssenschaftlechen Etüden ewéi och an de Förderprogrammen. Mam Asaz vun dëse Förderprogramme si positiv Resultater beim Liesen- a Schreiweléieren ze verzeechnen. Dëst gëllt och fir ënnerschiddlech Risikogruppen (z. B. Kanner, déi am Ufank eng méi niddereg entwéckelt phonologesch Bewosstheet weisen; Kanner, déi doheem eng aner Sprooch schwätzen; Kanner mat engem Retard an der Entwécklung vum Wuertschatz oder der Grammatik).

An dësem Heft (Heft 4) steet den **éischte spilleresche Kontakt mam Ulaut, Laut a Buschtaf** am Mëttelpunkt. Am **Heft 5** sinn d'Verdéiwungsaktivitéite **fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un** dozou beschriwwen.

Fir dës Verdéiwungsaktivitéite si **verschidden didaktesch Materialie virgesinn**. Duerch dës didaktesch Materialie kënnen d'Verdéiwungsaktivitéite fir d'Kanner vum C 1.2 **zum Beispill einfach am geleete Fräispill oder Atelier** stattfannen. Eng aner Méiglechkeet besteet doran, datt d'Kanner aus dem **C 1.2 aus zwou Klassen all zesummen** an ee Klasseraum ginn (z. B. am Fräispill) an all d'Kanner aus dem C 1.1 wärend där selwechter Zäit am anere Klasseraum zesummen Aktivitéite maachen.

Bis zum Schluss vum Programm gi vill Aktivitéiten zum Ulaut an zum Laut ouni Buschtawen duerchgefouert. Esou bleift et och **méiglech, de Programm ouni Buschtawen ëmzesetzen**. Wichteg ass awer ze soen, datt de **Lien mam Buschtaf a mat der Alldagsschrëft dem Kand eng natierlech Motivatioun an e visuelle Support bei der Ausernanersetzung mam Laut** bitt. Duerch de Buschtaf gëtt d'Verbindung mam Liesen- a Schreiweléiere méi visibel, an den Transfert vum Geléierten aus dem Cycle 1 an de Cycle 2 ass méi einfach.

Mat oder ouni Buschtawen – wëssenschaftlech Etüde weisen, datt **d'Aktivitéiten zum Ulaut an zum Laut** (Heft 4 a 5) **e ganz wichtegen Deel vum Programm duerstellen**. **Si verstäerken de positiven Afloss op d'Liesen- an d'Schreiweléieren**. Dëst gëllt **fir d'Kanner allgemeng wéi och fir déi Kanner, deenen dëse Schrëtt méi Zäit an Energie ofverlaangt**.

D’SCHRËFT AM ALLDAG

Fir datt **de Wee an d’Schrëft fir all Kand Sënn mécht**, ass et wichteg, zesummen ze entdecken, **wou iwwerall Schrëft ze fannen ass**, firwat déi do steet a wat se charakteriséiert. Dofir ass et flott, en Tour duerch d’Klass ze maachen an doriwwer eraus och am ausserschoulesche Kontext no Schrëft ze sichen. Weider kann och all Kand sech doheem op d’Spuere vun der Schrëft maachen. D’Entdecke vun net alphabetesche Schrëftzeechen an anere Schreifsystemer (z. B. chineesesche Schrëftzeechen) läit hei no.

Déi éischt Ausernanersetzung mam Buschtaf huet d’Kand oft **beim Schreiwe vu sengem eegenen Numm**. Vläicht steet säin Numm bei senger Case, sengem Mantelbriet oder bei de klenge Chargen, déi iwwer d’Woch an der Klass verdeelt ginn.

Weider sinn **d’Virliesbicher aus der Klass** eng flott Buschtawequell, déi et gëllt, e bësse méi genau ënnert d’Lupp ze huelen. Hei ass et interessant, d’Kanner ze froen, wou d’Buch ufänkt a wou et ophält, a wat ee maache muss, fir am Buch ze liesen. Bei esou Froe kënnen d’Kanner aus dem Cycle 2 vläicht scho weiderhëllefen.

Fir d’Kand ze sensibiliséieren, **datt d’Wuert fir eng Saach steet**, ass et interessant, mat de Billerkaarten ze schaffen, déi op der Récksäit dat passend Wuert stoen hunn. Weider kann dat geschriwwent Wuert och bei aneren Aktivitéiten afléissen, ouni datt et schoulesch agefouert gëtt. Sou kann z. B. de Buttek an der Klass mat Këschten ekipéiert ginn, wou drop geschriwwe steet an drop gemoolt ass, wat dran ass. Versicht, d’Wuert als Symbol fir d’Saach einfach an de lafende Projet anzebezéien.

Fir de Kanner d’Geleeënheet ze ginn, **d’Schrëft als Sënnträger iwwer d’Zäit ze erliewen**, kënnt Dir d’Kand z. B. och froen, wat et op sengem Bild gemoolt huet. Schreift dëst da kuerz bei d’Bild dobäi. Sou kënnt Dir no enger Zäit dës Biller mat de Kanner eraushuelen a kucken, wat si deemools gemoolt hunn. Wat weess d’Kand nach selwer doriwwer? Wat steet dobäi geschriwwen? Och wann d’Kand dëst Bild mat heem hëlt an enger drëtter Persoun weist (z. B. der Mamm oder dem Papp), gesäit d’Kand, datt dat, wat Dir geschriwwen hutt, eng Bedeitung huet, déi iwwer d’Zäit festgehale gëtt an déi vu verschiddene Leit verstane gëtt. Sou mécht d’Schreiwe Sënn fir d’Kand a motivéiert et, selwer schreiwen ze léieren.

AKTIVITÉITEN

4.1 D'Schrëftdetektiven

Zil

- d'Schrëft am Alldag entdecken an erfuerschen

Material

- Post-it
- e Fotoapparat

Aktivitéit

1. D'Buschtawen am alldeeglechen Ëmfeld

Froen un d'Kanner:

- Wou fanne mir geschriwwe Wierder a Buschtawen an der Klass? (Eventuell e Post-it dobäipechen.)
- Wou fanne mir geschriwwe Wierder a Buschtawen ausserhalb vun der Klass? (Eventuell am Kader vun enger Buschtawe-Safari Fotoe maachen, déi dono mat an d'Klass kënne geholl ginn.)
- Firwat stinn déi Wierder a Buschtawen do?
- Ka meng Mamm oder mäi Papp mat anere Schrëftzeeche schreiwen? (Eventuell e Schrëftstéck vun doheem mat an d'Klass bréngen an zesumme kucken.)

2. D'Buschtawen an de Kanner hirem Numm

Froen un d'Kanner:

- Wou stinn d'Nimm vun de Kanner an der Klass iwwerall drop?
- Sinn déi Nimm all d'selwecht geschriwwen? Wéi ënnerscheede se sech? (laang/kuerz, aner Buschtawen)
- Sinn d'Buschtawen am Numm all d'selwecht grouss? (grouss a kleng Buschtawen)
- Aus wéi enge Sprooche komme verschidde Kannernimm? (z. B. Numm mat franséischer oder englescher Orthografie)

Wichteg

D'Fro no der **Ausgangssprooch vu verschidde Kannernimm** ass eng wichteg Virbereedung op kommend Léiermomenter. An engem nächste Schrëtt léieren d'Kanner, wéi eng Lauter mat de Buschtawen M, A, R, S, L an I am Lëtzebuergeschen oder Däitschen associéiert ginn. Wa si dëst neit Wësse versichen, op hiren Numm unzewenden, klappt dat zum Deel, mee net ëmmer. Dëst ass oft doduerch ze erklären, datt **vill vun de Kanner hiren Nimm aus enger anerer Sprooch kommen, wou d'Buschtawen zum Deel mat anere Lauter associéiert ginn** (z. B. Anne am Englesche fänkt net mam däitschen A-Laut un, och wann den Numm vir de Buschtaf A huet).

3. D'Buschtawen an de Bicher aus der Klass, illustréiert unhand vun engem lëtzebuergesche Buch, dat d'Kanner gutt kennen.

Froen un d'Kanner:

- Wou si geschriwwe Wierder a Buschtawen am Buch ze fannen?
- Firwat stinn déi Wierder a Buschtawen do?
- Wat maachen ech, wann ech e lëtzebuergescht Buch virliesen?
- Wou steet geschriwwen, wéi dat Buch heescht?
- Wou fänken ech un, d'Geschicht ze liesen?
- Wou liesen ech da weider? (éischt Säit vun der Geschicht, uewen)
- A wou geet et da weider? (Zeil fir Zeil bis ënnen op d'Säit an dann op der nächster Säit uewe weider)
- Wou ass mäi Buch a meng Geschicht fäerdeg? (lescht Säit ënnen)
- Wat steet eventuell op der Récksäit? (vläicht e bësse vun der Geschicht, fir Loscht ze maachen, weiderzeliesen)
- Sinn d'Buschtawen all d'selwecht grouss geschriwwen? (grouss a kleng Buschtawen)

Sécher tauchen nach aner interessant Iwwerleeungen a Froen zum Theema op.

Fir ofzeschléisse kënnt Dir de Kanner verroden, datt dir an deenen nächste Wochen zesumme méi genau kuckt, wéi verschidde Buschtawen ausgesinn a wéi de Laut kléngt, deen zum jeeweilege Buschtaf passt.

4.2 D’Sila erkläert d’Ulaut-Sprooch

Zil

- eng kuerz Aféierung an d’Ulaut-Sprooch

Material

- d’Sila-Handpopp (mam orangë Knäppche fir d’Ulaut-Sprooch)

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

mat der Sila-Silbe-Sprooch klappt dat jo scho super!

Numm vun der Léierpersoun, dréck emol op mäin orangë Knäppchen – kuck, deen ass hei.

Wéi heeschs Du?
AAAnna
MMMarie
T-T-Tom
…

Ho, dat ass meng Ulaut-Sprooch.

Mee do huet d’*Numm vun der Léierpersoun* iech scho ganz vill matbruecht, fir zesummen ze maachen.

Dat ass jo sou, *Numm vun der Léierpersoun*?

Ech si gespaant. Kënne mir direkt ufänken?

Vokalen a verschidde Konsonante kann een **an d’Längt zéien**.
Versicht dobäi awer, de Laut u sech net ze veränneren.
Vokalen: I, O, E, U, A (z. B. AAAnna)
Konsonanten: S, L, R, M, N, F (z. B. MMMarie)

Verschidde Konsonante kann een net an d’Längt zéien, mee duerch d’Widderhuele vum Ulaut ervirsträichen: B, D, G, K, P, T (z. B. T-T-Tom, P-P-Pol)

Aner Konsonante sinn **net esou däitlech ze héieren:** J, H, W (z. B. JJJang, H-H-Hanna, WWWilliam)

Ganz schwéier sinn Ulauter, déi sech **an enger Konsonantegrupp** verstoppen, wéi z. B.: PL, KR, ST, KL ... (z. B. K-K-Kristina).

D'LAUT-GESCHICHT

D'Laut-Geschicht ass e **klenge Saz, eng kleng Zeen oder eng kleng Geschicht**, an deenen **de Laut**, deen et grad ze entdecke gëllt, **oft dra virkënnt** (z. B. **Mmm, mir schmaacht meng ...**). Iwwer dëse Wee huet d'Kand en éischte spillerésche Kontakt mam Laut a mat senger Artikulatioun.

Esou wäit et méiglech ass, ginn am Mierksaz och déi Wierder gebraucht, déi **am Cycle 2 op der Ulaut-Tabell vu verschiddene Lies- a Schreifprogrammen** als Referenzwierder fir de passende Buschtaf stinn (z. B. Maus, Léiw, Lineal). Oft sinn déi lëtzebuergesch Wierder identesch (z. B. Maus, Lineal) oder änlech wéi déi däitsch Wierder (z. B. Léiw – Löwe). Jee no Lies- a Schreifprogramm gëtt zum Deel op aner Wierder an der Ulaut-Tabell zeréckgegraff. Dofir gi mat Momenter verschidde Méiglechkeeten ugebueden. Hei ass et wichteg, datt Dir **Récksprooch mat der Léierpersoun aus dem Cycle 2** huelt, fir ofzeklären, mat wéi engem Lies- a Schreifprogramm geschafft gëtt a wéi eng Wierder op der Ulaut-Tabell gebraucht ginn. Fir véier Lies- a Schreifprogrammen sinn hei déi Wierder uginn, déi am Cycle 2 an der Ulaut-Tabell virgesi sinn.

Wann dat däitscht Wuert vun der Ulaut-Tabell mat engem aneren Ulaut ufänkt oder keng Änlechkeet mam lëtzebuergesche Wuert huet (z. B. Ampel, Salat), da kënnt dëst Wuert net am Mierksaz vir. Doduerch gëtt den Transfert an de Cycle 2 vun deem, wat d'Kand am Cycle 1 geléiert huet, esou kohärent wéi méiglech gestalt. Dës Kohärenz ass besonnesch wichteg fir déi Kanner, déi méi Zäit brauchen, fir d'Laut-Buschtaf-Korrespondenz ze entdecken an ze verënnerlechen.

Weider sinn d'Wierder, déi am Lëtzebuergeschen an am Däitschen änlech kléngen (Engl.: Cognates) a mam nämmlechten Ulaut ufänken, ee klengen Unhaltspunkt beim Astig an d'Däitscht. Dëst bitt besonnesch deene Kanner, fir déi déi däitsch Sprooch nach méi friem ass, eng kleng Hëllefstellung.

Direkt no der Laut-Geschicht gëtt den Ufank vun der **Laut-Buschtaf-Kette** gesat. Esou gëtt zum Schluss vun der Aféierung an eng nei Laut-Geschicht eng Foto vun dëser Aktivitéit oder eng passend Billerkaart op d'Schnouer gehaangen. Dono kommen d'Billerkaarten zu dräi wichtege Wierder zum Ulaut (z. B. Maus, Mëllech, Mamma) dobäi. Mat de weideren Aktivitéiten zum Buschtaf ginn no an no och d'Informatiounen zu der Buschtaweform op d'Laut-Buschtaf-Ketten derbäigesat.

Esou entsteet am Laf vun den Aktivitéiten e Memo, deen als roude Fuedem duerch déi verschidde Léiermomenter féiert. Flott ass et, wann dës Laut-Buschtaf-Kette gutt siichtbar an der Klass hänkt. Am Laf vun de kommenden Aktivitéite kann esou ëmmer erëm op dëse Memo zeréckgegraff ginn. Weider ass et sënnvoll, dës Laut-Buschtaf-Ketten zum Schluss vum Cycle 1 **de Kanner mat an de Cycle 2** ze ginn. Fir dësen Transfert kohärent an einfach ze gestalten **ass et wichteg, datt just déi lëtzebuergesch Wierder op d'Laut-Buschtaf-Kette gehaange ginn, déi och am Däitsche mam entspriechenden Ulaut ufänken (z. B. fir de M-Laut: Maus/Maus, Mëllech/Milch, Mamma/Mama)**.

Ganz wichteg!

Bei allen Ulaut- a Lautspiller **schwätze mir vun engem ‚M'-Laut an net vun engem ‚ÄMM'-Buschtawennumm**. Et gëtt nëmmen op deem geschafft, wat mir och wierklech am Wuert héieren.

Wa mat Buschtawennimm geschafft gëtt, besteet de Risiko, datt d'Kand duerno d'Buschtawennimm mat de Lauter verwiesselt an z. B. fir dat däitscht **Wuert ‚Ente' dann ‚NT'** schreift, well dëst sech jo aus de Buschtawennimm **‚ÄNN' (->N) an ‚TE' (->T)** zesummesetzt. D'Laut-Buschtaf-Korrespondenze sinn e wichtege Schlëssel fir d'Liesen- a Schreiweléieren.

Weider ginn d'Vokalen d'nämmlecht wéi am ganze Wuert ausgeschwat (z. B. K-A-PP mat engem kuerzen A fir ‚Kopf' a K-A-P mat engem laangen A fir ‚Kappe').

4.3 Mierksaz fir de M-Laut: Mmm, der Maus Mimi schmaacht mäi Mais.

Fir unzefänke steet de M-Laut am Mëttelpunkt. De M-Laut ka kontextuell flott agebonne ginn (Mmm, mir schmaacht meng/mäin ...) a weist eng ausgepräägten a gutt siichtbar Artikulatioun. Weider gëtt et eng Hellewull u Beispillwierder, déi mam M-Laut ufänken. A villen Ulaut-Tabelle gëtt de M-Ulaut mam Wuert ‚Maus' verbonnen.

Zousazinformatioun: Biller zum M-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Wuert op Lëtzebuergesch	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Maus	Maus	442
ABC der Tiere	Maus	Maus	442
Flex und Flora	Maus	Maus	442
Karibu-Programm	Maus	Maus	422

Ziler

- éischte Kontakt mam Laut a mat senger Artikulatioun
- éischte Kontakt mam Wuert vun der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Material

- Biller vun Iesssaachen oder d'Iesssaache selwer, déi mam M-Laut ufänken. Hei kann eventuell op Billerkaarten aus der Billerkëscht ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochförderung*' zeréckgegraff ginn.

337	Muert	Möhre
346	Mais	Mais
357	Mandarine	Mandarine
361	Meloun	Melone
368	Mëllech	Milch

- eng kleng Maus Mimi als Figurine (oder Bild (1.11), hannen am Classeur), eventuell vun all Kand selwer gebastelt
- Mais (Maiskolben oder Maiskären) fir d'Maus Mimi, eventuell d'Bild dozou (1.9, hannen am Classeur)
- Material fir d'Laut-Buschtaf-Ketten: Schnouer mat Klameren

- 5 orange Billerkaarten zu Wierder mam M-Ulaut (hannen am Classeur)

1.2	M--eedchen	Mädchen
1.3	M--amma	Mama
1.9	M--ais	Mais
1.10	M--ëllech	Milch
1.11	M--aus	Maus

- 5 Billerkaarten zu Wierder mat engem aneren Ulaut (z. B. aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

Aktivitéit

Mmm: D'Kanner stelle sech vir, si hätten eppes am Mond, dat si ganz gären hunn, a spillen dat mat entspriechender Mimik a Gestik ganz ausdrocksvoll vir.

Dono ginn d'Biller vun den Iesssaachen (resp. d'Iesssaache selwer) mam M-Ulaut an de Krees geluecht. All Kand iwwerleet, wat hatt am léifsten dovun ësst. Nodeems Dir gesot hutt, wat Dir am léifsten iesst, kënnt ee Kand nom aneren drun a seet ausdrocksvoll mat Mimik a Gestik, wat him am beschte schmaacht.

Mmm, **m**ir sch**m**aacht **m**eng/**m**äin ... (**M**uert, **M**ais, **M**andarine, **M**eloun, **M**ëllech ...) mat der Betounung op den M-Lauter.

Da kënnt d'Maus Mimi. Dir krabbelt mat der Maus bei de Mais a fiddert se.
De Mierksaz, deen dozou passt an deen den Iwwergang op d'Bild vun der Maus op der Ulaut-Tabell am Cycle 2 mécht, ass:

Mmm, der **M**aus **M**imi sch**m**aacht **m**äi **M**ais.
No Iech fiddert all Kand d'Maus Mimi mam Mais a seet de Mierksaz:
Mmm, der **M**aus **M**imi sch**m**aacht **m**äi **M**ais.

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert dir ganz oft am Mierksaz?

Mëscht déi 5 Billerkaarten zum M-Ulaut mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni M-Ulaut. Gitt mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt dës mat der Betounung um Ulaut. Zesumme mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat Biller mam M-Ulaut oder op de Koup mat Biller ouni M-Ulaut kënnt.

Méi schwéier: Mëscht d'Biller zum M-Ulaut mat Biller zum N-Ulaut. D'Ënnerscheede vum M-Laut a vum N-Laut erlaabt och an der geschwater Sprooch d'Ënnerscheede vum Akkusativ a vum Dativ (z.B. ënnert den Dësch, ënnert dem Dësch).

Mierkbild a M-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

- Mierksaz: **Mmm**, der **M**aus **M**i**m**i sch**m**aacht **m**äi **M**ais.
- Mierkbild: Foto vun der Maus Mimi, déi mam Mais gefiddert gëtt, oder d'Biller vun der Maus a vum Mais.
- Biller fir de M-Ulaut: Wielt d'Bild vun der Maus an dem Mais zesumme mat engem anere Bild mat M-Ulaut (z. B. Mamma), fir déi dat däitscht Wuert och mam M-Laut ufänkt (ganz wichteg!).
- Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum M-Ulaut (bei kommenden Aktivitéite ginn nach zwou Buschtaf-Kaarten iwwer dës Biller geklamert).

M-Kaart | M mat Moosgummi gepecht | Mäis / Motorrad / Maus aus der Billerkëscht | Numm-Käertchen

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum M-Laut

4.4 Mierksaz fir den A-Laut: Aarmen Andrea, maach mol Aaaa! (beim Dokter)

Den A-Laut ass a senger Artikulatioun ganz ausgepräägt a liicht ze erkennen. Weider kann den A-Laut laang (z. B. Apel) oder kuerz (z. B. Ulaut bei Ananas) ausgeschwat ginn.

Wichteg

Schwätzt de kuerzen A-Laut am Lëtzebuergeschen esou wéi e kuerzen A-Laut am Däitschen aus (z. B. Andrea oder Ananas mat däitscher Aussprooch). Esou ass de kuerze lëtzebuergeschen A-Laut méi no um däitschen A-Laut a méi einfach ze erkennen.

Sot de Kanner am Laf vun der Aktivitéit, datt den A-Laut heiansdo laang gezu gëtt (Aaa) an heiansdo kuerz ass (A). Gitt awer net weider op konkreet Wierder an, wou den A-Laut laang oder kuerz geschwat gëtt. Am Lëtzebuergeschen ass dëst nämlech oft anescht wéi am Däitschen (z. B. Apel (laang), Apfel (kuerz)).

Well am Cycle 2 fir den A-Ulaut vill verschidde Wierder op der Ulaut-Tabell gebraucht ginn, déi zum Deel staark vun de lëtzebuergesche Wierder ofwäichen, läit am Mierksaz de Schwéierpunkt um A-Ulaut a senger ausgepräägter Artikulatioun.

Zousazinformatioun: Biller zum A-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Wuert op Lëtzebuergesch	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Ameise / Apfel	Seejomes / Apel	349
ABC der Tiere	Ameise / Affe	Seejomes / Af	462
Flex und Flora	Ameise / Affe	Seejomes / Af	462
Karibu-Programm	Ameise / Ampel	Seejomes / Rout Luucht	

Zil

- éischte Kontakt mam A-Laut a mat senger Artikulatioun

Material

- e Géigestand fir den Dokter (z. B. Stethoskop, klengen Holzläffel ...)
- 5 Billerkaarten zum A-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

1.13	Aarm	Arm
1.14	Apel	Apfel
1.15	Ananas	Ananas
1.18	Af	Affe
1.19	Aadler	Adler

- 5 Billerkaarten zu Wierder mat engem aneren Ulaut (aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)
- Material fir d'Laut-Buschtaf-Ketten: Schnouer mat Klameren

Aktivitéit

Zesumme spillt Dir mat de Kanner déi kleng Geschicht, wou den Andrea den Hals wéi huet a bei den Dokter geet.

Fir datt den Dokter kann an dem Andrea säin Hals kucken, seet hien:
Aarmen **A**ndre**a**, m**aa**ch mol **Aaaa**.
Den Andre**a** mécht säi Mond grouss op a seet: Aaaa.

Nodeems Dir de Kanner dës kleng Geschicht erzielt hutt, spillt Dir zesummen Dokter. Fir unzefänken, hutt Dir de Géigestand vum Dokter a sot zum éischte Kand:

- **Aar**men/t **A**ndre**a**, m**aa**ch mol **Aaaa** (mat der Betounung op de laangen an de kuerzen A-Lauter).

Dat éischt Kand seet:

- **Aaaa**.

Dono ass dëst Kand den Dokter asw.
Wann all Kand eemol drukomm ass, widderhuelt Dir nach emol de Saz mat der Betounung op all den A-Lauter.

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert ee ganz oft am Saz?

Mëscht déi 5 Billerkaarten zum A-Ulaut mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni A-Ulaut. Gitt mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt dës mat der Betounung um Ulaut. Zesumme mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat Biller mam A-Ulaut oder op de Koup mat Biller ouni A-Ulaut kënnt.

Mierkbild an A-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

- Mierksaz: **Aa**rmen/t **A**ndre**a**, m**aa**ch mol **Aaaa**
- Mierkbild: Foto vun der Zeen beim Dokter mat engem Kand, dat „Aaaa" seet (eventuell d'Bild vum Dokter (399) aus der Billerkëscht *‚Wéi? Wou? Wat?'*).
- Biller mam A-Laut: Bild vum Af (Ulaut-Tabel aus dem Cycle 2), vum Apel (Ulaut-Tabell aus dem Cycle 2), vun der Ananas (fir och e Wuert mat kuerzem A-Laut am Ulaut dobäizehunn).

Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum A-Laut.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum A-Laut

4.5 Mierksaz fir de R-Laut: Ri-Ra-R...

D'Artikulatioun vum R-Laut kann éischter gespuert wéi gesi ginn. D'Wierder vun der Ulaut-Tabell zum R-Laut si jee no Programm ganz verschidden, mee se iwwerschneide sech all staark mam lëtzebuergesche Wuert. Aus dësem Grond ass eng grouss Flexibilitéit beim Mierksaz méiglech.

De R-Laut gehéiert zu deene Lauter, bei deene sech déi kloer Artikulatioun méi spéit entwéckelt. Dofir kann et sinn, datt dat eent oder anert Kand nach Schwieregkeete bei der klorer Aussprooch vum R-Laut weist. Well et bei dëser Aktivitéit ëm d'Eralauschteren an d'Wuert geet, soll d'Artikulatioun net an dësem Léierkontext thematiséiert ginn.

Zousazinformatioun: Biller zum R-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Wuert op Lëtzebuergesch	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Ritter	Ritter	256
ABC der Tiere	Reh	Réi	Classeur
Flex und Flora	Rakete	Rakéit	311
Karibu-Programm	Rakete	Rakéit	311

Bei der Artikulatioun vum R-Laut gëtt d'Loft, déi beim Ausootme vum Hals an de Mond fléisst, zum Schwénge bruecht. Beim Guergele ginn dës Schwéngungen op d'Flëssegkeet am Mond iwwerdroen a kënnen esou visualiséiert ginn.

Am Gest ginn dës repetitiv Schwéngunge flott an enger repetitiver Rull- oder Dréibeweegung ëmgesat, zum Beispill an enger Kuerbelbeweegung. Dir maacht eng Fauscht mat där enger Hand, esou wéi wann Dir eng Kuerbel an der Hand géift halen, an dréit domat iwwer Är aner flaach Hand.

Ziler

- éischte Kontakt mam Laut a mat senger Artikulatioun
- éischte Kontakt mam Wuert vun der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Material

- 5 Biller vu Wierder mam R-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

2.3	r--out	rot
2.5	R--itter	Ritter
2.7	R--ad	Rad
2.8	R--akéit	Rakete
2.11	Réi	Reh

- 5 Biller vu Wierder ouni R-Ulaut (aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

Aktivitéit

Fir mat der Aktivitéit unzefänken, leet Dir eng Rei Biller oder Objete mam R-Ulaut an d'Mëtt a benennt se mat de Kanner. Flott ass et, wann och d'Bild vun der Ulaut-Tabell aus dem Cycle 2 dobäi ass. Da geet et mam Wierder-Dréie lass.

Dir sicht lech d'Bild vun der Ulaut-Tabell aus dem Cycle 2 eraus, benennt et a fänkt u mat dréien.

Rrrri-**Rrrr**a-**Rrrr**akéit / **R**itter / **R**éi
Rrrr (d'Fauscht fänkt un, iwwer déi zweet flaach Hand ze dréien)
- **i** (d'Fauscht hält op mat dréien a geet liicht an d'Luucht – vun der flaacher Hand ewech)

Rrrr (d'Fauscht dréit)
- **a** (d'Fauscht geet liicht vun der flaacher Hand ewech)

Rrrr (d'Fauscht dréit)
- **_akéit**! oder **_éi**! oder **_itter**! (Rakéit, Réi oder Ritter, jee no Lies- a Schreifprogramm) (dës Kéier geet d'Fauscht méi héich an d'Luucht)

Lo kann der Rei no all Kand sech ee Bild oder Objet eraussichen, et benennen an dono säi Wuert undréien. Déi aner Kanner kënnen de Gest och matmaachen. Zum Schluss widderhuelt Dir nach emol de Mierksaz mam Wuert vun der Ulaut-Tabell, mat der Betounung op all de R-Lauter: **R**i-**R**a-**R**akéit! (Ri-Ra-Ritter oder Ri-Ra-Réi, jee no Programm)

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert dir ganz oft am Saz?

Mëscht ofschléissend 5 Billerkaarten zum R-Ulaut (d'Bild vun der Ulaut-Tabell abegraff) mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni R-Ulaut. Gitt da mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt dës mat der Betounung um Ulaut. Zesumme mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat Biller mam R-Ulaut oder op de Koup mat Biller ouni R-Ulaut kënnt. Wann e Kand de R-Laut nach net eraushéiert, kënnt Dir d'Wuert nach eemol mam Kand undréien (wéi uewe beschriwwen).

Mierkbild a R-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

Mierksaz: **R**i-**R**a-**R**akéit!
(**R**i-**R**a-**R**itter oder **R**i-**R**a-**R**éi – jee no Lies-a Schreifprogramm)

- Mierkbild: Foto vun engem Kand, dat e R-Wuert ukuerbelt, oder d'Billerkaart vum R-Wuert.
- Biller fir de R-Laut: Wielt d'Bild vun der Rakéit, dem Ritter oder dem Réi (jee no Programm) zesumme mat zwee anere Wierder, déi d'Kanner oft gewielt hunn a fir déi dat däitscht Wuert och mam Buschtaf R ufänkt.

Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum R-Laut.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum R-Laut

4.6 Mierksaz fir de S-Laut: Ssss, meng Bei flitt op ...

Wéi beim R-Laut ass beim S-Laut d'Artikulatioun net esou einfach um Mond ze gesinn. Eng Zongespëtzt, déi liicht kribbelt, kann een awer spieren.

Déi kloer Artikulatioun vum S-Laut entwéckelt sech méi spéit wéi bei anere Lauter. Dofir kann et sinn, datt dat eent oder anert Kand nach Schwieregkeete bei der klorer Aussprooch vum S-Laut weist. Well et bei dëser Aktivitéit ëm d'Eralauschteren an d'Wuert geet, soll d'Artikulatioun an dësem Léierkontext net thematiséiert ginn.

Well an den ënnerschiddlechen Ulaut-Tabellen aus dem Cycle 2 verschidde Wierder fir de S-Laut stinn, gräife mir fir de Mierksaz vum S-Ulaut zeréck op d'Summgeräisch vun enger Bei, déi flitt.

Zousazinformatioun: Biller zum S-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Wuert op Lëtzebuergesch	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Salat	**Z**alot	
ABC der Tiere	Seepferdchen	Séipäerdchen	
Flex und Flora	Sonne	Sonn	531
Karibu-Programm	Sofa	Kusch	

Zil

- 5 Biller vu Wierder mam S-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

Material

- 5 Biller vu Wierder mam S-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

2.14	S--and	Sand
2.16	S--alz	Salz
2.18	S--ee	Säge
2.21	S--onn	Sonne
2.22	S--ila	Sila

- 5 Biller vu Wierder ouni S-Ulaut (aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)
- eventuell eng selwer gebastelt Bei
- Material fir d'Laut-Buschtaf-Ketten: Schnouer mat Klameren

Aktivitéit

Fir déi spilleresch Ëmsetzung streckt Dir Ären Zeigefanger no vir, „flitt" domat an S-Beweegungen a maacht dobäi d'Geräisch vun enger Bei: Ssss.

Dono probéieren d'Kanner, och mat hirem Zeigefanger wéi eng Bei ze fléien. Wann et klappt, leet Dir verschidde Biller oder Objete mam S-Ulaut an d'Mëtt a benennt se. Dir sicht Iech ee Bild oder Géigestand eraus, flitt mat Ärer Bei (Fanger) an S-Beweegungen dohin a sot:
Ssss, meng Bei flitt op de … **SSS**and. (mat der Betounung um S-Laut)
Dono ass et un de Kanner. Si sichen sech ee Bild mam S-Ulaut eraus, benennen et, fléie mat hirem Fanger drop a soen:
Ssss, meng Bei flitt op d'/de(n) …

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert dir ganz oft am Saz?

Mëscht ofschléissend 5 Billerkaarten zum S-Ulaut mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni S-Uaut. Gitt da mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt dës mat der Betounung um Ulaut. Mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat de Biller mam S-Ulaut kënnt oder op de Koup mat de Biller ouni S-Ulaut.

Méi schwéier: Mëscht d'Biller zum S-Ulaut mat Biller zum Sch-Ulaut.

Mierkbild a S-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

- Mierkbild: Foto vun engem Kand, dat mat sengem Fanger op ee S-Wuert flitt an dobäi summt.
- Mierksaz: **Ssss**, meng Bei flitt … (vervollstännegt mat de verschiddene Wierder vun der Laut-Buschtaf-Ketten).
- Biller mam S-Uaut: eventuell d'Bild vun der Sonn (Ulaut-Tabell vum Cycle 2), zwee aner Biller, déi d'Kanner oft gewielt hunn a fir déi dat däitscht Wuert och mam Buschtaf S ufänkt.

Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum S-Ulaut.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum S-Laut

4.7 Mierksaz fir de L-Ulaut: Mir sangen d'Li-La-Lidd vum Li-La-...

D'Artikulatioun vum L-Laut kann iwwer d'Spiere vun der Zong erfuerscht ginn. Duerch d'Wierder zum L op der Ulaut-Tabell vum Cycle 2 gëtt et beim Mierksaz zwou Méiglechkeeten.

Zousazinformatioun: Biller zum L-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Wuert op Lëtzebuergesch	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Lineal	Lineal	78
ABC der Tiere	Löwe	Léiw	467
Flex und Flora	Löwe	Léiw	467
Karibu-Programm	Löwe	Léiw	467

Ziler

- éischte Kontakt mam Laut a mat senger Artikulatioun
- éischte Kontakt mam Wuert vun der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Material

- e Léiw (Figurine, Plüschpopp oder Bild)
  respektiv e Lineal
- 5 Biller vu Wierder mam L-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

1.24	L--ineal	Lineal
1.25	L--äffel	Löffel
1.27	L--oftballon	Luftballon
1.28	L--eeder	Leiter
1.29	L--éiw	Löwe

- 5 Biller vu Wierder ouni L-Ulaut (aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

Aktivitéit

Dir leet verschidde Biller oder Objete mam L-Ulaut an d'Mëtt a benennt se. Da wielt Dir, jee no Lies- a Schreifprogramm, de Léiw oder de Lineal a sangt zesumme mat de Kanner folgende Mierksaz (zu enger einfacher Melodie):
Mir sangen d'**L**i-**L**a-**L**idd vum **L**i-**L**a-**L**éiw.
oder
Mir sangen dir d'**L**i-**L**a-**L**idd vum **L**i-**L**a-**L**ineal.

Dono wielt all Kand sech e Bild oder e Géigestand mam L-Ulaut, an déi aner Kanner sangen him dat passend Lidd dozou.

Zum Schluss widderhuelt Dir nach emol de Mierksaz mat der Betounung op all de L-Lauter:
Mir sangen d'**L**i-**L**a-**L**idd vum **L**i-**L**a-**L**éiw / **L**i-**L**a-**L**ineal.

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert dir ganz oft am Saz?

Mëscht ofschléissend 5 Billerkaarten zum L-Ulaut (d'Bild vun der Ulaut-Tabell abegraff) mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni L-Ulaut. Gitt da mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt se mat der Betounung um Ulaut. Zesumme mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat de Biller mam L-Ulaut kënnt oder op de Koup mat de Biller ouni L-Ulaut.

Mierkbild a L-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

- Mierksaz: Mir sangen d'**L**i-**L**a-**L**idd vum **L**i-**L**a-**L**éiw / vum **L**i-**L**a-**L**ineal (jee no Lies- a Schreifprogramm)
- Mierkbild: Foto vun engem Kand mam Léiw/Lineal, dat séngt, oder d'Bild vum Léiw/Lineal (hannen am Classeur).
- Biller fir de L-Ulaut: d'Biller vum Léiw oder vum Lineal zesumme mat zwee anere Biller mat L-Ulaut, fir déi dat däitscht Wuert och mam Buschtaf L ufänkt.

Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum L-Laut.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum L-Laut

4.8 Mierksaz fir den I-Laut: Igel, pick mech ni!

Beim I-Laut ass d'Artikulatioun einfach iwwer déi ganz ausgepräägte Mondstellung ze erkennen. Niewent der Längt gëtt et keen Ënnerscheed an der Artikulatioun vum laangen (Igel) a kuerzen I (Insel). Weider fänken déi Wierder, déi am Lëtzebuergesche mam I-Laut uginn, och oft am Däitsche mam I-Laut un. Fir den O-Ulaut an den U-Ulaut ass dat dacks net de Fall.

Fir de Mierksaz ass d'Wuert vum Igel zeréckbehale ginn, well dëst Wuert op der Ulaut-Tabell vun all Programm ze fannen ass.

Zousazinformatioun: Biller zum I-Ulaut aus der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Fibel	Wuert an der Ulaut-Tabell	Nummer vum Bild an der Billerkëscht
Mila-Programm	Igel	453
ABC der Tiere	Igel / Iltis	453
Flex und Flora	Igel / Indianer	453
Karibu-Programm	Igel / Insel	453/502

Ziler

- éischte Kontakt mam Laut a mat senger Artikulatioun
- éischte Kontakt mam Wuert vun der Ulaut-Tabell (Cycle 2)

Material

- 3 Wierder mam I-Ulaut (aus den orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

2.24	Igel	Igel
2.25	Insel	Insel
2.26	Iglu	Iglu

- 5 Wierder ouni I-Ulaut (aus deenen aneren orangen Ulaut-Kaarten hannen am Classeur)

Aktivitéit

Dir verzielt eng kleng Igel-Geschicht, déi Dir gläichzäiteg mat Geste begleet. Dofir maacht Dir mat där enger Hand eng Fauscht, leet se dann op déi aner a verzielt: Hei ass en Igel.
Dir streckt den Zeigefanger eraus: Deen huet eng Pick. Mee … Igel, pick mech ni!

Zesumme léiert dir déi kleng Geschicht mat de Gesten oder just de Mierksaz dozou:
Igel, pick mech ni!

Fro un d'Kanner:
Wéi ee Laut héiert dir ganz oft am Saz?

Mëscht ofschléissend 3 Billerkaarten zum I-Ulaut mat 5 Billerkaarten zu Wierder ouni I-Ulaut. Gitt da mat de Kanner Bild fir Bild duerch a benennt se mat der Betounung um Ulaut. Zesumme mat de Kanner bestëmmt Dir, ob dat jeeweilegt Bild op de Koup mat Biller mam I-Ulaut kënnt oder op de Koup mat Biller ouni I-Ulaut.

Mierkbild an I-Ulaut-Biller fir op d'Laut-Buschtaf-Ketten

- Mierksaz: **I**gel, p**i**ck mech n**i**.
- Mierkbild: Foto vun engem Kand, dat den Igel mat der Pick op senger Hand sëtzen huet, oder d'Billerkaart vum Igel.
- Biller fir den I-Laut: D'Bild vum Igel zesumme mat zwee anere Biller zum I-Ulaut (Insel/Iglu), bei deenen dat däitscht Wuert och mam Buschtaf I ufänkt.

Klamert all dës Biller an d'Mëtt vun der Laut-Buschtaf-Ketten zum I-Laut.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum I-Laut

4.9 Wat seet d'Sila an der Ulaut-Sprooch?

Ziler

- éischte Kontakt mam Zerleeë vum Wuert a seng eenzel Lauter
- fir d'Kaartespiller vun de Kanner aus dem Cycle 1.2: déi richteg Wierder mat de Biller associéieren

Material

- déi grouss orange Billerkaarten (hannen am Classeur)
- d'Sila-Handpopp (mam orangë Knäppche fir d'Ulaut-Sprooch)

Aktivitéit

Hänkt eng Rei Billerkaarten – z. B. an de Schoulgank – op (zwee Biller: méi einfach, bis fënnef Biller: ëmmer méi schwéier), déi mam aktuellen Ulaut uginn, a benennt se zesumme mat de Kanner.
Mam Sila senger Hëllef sot Dir d'Wuert an der Ulaut-Sprooch, d. h. zerluecht an den Ulaut an de Rescht vum Wuert (z. B. M---aus, mat enger Paus vu ronn enger Sekonn tëschent den zwee Wuertdeeler). D'Kanner sichen dat entspriechend Bild zesummen oder een nom aneren. Da stelle si sech virun déi Billerkaart, vun där si mengen, datt se zum gesichte Wuert passt.
Zesumme mam Sila gëtt gekuckt, ob d'Äntwert déi richteg ass. D'Sila seet d'Wuert nach emol – fir d'éischt zerluecht an der Ulaut-Sprooch an dono als ganzt Wuert. Da beweegen d'Kanner sech nees duerch de Raum, bis d'Sila dat nächst Wuert an der Ulaut-Sprooch seet (Ulaut---Rescht vum Wuert, z. B. M---amma, M---auer, M---ond).

Méi einfach:
- Am Ufank vun der Aufgabestellung kann et hëllefräich sinn, datt d'Kand zousätzlech op Äre Mond kuckt, fir zu der auditiver och déi visuell Informatioun zu der Artikulatioun vum Wuert ze kréien.
- Fir d'Aufgabestellung méi einfach ze gestalten, kënnt Dir dem Kand ufanks weider Informatiounen zum gesichte Wuert ginn (z. B.: Et ass ee klengt Déier. Méi kleng wéi eng Kaz ...).

Méi schwéier:
- Wat méi Billerkaarten (bis zu 5 Stéck) als Alternativäntwerten ugebuede ginn, wat et méi schwiereg ass, déi richteg Äntwert ze fannen.
- Am schwéiersten ass et, wa keng Billerkaarte méi als Alternativäntwerte virgeschloe ginn. Hei muss d'Kand am eegene Wuertschatz sichen, fir dat proposéiert Wuert ze fannen. Dofir ass et wichteg, datt d'Kand dëst Wuert och scho kennt.

Wat mécht mäi Mond, meng Zong a mäin Otem?

Wann ech de M-Laut soen, wat mécht da mäi Mond?
Wat mécht meng Zong beim L-Laut?

Iwwer d'Artikulatioun gëtt den Otem zum Laut geformt. **All Laut geet Hand an Hand mat senger Artikulatioun**. Niewent dem Laut a wéi een dësen héiert, bitt d'Artikulatioun eng aner Méiglechkeet, fir e Laut am Wuert ze erkennen.

Beim Schreiwen am Ufank vum Cycle 2 gräift dat eent oder anert Kand mol ganz spontan op d'Artikulatioun zeréck, fir sech eng Hëllefstellung beim Zerleeë vum Wuert an déi eenzel Lauter ze ginn. Weider bidde verschidde Lies- a Schreifprogrammer oder geziilte Förderaktivitéiten Zousazmaterialien zu der Artikulatioun vum Laut un.

D'Zilsetzung vun de folgenden Aktivitéiten ass, d'Kanner fir d'Artikulatioun vun de Lauter ze sensibiliséieren an hinnen **niewent dem auditiven och den artikulatoreschen Zougang zum Laut ze weisen**.

4.10 D'Artikulatioun vum M-Laut

Zil

- dem M-Laut seng Artikulatioun genau kucken

Material

- eventuell kleng Spigelen

Aktivitéit

Mir kucken eise Mond am Spigel. Mir kucken deem anere Kand säi Mond.

Froen un d'Kanner:
- Wat maache mir mat eisem Mond, wa mir eppes ganz gär hunn a „Mmm" soen?
- Wat mécht mäi Mond, wann ech ufänken, d'Wuert **Mmm**aus ze soen?
- **Wat mécht mäi Mond, wann ech** ... soen? (déi zwee aner M-Laut-Wierder vun der Laut-Buschtaf-Ketten)

Spillvariant

D'Kanner sangen de M-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques), a kucken de Mond am Spigel oder bei hirem Noper.

4.11 D'Artikulatioun vum A-Laut

Zil

- dem A-Laut seng Artikulatioun genau kucken

Material

- eventuell kleng Spigelen

Aktivitéit

Mir kucken eise Mond am Spigel. Mir kucken deem anere Kand säi Mond.

Froen un d'Kanner:
- Wat maache mir mat eisem Mond, wa mir beim Dokter „Aaaa" soen?
- Wat mécht mäi Mond, wann ech an de Spigel kucken an A-Laut-Wierder soen?
  Apel, **A**f, **A**n**a**n**a**s

Spillvariant

D'Kanner sangen den A-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques), a kucken de Mond am Spigel oder bei hirem Noper.



4.12 D'Artikulatioun vum R-Laut

Zil

- dem R-Laut seng Artikulatioun genau spieren

Material

Aktivitéit

Sot mat der Betounung um R-Laut zesumme mat de Kanner:
Ri-Ra-Rakéit (oder Ritter oder Réi).

Froen un d'Kanner:
- Wéi ee Laut héiere mir oft bei Ri-Ra-Rakéit (oder Ritter oder Réi)?
- Wa mir eis flaach Hand lues op den Hals leeën, spiere mir dann, wéi et e bësse kribbelt, wa mir Ri-Ra-Rakéit soen (oder Ritter oder Réi)?
- Spieren ech et e bësse kribbelen, wann ech ... soen (R-Wierder vun der Laut-Buschtaf-Ketten)?

Spillvariant

D'Kanner sangen de R-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques), a spiere mat der flaacher Hand, wéi den Hals e bësse kribbelt.

4.13 D'Artikulatioun vum S-Laut

Zil

- dem S-Laut seng Artikulatioun genau spieren

Material

Aktivitéit

Mir spieren eise Mond an eis Zong.

Froen un d'Kanner:
- Wéi mécht eng Bei, déi flitt?
- Wat spieren ech, wann ech „Ssss" soen?
- Spieren ech da meng Zongespëtzt e bësse kribbelen?
- Spieren ech meng Zongespëtzt e bësse kribbelen, wann ech … soen (S-Wierder vun der Laut-Buschtaf-Ketten)?

Spillvariant

D'Kanner sangen de S-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques) a spieren hir Zongespëtzt e bësse kribbelen.



4.14 D'Artikulatioun vum L-Laut

Zil

- dem L-Laut seng Artikulatioun genau spieren

Material

Aktivitéit

Sangt mat der Betounung um L-Laut zesumme mat de Kanner d'Li-La-Lidd vum Li-La-Léiw (oder Li-La-Lineal).

Froen un d'Kanner:
- Wéi ee Laut héiere mir oft beim Li-La-Lidd?
- Wa mir „LLL" soen, spiere mir eis Zong, wéi se widder d'Zänn uewen am Mond kënnt?
- Kënne mir spillen, mir géifen eis Zänn hanne wäschen, andeems mir mat der Zong hin- an hierfueren an dobäi „LLL" soen?

Spillvariant

D'Kanner sangen de L-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques), a spieren hir Zong hannen op den ieweschten Zänn.



4.15 D'Artikulatioun vum I-Laut

Zil

- dem I-Laut seng Artikulatioun genau kucken

Material

- eventuell kleng Spigelen

Aktivitéit

De Mierksaz oder déi kleng Geschicht mam Igel gëtt kuerz widderholl:
Igel, pick mech ni!

Mir kucken eise Mond am Spigel. Mir kucken deem anere Kand säi Mond.

Froen un d'Kanner:
- Wat mécht mäi Mond, wann ech „I-I-I" soen?
- Wat mécht mäi Mond, wann ech I-Laut-Wierder soen? (Igel an déi zwee aner Wierder vun der Laut-Buschtaf-Ketten)

Spillvariant

D'Kanner sangen den I-Laut mat der Melodie vun engem Lidd, dat si gutt kennen (z. B. Frère Jacques), a kucken hire Mond dobäi am Spigel.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.3 Héiers du den Ulaut? Fir d'Lauter M, A, R, S, L, I.

De Buschtaf entdecken

Als Astig gouf schonn en éischte Kontakt mam geschriwwene Wuert am Alldagskontext gesicht. Am Laf vun den nächsten Aktivitéite steet **d'Entdeckung vum Buschtaf a senger Form** am Mëttelpunkt.

Baséierend op engem **Schrëftdokument aus dem Klassekontext**, mat deem d'Kanner gutt vertraut sinn (**z. B. d'Nummkäertche** vun engem Kand oder **den Titel vun engem Virliesbuch**), gi si duerch eng geziilte Froestellung un de Buschtaf erugefouert. Esou fänkt d'Rees an d'Schrëft mat der Spannung vum Moment a mat der Freed um Selwerentdecken un.

An engem nächste Schrëtt gëtt d'**Buschtaweform** zentral. Fir déi aktiv Ausernanersetzung mam Buschtaf ginn d'Haaptelementer (Strécher a Kurven) vum grousse Buschtaf mam gewielte Material richteg orientéiert nogeluecht an op e Blat gepecht. Déi genau Beschreiwung vun der Buschtaweform duerch d'Kand bitt eng weider Geleeënheet, fir sech mam Buschtaf auserneenzesetzen.

Fir datt d'**Kand dem Buschtaf seng Form mam ganze Kierper nostelle kann**, gëtt dësen z. B. zousätzlech un eng Mauer gepecht (z. B. mat Krepp-Pech).

Als Virbereedung op ee fléissenden Iwwergang an de Cycle 2 sinn an deenen nächsten Deeg a Wochen ëmmer erëm **Verdéiwungsaktivitéiten** zum Laut an zum Buschtaf **fir d'Kanner aus dem C 1.2** virgesinn (Heft 5).

4.16 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut?

Zil

- de Buschtaf a seng Verbindung zum Laut entdecken

Material

- e geschriwwent Wuert aus dem Klassekontext, dat vir mam gesichte Laut a Buschtaf ufänkt, a bei deem d'Kanner scho wëssen, wéi ee Wuert do steet

Dëst Wuertbild kann z. B. sinn:
- eng Nummkäertche vun engem Kand aus der Klass
  (Opgepasst: „Anne" mat der englescher Aussprooch kann net fir den A-Ulaut geholl ginn).
- ee Wuert aus engem Buchtitel, deen de Kanner wuel bekannt ass
- eng Foto vun engem bekannte Wuert aus der Buschtawe-Safari
- oder eng passend Billerkaart zum Buschtaf an zum Laut, wou d'Wuert op der Récksäit vun der Kaart geschriwwe steet

- Zousazmaterial: ee groussen, dräidimensionale Buschtaf

- d'Buschtaf-Kaarten (hannen am Classeur bei de passenden Ulaut-Kaarten)

Buschtaf-Kaart	Nummer
M	120
A	108
R	125
S	126
L	119
I	116

- d'Laut-Buschtaf-Kette mat Klameren

Aktivitéit

Weist de Kanner dat gewieltent Wuert aus dem Klassekontext (Nummkäertchen, Buchtitel ...) a guidéiert se duerch Froe weider:

Froen un d'Kanner:
- Wat steet hei geschriwwen? Wéi ee Wuert steet hei geschriwwen?
- Héiere mir de gesichte Laut am Wuert? (Eventuell op de Mond kucken oder d'Artikulatioun erspieren.)
- Mir héieren de gesichte Laut ganz am Ufank vum Wuert. Wéi ee Buschtaf steet ganz am Ufank vum Wuert a gehéiert zum Laut?

No dësem wichtege Moment vun der Entdeckung vun der Laut-Buschtaf-Korrespondenz kritt de grousse Buschtaf seng Plaz am Krees. All Kand kritt de Buschtaf an d'Hand, fir en eng Kéier méi genau ze kucken an ze spieren.

Froen un d'Kanner:

- Wéi gesäit de Buschtaf aus? Wéi eng Form huet hien?
- Wéi ee Laut passt zu dësem Buschtaf?
- Wéi ee Mierksaz passt zu dësem Buschtaf?

Déi passend Buschtaf-Kaart gëtt ganz uewen op d'Laut-Buschtaf-Kette gehaangen. Nach bleift Plaz dertëschent fräi fir de selwer gepechte Buschtaf. D'Wuertbild aus dem Klassekontext (z. B. eng Nummkäertchen, den Titel vum Buch) kënnt als Ofschloss ënnen op d'Laut-Buschtaf-Ketten.

Zousätzlech Spillform (z. B. am Fräispill oder Atelier)

Fir datt d'Kand dem Buschtaf seng Form mat sengem ganze Kierper eleng (A,R,S,L,I) oder zu zwee (M) nostelle kann, gëtt dësen zousätzlech un eng Mauer gepecht (z. B. mat Krepp-Pech). De Foussbuedem iwwerhëlt hei d'Roll vun der Zeilelinn, op där de Buschtaf sech am Raum positionéiert (uewe vum Buschtaf an ënne vum Buschtaf). Duerch dës Positioun bei der Mauer gesinn och déi aner Kanner d'Buschtaweform ni spigelverkéiert vun hannen (z. B. beim R a beim L).



M



R



A
(Lineal tëschent de Been)



I



S



L

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.2 Den Ulaut-Dictionnaire zum aktuelle Buschtaf

4.17 Wéi gesäit dee Buschtaf genau aus?

Zil

- d'Form vum Buschtaf méi genau kenne léieren

Material

Wielt jee no Buschtaf e Material, dat gutt bei dee Buschtaf passt. Vläicht hunn d'Kanner och hir eegen Iddien heizou, z. B.:
M - wéi z. B. Moosgummi oder eppes Muusseges (geschnidde Wattsträife fir déi eenzel Buschtawendeeler)
A – wéi z. B. Aascht
S - wéi z. B. Seel
R – wéi z. B. riicht a ronn, rout Stécker
L - wéi z. B. Lineal (fir d'Konture vum Lineal wéi en L nozefueren)
I - wéi z. B. eppes Kribbeleges (Glaspabeier), eppes Pickeges (mat Noppen)

Et ass flott, wann d'Material schonn déi riicht oder ronn Elementer vum Buschtaf duerstellt, d. h. wann dës einfach an engem Stéck kënne geluecht ginn. Esou kënnen d'Kanner sech op d'Positioun vun de verschiddene riichten a ronnen Elementer zuenee konzentréieren.

- ee fest DIN-A4-Blat fir all Kand
- Pech
- Zousazmaterial: de passende groussen Holzbuschtaf
- d'Buschtaf-Plättercher (am giele Säckelchen)
- d'Laut-Buschtaf-Kette mat Klameren

Aktivitéit

Weist de Kanner kuerz, wéi de groussen Holzbuschtaf flaach a richteg orientéiert op en DIN-A4-Blat geluecht gëtt. Mat dëser Virlag leeën d'Kanner hire Buschtaf am Fräispill oder am Atelier mam gewielte Material no. Och de Buschtaf vun der Laut-Buschtaf-Kette kann zousätzlech als Modell geholl ginn.

Wann de Kanner hire geluechte Buschtaf der Buschtaweform entsprécht a richteg orientéiert um Blat ass, kënne si d'Material op dat fest Blat oppechen.

Am Grupp weise si deenen anere Kanner hire Buschtaf.

Froen un d'Kanner:

- Wéi hues du déi verschidden Deeler vum Buschtaf op d'Blat geluecht, fir datt däi Buschtaf genau esou ausgesäit wéi eise grousse Buschtaf?
- Op wat hues du dobäi missen oppassen?

All Kand seet nach eemol de Laut, deen zu sengem Buschtaf gehéiert. An dësem Kontext kënnen de Mierksaz vun der Laut-Buschtaf-Ketten oder d'Laut-Lidd och zesumme widderholl ginn. Ee selwer gepechte Buschtaf gëtt ënnert d'Buschtaf-Kaart op d'Laut-Buschtaf-Kette gehaangen.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.4 Erkenns du de Buschtaf? (fir d'Lauter M, A, R, S, L, I)

5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf? (fir d'Lauter M, A, R, S, L, I)

D’Lautspiller – en éischte Kontakt mam Laut am Wuert

Am Ufank vun de Laut-Spiller kënnt d’Sila als groussen Expert an der **Roboter-Laut-Sprooch (S-i-l-a)** zum Asaz. Dëst ka mam Drécken op den opgebitzte giele Knäppche spilleresch ëmgesat ginn. D’Sila seet d’Wierder an der Roboter-Sprooch vir. Un de Kanner ass et, erauszefannen, wéi ee Wuert d’Sila gesot huet. Uschléissend erlaabt d’**Laut-Hopsen**, zesumme mam Sila, erauszefannen, wéi ee Wuert méi laang ass.

Am nächsten Heft (**Heft 5**) geet et fir d’Kanner aus dem C 1.2 e Schrëtt méi wäit. Hei gëtt d’**Zerleeë vum Wuert a seng eenzel Lauter** (Lautanalys) weider verdéift. D’Analogie zum Schreiwe gëtt unhand vun de Laut-Plättercher – **als visuellt Zeeche fir all Laut** – opgebaut.

Ganz wichteg!

Dir zerleet d’Wuert an déi eenzel **Lauter** (B-U-S), **déi och wierklech am Wuert ze héiere sinn**.
Esou gëtt z. B. de laangen A-Laut aus dem Wuert ‚Af‘ och laang ausgeschwat (A(laang)-F). De kuerzen A-Laut aus dem Wuert ‚Kapp‘ gëtt kuerz ausgeschwat (K-A(kuerz)-PP). Tëschent den eenzelne Lauter gëtt ronn eng Sekonn gepaust.

Et gëtt just mat Lauter (z. B. dem M-Laut) an **net mat Buschtawennimm geschafft** (z. B. dem ÄMM).

4.18 D’Sila erkläert d’Roboter-Laut-Sprooch

Zil

- eng kuerz Aféierung an d’Roboter-Laut-Sprooch

Material

- d’Sila-Handpopp

Aktivitéit

Dem Sila säin Text:

Moie léif Kanner,

also haut weisen ech iech mäi giele Knäppchen – deen heiten.

Numm vun der Léierpersoun, kanns du wgl. do emol drop drécken? Da kann ech d’Wierder schonn an der ganz richteger Roboter-Laut-Sprooch schwätzen.
Dat kléngt esou:

S—I—L—A
M—A—MM—A
R—O—S—A
B—U—S

Wow, ass dat schéin! Esou wéi ee richtege Roboter. Dat hunn ech gären!
Kommt, mir probéieren emol. Ech soen ee Wuert an der Roboter-Laut-Sprooch, an dir probéiert dann, ob dir verstitt, wat ech soen …

Iwwergang zu der Aktivitéit: Wat seet d’Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?

4.19 Wat seet d'Sila an der Roboter-Laut-Sprooch?

Ziler

- éischte Kontakt mam Zerleeë vum Wuert a seng eenzel Lauter
- fir d'Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner aus dem C 1.2: déi richteg Wierder mat de Biller associéieren

Material

- déi grouss giel Laut-Kaarten (hannen am Classeur)
- d'Sila-Handpopp (mam giele Knäppche fir d'Roboter-Laut-Sprooch)

Aktivitéit

- Hänkt eng Rei grouss Billerkaarten, z. B. am Schoulgank op (zwee Biller: méi einfach, bis fënnef Biller: ëmmer méi schwéier), a benennt se zesumme mat de Kanner.
- Dir sot mam Sila senger Hëllef d'Wuert zerluecht a seng eenzel Lauter (z. B. B---U---S), mat enger Paus vu ronn enger Sekonn tëschent zwee Lauter. D'Kanner sichen dat entspriechend Bild – zesummen oder een nom aneren. Da stelle si sech virun déi Billerkaart, vun där si mengen, datt se zum gesichte Wuert passt.
- Zesumme mam Sila gëtt gekuckt, ob d'Äntwert déi richteg ass. D'Sila seet d'Wuert nach eemol, zerluecht an déi eenzel Lauter an dono als ganzt Wuert.
- Fir eng nei Ronn beweegen d'Kanner sech erëm duerch de Raum, bis d'Sila dat nächst Wuert an der Roboter-Laut-Sprooch seet.

Méi einfach:

- Am Ufank kann et hëllefräich sinn, datt d'Kand op Äre Mond kuckt, fir esou zousätzlech zu där auditiver och déi visuell Informatioun zu der Artikulatioun vum Wuert ze kréien. Fir d'Aufgabestellung méi einfach ze gestalten, kënnt Dir dem Kand am Ufank weider Informatiounen zum gesichte Wuert ginn (z. B.: Et kann een domat an d'Schoul fueren. Et passe vill Kanner dran ...).

Méi schwéier:

- Wat méi Billerkaarten (bis zu 5 Stéck) als Alternativäntwerte proposéiert ginn, wat et méi schwiereg ass, déi richteg Äntwert ze fannen.
- Am schwéiersten ass et, wa keng Billerkaarte méi als Alternativäntwert ugebuede ginn. Hei muss d'Kand am eegene Wuertrepertoire sichen, fir d'Wuert ze fannen. Dofir ass et wichteg, datt d'Kand dëst Wuert och scho kennt.

Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf? (fir d'Lauter M, A, R, S, L,I)

4.20 Laut-Hopsen: Wéi ee Wuert huet méi Lauter?

Ziler

- Aféierung: all Laut aus dem Wuert mat jee engem visuellen Zeechen duerstellen
- fir d'Verdéiwungsaktivitéit fir d'Kanner aus dem Cycle 1.2: dat passend Wuert mam Bild associéieren

Material

- d'Sila-Handpopp
- déi grouss giel Laut-Kaarten (hannen am Classeur)
- déi grouss rout Punkte-Kaarten (am roude Säckelchen)

Aktivitéit



- Stellt véier Kannerstill (oder Këschten, Buedemmatten, Reefer …) an eng Rei an hänkt op all Stull eng grouss Punkte-Kaart (mat engem bis véier Punkten drop). Wa vill Kanner matmaachen, pecht eng Sträif Krepp-Pech rechtwénkleg zu der Stullrei op de Buedem, esou datt virun all Stull eng nei Bunn entsteet, an d'Kanner vun enger Bunn an déi aner hopse kënnen.

- Wielt zwou giel Billerkaarten (hannen am Classeur), déi an der Roboter-Laut-Sprooch gehopst ginn (am Ufank ee Wuert mat just zwee oder dräi Lauter). Weist de Kanner déi zwee passend Biller a benennt se. Wéi ee Wuert vun deenen zwee ass méi laang? Fir dat erauszefannen, ginn d'Wierder eent nom anere gehopst.

  Fir déi spilleresch Ëmsetzung kënnen d'Kanner eng Billerkaart vun zwou zéien. D'Sila kritt déi aner Billerkaart. Dee mam längste Wuert gewënnt. Wien ass et, d'Sila oder d'Kanner? Dem Sila seng Billerkaart gëtt fir d'éischt gehopst.

- Am Ufank stinn d'Kanner lénks, säitlech vun der Stullrei (eventuell virun der éischter Pech-Sträif) an d'Sila seet dat éischt Wuert an der Roboter-Laut-Sprooch. Zesummen oder een nom aneren hopsen d'Kanner d'Wuert an der Laut-Sprooch (B-U-S) säitlech vu lénks no riets a vu Stull zu Stull. Dobäi kucken d'Kanner an d'Richtung vun der Stullrei (fir esou a Schreifrichtung ze hopsen). Mat all Sprong bei deen nächste Stull nenne si deen nächste Laut (fir Bus gëtt dat: B – Sprong bei den éischte Stull, U – Sprong bei den zweete Stull, S – Sprong bei den drëtte Stull). Wann all d'Lauter gespronge goufen, stinn d'Kanner beim drëtte Stull an dat ganzt Wuert gëtt nach eemol gesot (Bus).

  D'Billerkaart zum Wuert, dat grad gehopst gouf, kënnt zesumme mam Sila gutt siichtbar op dee Stull, virun deem d'Kanner elo beim leschte Laut stinn.

  Elo gëtt de Kanner hiert Wuert gehopst (z. B. M-A-MM-A). Ass et méi laang oder méi kuerz wéi dem Sila säi Wuert? Esou wéi uewe beschriwwen, gëtt och dëst Wuert säitlech vu Stull zu Stull gehopst. Kommen d'Kanner méi wäit wéi d'Sila mam Laut-Hopsen? An dësem Fall ass dat zweet Wuert méi laang an huet méi Lauter.

  An enger nächster Ronn sinn zwee nei Wierder drun.

Méi schwéier:
- No all Bild, dat gehopst gouf, gëtt op der Punkte-Kaart, virun där d'Kanner stinn, gekuckt, wéi vill Punkten drop sinn. Wéi vill Lauter sinn am Wuert? A wien huet gewonnen? D'Sila oder d'Kanner?

Verdéiwungsaktivitéite fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un (beschriwwen am Heft 5)

5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf? (fir d'Lauter M, A, R, S, L, I)
5.6 Wéi ee Wuert huet méi Lauter?
5.7 Wéi e Buschtaf passt zum Laut am Wuert?
5.8 Wat steet do geschriwwen?

Ulaut-Lëschten

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am orangë Säckelchen).

	M-Ulaut					
1.1	Buschtaf M					
1.2	M--eedchen	Mädchen		1.7	M--uschel	Muschel
1.3	M--amma	Mama		1.8	M--otorrad	Motorrad
1.4	M--ond	Mund		1.9	M--ais	Mais
1.5	M--auer	Mauer		1.10	M--ëllech	Milch
1.6	M--antel	Mantel		1.11	M--aus	Maus

	A-Ulaut					
1.12	Buschtaf A					
1.13	Aa--rm	Arm		1.18	A--f	Affe
1.14	A--pel	Apfel		1.19	Aa--dler	Adler
1.15	A--nanas	Ananas		1.20	A--quarium	Aquarium
1.16	Aa--ngel	Angel		1.21	Aa--scht	Ast
1.17	A--stronaut	Astronaut		1.22	a--l	alt

	L-Ulaut					
1.23	Buschtaf L					
1.24	L--ineal	Lineal		1.28	L--eeder	Leiter
1.25	L--äffel	Löffel		1.29	L--éiw	Löwe
1.26	l--afen	laufen		1.30	L--and	Land
1.27	L--oftballon	Luftballon				

	R-Ulaut					
2.1	Buschtaf R					
2.2	R--éck	Rücken		2.7	R--ad	Rad
2.3	r--out	rot		2.8	R--akéit	Rakete
2.4	r--osa	rosa		2.9	R--äis	Reis
2.5	R--itter	Ritter		2.10	R--een	Regen
2.6	R--utsch	Rutschbahn		2.11	R--éi	Reh

	S-Ulaut					
2.12	Buschtaf S					
2.13	s--ëtzen	sitzen		2.18	S--ee	Säge
2.14	S--and	Sand		2.19	S--éi	See
2.15	s--angen	singen		2.20	S--ummer	Sommer
2.16	S--alz	Salz		2.21	S--onn	Sonne
2.17	s--ichen	suchen		2.22	S--ila	Sila

	I-Ulaut					
2.23	Buschtaf I					
2.24	I--gel	Igel		2.26	I--glu	Iglu
2.25	I--nsel	Insel				

Laut-Lëscht

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am orangë Säckelchen).

1.1	M-A-MM-A	Mama		2.1	S-EE-L	Seil
1.2	P-A-PP-A	Papa		2.2	Z-E-L-T	Zelt
1.3	B-O-M-A	Oma		2.3	B-U-S	Bus
1.4	B-O-P-A	Opa		2.4	T-A-X-I	Taxi
1.5	H-A-L-S	Hals		2.5	EE	Ei
1.6	B-EE-N	Bein		2.6	S-A-L-Z	Salz
1.7	R-O-S-A	rosa		2.7	B-I-R	Birne
1.8	H-U-TT	Hut		2.8	W-A-L	Wal
1.9	SCH-A-L	Schal		2.9	R-EE-N	Regen
1.10	C-D	CD		2.10	S-I-L-A	Sila

NOTIZEN



HEFT 5

Ulaut- a Lautspiller
Verdéiwungsaktivitéite fir d'Kanner ab dem C 1.2

Säit	Hannergrondinformatioun	Spiller an Aktivitéiten	Säit
1	Aféierung		
2	Aktivitéiten zum Ulaut		
		5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum Laut	3
		5.2 Den Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf	4
		5.3 Héiers du den Ulaut?	5
		5.4 Erkenns du de Buschtaf?	6
		5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf?	7
8	Aktivitéiten zum Laut		
8	D'Lautanalys		
		5.6 Wéi ee Wuert huet méi Lauter?	9
		5.7 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut am Wuert?	11
		5.8 Wat steet do geschriwwen?	12
13	Den Iwwergang an de Cycle 2 virbereeden		
14	Ulaut-Lëschten		
16	Laut-Lëschten		

AFÉIERUNG

Zum Schluss vun dësem Deel ass den Iwwergang an d'Erliesen an d'Schreiwe vu Wierder, wéi ee se héiert (alphabetesch Strategie), fléissend. Den Ufank ass gesat an et bleift wichteg, d'Kand weider op sengem Wee an d'Schrëft ze guidéieren.

Besonnesch fir déi Kanner, déi séier verstinn, datt d'Wierder och geschriwwe ginn, wéi ee se héiert, ass et wichteg, datt si net iwwert e Joer laang spontan alles esou schreiwen. Doduerch gëtt evitéiert, datt déi alphabetesch Strategie no enger Zäit schnell an automatesch op all Wuert ugewant gëtt an et doduerch spéider méi schwéierfält, fir op déi orthografesch Strategie iwwerzegoen.

Dofir sinn dës **Verdéiwungsaktivitéiten zu den Ulaut- a Lautspiller mat Buschtawen an der Reegel fir d'Kanner vum Cycle 1.2 un recommandéiert (d'Cyclen 1.3 an 2.1 abegraff)**.



Fir déi **Kanner, déi nach eventuell en drëtt Joer am Cycle 1 bleiwen**, besteet d'Méiglechkeet, fir schonn am Cycle 1.2 bei dësen Aktivitéite matzemaachen an esou en éischte Kontakt mam Laut a mam Buschtaf ze hunn. Am Cycle 1.3 kënnen dës Spiller da mat der Berücksichtegung vun de Förderziler vum Kand widderholl a verdéift ginn.

Ganz wichteg ass et, besonnesch **deene Kanner, deenen dës Schrëtt méi Ausdauer an Energie ofverlaangen**, och déi néideg Zäit an Opmierksamkeet ze schenken, fir esou hire Start an d'Liesen- a Schreiweléiere virzebereeden.

Vun dësen Aktivitéite profitéieren och déi **Kanner am C 2.1, déi méi Schwieregkeeten hunn**, beim Start an d'Liesen an d'Schreiwen direkt vill verschidden Deelfäerdegkeete gläichzäiteg unzewenden (z. B. de Laut aus dem Wuert erauszehéieren, de richtege Buschtaf mam Laut ze associéieren, d'Buschtaweform richteg op d'Blat ze schreiwen, ze verhalen, wat schonns geschriwwe gouf ...). Fir dës Kanner ass et flott, wa si kënnen op gemeinsam Léiermomenter aus dem Cycle 1 zeréckgräifen, fir dorop opzebauen.

Vläicht sicht dat eent oder anert Kand schonn no weidere Schrëtt **a brauch am Cycle 1 an 2 den Asaz vun differenzéierten Aktivitéiten. Dëst z.B a Form vu Buschtafbicher (mat auditivem Léierstëft) oder Buschtafspiller**. Hei gëtt et eng breet Auswiel op Däitsch. **Wann all d'Laut-Buschtaf- Korrespondenzen fléissend beim Wuertliesen ugewannt ginn, kenn Dir z.B. zréckgräifen op e ganz differenzéierte Buchprogramm** fir den Iwwergang vun éischte Lieskenntnisser op d'Liese vun Erstlesebicher (wéi z. B. vu Lesebaum, cf. Rothenhöfer an der Bibliografie hannen am Aféierungsheft).

AKTIVITÉITEN ZUM ULAUT

5.1 Den Ulaut-Dictionnaire zum Laut

Zil

- iwwer eng länger Zäit op de gesichten Ulaut oppassen

Material

- Zeitungen a Reklammebliedercher
- Schéier, Pech, Faarwen, Pabeier
- DIN-A4-Blieder
- en dënne Classeur fir all Kand

Aktivitéit

D'Kanner sichen an Zeitungen a Reklammebliedercher Biller zum Ulaut, op deem grad geschafft gëtt, oder si mole selwer déi passend Biller a peche se op e Blat.

Fir all Ulaut kënnt no an no en neien Deel an de Classeur dobäi. Dës Sammlung gëtt dem Kand säin Ulaut-Dictionnaire, deen hatt mol eleng, mol zesumme mat anere Kanner kucken an d'Biller dora benenne kann. Vläicht hëlt d'Kand de Classeur mat heem, fir e mat sengen Elteren ze kucken.

Well den Ulaut-Dictionnaire just iwwer d'Eralauschteren an d'Wuert opgebaut gëtt, kënnen déi Kanner, déi eng aner Sprooch doheem schwätzen, och passend Wierder an där Sprooch afügen. Fir déi zwou Sprooche bewosst vuneneen ze trennen, soll e Blat an enger anerer Faarf fir d'Wierder aus där anerer Sprooch benotzt ginn.

5.2 Den Ulaut-Dictionnaire zum Buschtaf

Zil

- iwwer eng länger Zäit op de gesichte Buschtaf oppassen

Material

- Zeitungen a Reklammebliedercher
- Schéier, Pech, Faarwen, Pabeier
- DIN-A4-Blieder
- en dënne Classeur fir all Kand

Aktivitéit

D'Kanner sichen de Buschtaf, op deem grad geschafft gëtt, an Zeitungen a Reklammebliedercher a pechen dësen (oder dat ganzt Wuert, wou de Buschtaf dra steet) op e Blat. Vläicht kënne si och op Fotoen zeréckgräifen, déi bei der gemeinsamer Buschtawe-Safari gemaach goufen.

Wann eng Buschtawesäit ofgeschloss ass, kënnt se virun de passenden Deel mat den Ulaut-Wierder an de Classeur dobäi.

Fir dat Kand, dat scho prett ass, an op dem Kand seng eegen Nofro hin, kann och no passende klenggeschriwwene Buschtawe gesicht ginn.

5.3 Héiers du den Ulaut?

Zil

- den Ulaut am Wuert eraushéieren

Material

- déi kleng orange Ulaut-Kaarten (am orangë Säckelchen)
  - ◊ méi einfach: Wielt d'Ulaut-Kaarten zu zwee verschiddenen Ulauter.
  - ◊ méi schwéier: Wielt d'Ulaut-Kaarten zu dräi, véier, fënnef oder sechs verschiddenen Ulauter.

An den Ulaut-Lëschten op der Récksäit vun dësem Heft fannt Dir d'Biller zu deene verschiddenen Ulauter.

- d'Sila-Handpopp (mam orangë Knäppche fir Ulaut-Sprooch)

Aktivitéit

Duerch d'Aktivitéit ëm dem Sila seng Ulaut-Sprooch an d'Aktivitéiten zu den eenzelen Ulauter (Heft 4) kennen d'Kanner d'Wierder zum Deel schonn, déi zu den Ulaut-Kaarte passen. Eventuell kënnt Dir d'Kaarten nach mat hinne benennen, éier datt d'Kanner mat der Aktivitéit ufänken.

Dir leet eng Billerkaart an d'Mëtt, déi mam gesichten Ulaut ufänkt (z. B. MMMaus fir de M-Laut). D'Sila seet d'Wuert an der Ulaut-Sprooch. Dann huelt Dir eng zweet Käertchen. D'Sila seet d'Wuert an der Ulaut-Sprooch. Zesumme gëtt gekuckt, ob d'Käertchen op de Koup mam gesichten Ulaut kënnt oder net.

Dono sichen d'Kanner an den orangen Ulaut-Kaarten déi Wierder, déi mam bestëmmten Ulaut ufänken (z. B. M-aus, M-amma, M-ond asw.). Fänkt d'Wuert mam gesichten Ulaut un, da kënnt d'Käertchen op de Koup vun der éischter Billerkaart. Ass dat net de Fall, da kënnt d'Bild op deen zweete Koup.

Ofschléissend kënnt Dir zesumme mat de Kanner a mam Sila d'Billerkaarte vum Koup mam gesichten Ulaut duerchgoen. D'Sila oder d'Kanner soen déi verschidde Wierder an der Ulaut-Sprooch. Gekuckt gëtt esou, ob all Kaart um richtege Koup läit (z. B. MMMaus, MMMamma, MMMond, … AAApel?).

Méi schwéier:
Nodeem all Ulaut eng Kéier eenzel gesicht gouf, kënne lues a lues méi Ulauter matenee gesicht ginn. An deem Fall gi verschidde Kéip gemaach (z. B. ee Koup fir de M-Laut, ee Koup fir den A-Laut asw.). Wat méi verschidden Ulauter gläichzäiteg ze fanne sinn, wat d'Aktivitéit méi schwéier ass.

5.4 Erkenns du de Buschtaf?

Zil

- déi taktil Exploratioun vum Buschtaf, fir dat mentaalt Bild vum Buschtaf opzebauen

Material

- Zousazmaterial: grouss Holzbuschtawen
    - ◊ méi einfach: just zwee Holzbuschtawen – d. h. dee Buschtaf, dee grad un der Rei ass, an dee Buschtaf, dee just virum aktuelle Buschtaf entdeckt gouf (M & A, R & A, S & R, L & S, I & L)
    - ◊ méi schwéier: Wann all d'Buschtawen zwee an zwee duerchgeholl goufen, kënne méi a méi Buschtawe mateneen agesat ginn.
- eng Aemask (eventuell e grousst Duch, fir d'Buschtawen drënner ze verstoppen)

Aktivitéit

Dir weist de Kanner déi zwee grouss Holzbuschtawen, déi et elo gläich ze ertaaschte gëtt. Een nom anere kritt all Kand de Buschtaf an d'Hand, fir e gutt ze kucken an da mat zouenen Aen ofzetaaschten. Wichteg bleift, drop opzepassen, datt d'Kanner de Buschtaf de richtege Wee gedréit halen (d. h. net spigelverkéiert an net op der Kopp).

Dann deet dat éischt Kand eng Aemask un. Säi Sëtznoper wielt ee Buschtaf aus a leet de Buschtaf – richteg orientéiert – virun dat éischt Kand op den Dësch. Duerch d'Taaschte versicht dat éischt Kand, de Buschtaf ze erkennen. Wann et d'Äntwert fonnt huet, nennt d'Kand de Laut, deen zum Buschtaf passt.

Méi einfach:
- Wann d'Kand d'Äntwert nach net fënnt, kënnt Dir méi geziilt froen, z. B. Ass et den A? …
- oder nach aner Zousazinformatioune ginn: D'Wuert ‚AAApel' fänkt mat dësem Buschtaf un.

Méi schwéier:
Wann all d'Buschtawen zwee an zwee duerchgeholl goufen, kënne méi a méi Buschtawe mateneen agesat ginn.

Spillvariant

Ee Kand leet deem anere Kand en Holzbuschtaf op de Réck a fiert de Buschtaf da mam Fanger no. Dat anert Kand réit, wéi ee Buschtaf grad op säi Réck gezeechent gouf.

5.5 Héiers du den Ulaut? Kenns du de Buschtaf?

Zil

- den Ulaut eraushéieren an de passende Buschtaf domat associéieren

Material

- déi kleng orange Ulaut-Kaarten (am orangë Säckelchen)

    ◊ méi einfach: Wielt d'Ulaut-Kaarte vun zwee verschiddenen Ulauter.

    ◊ méi schwéier: Wielt d'Ulaut-Kaarten zu dräi, véier, fënnef oder sechs verschiddenen Ulauter.

An den Ulaut-Lëschten op der Récksäit vun dësem Heft fannt Dir d'Biller zu deene verschiddenen Ulauter.

- déi giel Buschtaf-Plättercher fir all Ulaut (am giele Säckelchen), dee soll gesicht ginn (déi grouss Kaarte fir Iech oder de Grupp, déi kleng Kaarte fir all eenzelt Kand)

- d'Sila-Handpopp (mam orangë Knäppche fir d'Ulaut-Sprooch)

Aktivitéit

Duerch d'Aktivitéiten aus dem Heft 4 kennen d'Kanner schonn zum Deel déi Wierder, déi zu den Ulaut-Kaarte passen. Eventuell kënnt Dir d'Kaarte mat de Kanner benennen, éier si mat der Aktivitéit ufänken.

Dir leet déi giel Buschtaf-Plättchen an d'Mëtt (z. B. de Buschtaf M), déi zum gesichten Ulaut passt (z. B. zum M-Laut). De passende Laut zum Buschtaf gëtt genannt. Dann huelt Dir eng kleng orange Ulaut-Kaart. D'Sila seet d'Wuert an der Ulaut-Sprooch. Zesumme gëtt gekuckt, ob den Ulaut vum Wuert bei de Buschtaf passt. Ass dat de Fall, kënnt d'Käertche bei de Buschtaf leien. Ass dat net de Fall, kënnt d'Käertchen op en zweete Koup leien.

Dono sichen d'Kanner weider an den orangen Ulaut-Kaarten déi Wierder, déi mam entspriechenden Ulaut uginn a bei de Buschtaf passen. Fänkt d'Wuert mam gesichten Ulaut un, da kënnt d'Käertchen op de Koup vum passende Buschtaf. Fänkt d'Wuert net mam gesichten Ulaut un, da kënnt d'Bild op den zweete Koup.

Ofschléissend kënnt Dir zesumme mat de Kanner a mam Sila d'Billerkaarte vum Buschtawe-Koup duerchgoen. D'Sila oder d'Kanner soen déi verschidde Wierder an der Ulaut-Sprooch. Esou gëtt gekuckt, ob all Kaart um richtege Buschtawe-Koup läit (z. B.: Leie beim Buschtaf M follgend Kaarten: MMMaus, MMMamma, MMMond, ... AAApel?).

Méi schwéier:
Nodeem all d'Biller fir ee Buschtaf eng Kéier eenzel gesicht goufen, kënnen no an no d'Biller fir méi Buschtawe matenee gesicht ginn. An deem Fall gi verschidde Kéip gemaach (z. B. ee Koup fir de Buschtaf M, ee Koup fir de Buschtaf A asw.).

AKTIVITÉITEN ZUM LAUT

D'LAUTANALYS

Mat der **Roboter-Laut-Sprooch** (aus B-U-S gëtt ‚Bus') ass d'Analys vum Wuert a seng eenzel Lauter (aus ‚Bus' gëtt B-U-S) schonns virbereet ginn. An dësem Deel preparéiert d'Lautanalys de Wee an déi alphabetesch Schreifstrategie.

An engem éischte Schrëtt probéiert d'Kand, lues a lues a **mam Sila senger Hëllef, zu all Laut am Wuert eng Laut-Plättchen ze leeën**. Fir d'Aktivitéit méi spilleresch ze gestalten, gëtt gesicht, wéi ee Wuert dat längst ass. An engem zweete Schrëtt gëtt zousätzlech gekuckt, **ob zum Laut ee vun deene sechs Buschtawe passt**, déi d'Kand schonn am Laf vum Programm kenne geléiert huet.

D'Wierder aus der Laut-Lëscht, op deene geschafft gëtt, sinn esou gewielt, datt se am Cycle 2 richteg mat der Ulaut-Tabell kënne geschriwwe ginn (z. B. Mama, Papa, Hals, rosa, Bus, Wal). Weider sinn d'Zillauter aus dëse Wierder (z. B. den A-Laut) esouwuel am lëtzebuergeschen ewéi och am däitsche Wuert enthalen (z. B. **A**pel – **A**pfel).

Dës Krittären erlaben, den **Transfert vum Wëssen aus dem Cycle 1 an de Cycle 2** esou einfach an direkt wéi méiglech ze gestalten. Op dës Aart a Weis kënnen d'Aktivitéiten zu der Lautanalys och am Cycle 2 widderholl a fir déi passend däitsch Wierder erweidert ginn. Am Cycle 2 kann d'Wuertanalys mat Laut-Plättercher natierlech och fir nei Wierder aus der däitscher Fibel agesat ginn.

5.6 Wéi ee Wuert huet méi Lauter?

Zil

- all d'Lauter aus engem Wuert mat jee engem visuellen Zeechen duerstellen

Material

- déi kleng giel Laut-Kaarten
- déi giel Laut-Plättercher (déi grouss Kaarte fir Iech, déi kleng Kaarte fir all Kand)
- d'Sila-Handpopp (mam giele Knäppche fir d'Roboter-Laut-Sprooch)
- eventuell: déi kleng giel Wierfel-Kaarten (mat de Laut-Kaarten am giele Säckelchen)

Aktivitéit

Duerch déi viregt Aktivitéiten (Heft 4) kennen d'Kanner schonn zum Deel déi Wierder, déi zu de Laut-Kaarte passen. Benennt d'Kaarten eventuell nach eemol mat de Kanner.

Wielt zwou Laut-Kaarten: eng fir d'Kanner, eng fir d'Sila. An der spillerescher Ëmsetzung seet d'Sila säi Wuert an der Roboter-Laut-Sprooch. Leet zu all Laut eng giel Laut-Plättchen. Esou ginn z. B. fir d'Wuert ‚Bus' dräi Laut-Plättercher geluecht (z. B. B-☐ U-☐ S-☐). Leet dës, aus de Kanner hirer Perspektiv gekuckt, vu lénks no riets a Schreifrichtung.

Wéi ee Wuert ass méi laang? Wien huet gewonnen?
D'Kanner maachen dat selwecht mat der zweeter Laut-Käertchen. Si zerleeën d'Wuert a seng Lauter a leeën zu all Laut eng giel Laut-Plättchen. Dës Aktivitéit ass schonns duerch d'Aktivitéit zum Laut-Hopsen an der Klass virbereet ginn. Wann d'Zerleeë vum Wuert an déi eenzel Lauter nach schwéier ass, kann d'Sila gäre mat der Roboter-Laut-Sprooch weiderhëllefen.

Fir ze kucken, wéi ee Wuert méi Lauter huet, mussen d'Kanner déi éischt Laut-Plättche vun all Wuert genau ënnerenee leeën. Fir ofzeschléisse gëtt gekuckt, wéi ee Wuert méi laang ass a wie gewonnen huet.

Wichteg: Well fir all Laut am Wuert eng Laut-Plättche geluecht gëtt, ginn z. B. fir d'Wuert ‚Mamma' véier Laut-Plättercher benotzt (M-☐ A-☐ MM-☐ A-☐). Den Duebel-M ass an der Lëscht opgefouert, fir déi richteg Aussprooch vun all Laut ze ënnerstëtzen.

Méi einfach:

- Wann d'Leeë vun de Laut-Plättercher nach schwéierfält, ka schonn eng Rei vu véier Plättercher do leien. Beim éischte Laut stellt d'Kand den Däppchen op déi éischt Plättchen asw. Fir dat zweet Wuert hëlt d'Kand en aneren Däppchen a réckelt dësen op der selwechter Plätterchersrei weider.

- Fir déi motoresch Ëmsetzung ass et nach méi einfach, wann d'Felder op ee Blat kopéiert sinn

  □□□□

  an d'Kand fir all Laut mat engem méi oder manner groussen Objet eng Case weiderréckelt.

Méi schwéier:

- D'Kand leet fir all Laut am Wuert eng Laut-Plättchen a kuckt, wéi vill Laut-Plättercher do leien. Da gëtt déi kleng giel Laut-Kaart bei déi passend Wierfel-Kaart (een, zwee, dräi oder véier Punkten) geluecht. Fir ofzeschléisse gitt Dir mat de Kanner d'Kaarte vun engem Koup duerch. Leien all d'Kaarten um richtege Koup? Am anere Fall hëlleft d'Sila gäre mat der Roboter-Laut-Sprooch weider.

5.7 Wéi ee Buschtaf passt zum Laut am Wuert?

Zil

- d'Wuert a seng Lauter zerleeën

Material

- d'Sila-Handpopp (mam giele Laut-Knäppche fir d'Roboter-Laut-Sprooch)
- déi giel Laut-Plättercher (déi grouss fir Iech, déi kleng fir all Kand)
- déi giel Buschtaf-Plättercher (déi grouss fir Iech, déi kleng fir all Kand)
- déi kleng giel Laut-Kaarte fir déi passend Wuertlëscht

Ulaut-Lëscht:
S-EE-L / R-O-S-A / S-A-L-Z / M-A-MM-A / S-I-L-A

Aktivitéit

Duerch d'Klassenaktivitéit zu der Roboter-Laut-Sprooch an duerch d'Laut-Hopse kennen d'Kanner schonn zum Deel déi Wierder, déi zu de Laut-Kaarte passen. Weider sinn dës Klassenaktivitéiten eng Virbereedung op d'Schwätzen an der Roboter-Laut-Sprooch, d. h. op d'Zerleeë vum Wuert a seng eenzel Lauter (Lautanalys).

Wielt fir unzefänken eng kleng giel Laut-Kaart (Billerkaart am giele Säckelchen) zu folgende Wierder: S-EE-L / R-O-S-A / S-A-L-Z / M-A-MM-A / S-I-L-A.
Benennt d'Laut-Kaart mat de Kanner a leet no an no zu all Laut eng giel Laut-Plättchen. Well just déi eenzel Lauter zielen, ginn z. B. fir d'Wuert ‚Seel' dräi Laut-Plättercher geluecht (S-EE-L). D'Sila kann hëllefen, d'Wuert a seng eenzel Lauter ze zerleeën (S-EE-L).

An engem nächste Schrëtt gëtt d'Fro nom Ulaut gestallt: Wéi heescht den Ulaut vum Wuert? Vläicht kann d'Sila hei mat der Ulaut-Sprooch (orangen Ulaut-Knäppchen) weiderhëllefen (z. B. SSS-eel). Wéi ee Buschtaf passt zum Ulaut? Zousätzlech kann e Bléck op d'Laut-Buschtaf-Ketten hëllefräich sinn. D'Buschtaf-Plättche vum S gëtt vir op déi éischt Laut-Kaart geluecht, well de S-Laut jo direkt vir am Wuert ze héieren ass.

Méi schwéier:
- D'Sila seet d'Wuert net méi an der Roboter-Laut-Sprooch vir. D'Kanner soen d'Wuert selwer an der Roboter-Laut-Sprooch.

5.8 Wat steet do geschriwwen?

Zil

- d'Wuert a seng eenzel Lauter zerleeën

Material

- d'Sila-Handpopp (mam giele Knäppche fir d'Roboter-Laut-Sprooch)
- déi giel Laut-Plättercher (déi grouss fir Iech, déi kleng fir all Kand)
- déi giel Buschtaf-Plättercher (déi grouss fir Iech, déi kleng fir all Kand)
- déi kleng giel Laut-Kaarte fir dat ganzt Wuert:
  M-A-MM-A / S-I-L-A

Aktivitéit

Wielt eng kleng giel Laut-Kaart (am giele Säckelchen), wou d'Kanner all d'Buschtawen zum Wuert kennen (Mamma, Sila). Benennt se mat de Kanner. No an no leet Dir zu all Laut (an net zu all Buschtaf) eng giel Laut-Plättchen (z. B. 4 Laut-Plättercher fir M-☐ A-☐ MM-☐ A-☐). D'Sila kann hëllefen, d'Wuert a seng eenzel Lauter ze zerleeën (M-A-MM-A). Esou kënnt d'Kand och op déi korrekt Schreiwung an der däitscher Sprooch, wat wichteg fir d'Kohärenz mam Léierinhalt vum Cycle 2 ass.

Wéi ee Buschtaf passt zum éischte Laut? Zum zweete Laut? Asw. Hei kann d'Laut-Buschtaf-Kette weiderhëllefen. Laut fir Laut gëtt de passende Buschtaf op déi nächst Laut-Plättche geluecht. A wann d'Sila dat ganzt Wuert a seng Lauter zerluecht huet, déi passend Buschtaf-Plättercher benotzt sinn, da steet do schonn ee Wuert geschriwwen …

Den Iwwergang an de Cycle 2 virbereeden

Fir den Iwwergang an de Cycle 2 fléissend ze organiséieren, kënne **verschidde Materialien** (z. B. d'Laut-Buschtaf-Ketten an d'Sila-Handpopp) **mat de Kanner weidergoen**. Am Cycle 2 kënnen d'Laut- an d'Buschtaf-Plättercher esouwuel op déi däitsch Wierder vun dësem Programm wéi och op nei Wierder aus der Fibel ugewant ginn.

Är **Beobachtunge vun de Kanner** am Beräich vun der phonologescher Bewosstheet liwweren zousätzlech wichteg **Informatioune fir dat differenzéiert Schaffen am Cycle 2**. Wéi ee Kand huet schonn déi eng oder aner Fäerdegkeet gutt entwéckelt? Bei wéi engem Kand muss dës nach weider opgebaut ginn?

Am Laf vum Cycle 1 hunn déi reegelméisseg Aktivitéiten zu der phonologescher Bewosstheet an den éischte Kontakt mam Buschtaf dozou bäigedroen, eng wichteg Basis fir d'Liesen- a Schreiweléieren opzebauen an den Iwwergang an de Cycle 2 gutt ze preparéieren.

Ulaut-Lëschten

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am orangë Säckelchen).

	M-Ulaut					
1.1	Buschtaf M					
1.2	M--eedchen	Mädchen		1.7	M--uschel	Muschel
1.3	M--amma	Mama		1.8	M--otorrad	Motorrad
1.4	M--ond	Mund		1.9	M--ais	Mais
1.5	M--auer	Mauer		1.10	M--ëllech	Milch
1.6	M--antel	Mantel		1.11	M--aus	Maus

	A-Ulaut					
1.12	Buschtaf A					
1.13	Aa--rm	Arm		1.18	A--f	Affe
1.14	A--pel	Apfel		1.19	Aa--dler	Adler
1.15	A--nanas	Ananas		1.20	A--quarium	Aquarium
1.16	Aa--ngel	Angel		1.21	Aa--scht	Ast
1.17	A--stronaut	Astronaut		1.22	a--l	alt

	L-Ulaut					
1.23	Buschtaf L					
1.24	L--ineal	Lineal		1.28	L--eeder	Leiter
1.25	L--äffel	Löffel		1.29	L--éiw	Löwe
1.26	l--afen	laufen		1.30	L--and	Land
1.27	L--oftballon	Luftballon				

	R-Ulaut					
2.1	Buschtaf R					
2.2	R--éck	Rücken		2.7	R--ad	Rad
2.3	r--out	rot		2.8	R--akéit	Rakete
2.4	r--osa	rosa		2.9	R--äis	Reis
2.5	R--itter	Ritter		2.10	R--een	Regen
2.6	R--utsch	Rutschbahn		2.11	R--éi	Reh

	S-Ulaut					
2.12	Buschtaf S					
2.13	s--ëtzen	sitzen		2.18	S--ee	Säge
2.14	S--and	Sand		2.19	S--éi	See
2.15	s--angen	singen		2.20	S--ummer	Sommer
2.16	S--alz	Salz		2.21	S--onn	Sonne
2.17	s--ichen	suchen		2.22	S--ila	Sila

	I-Ulaut					
2.23	Buschtaf I					
2.24	I--gel	Igel		2.26	I--glu	Iglu
2.25	I--nsel	Insel				

Laut-Lëscht

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am giele Säckelchen).

1.1	M-A-MM-A	Mama		2.1	S-EE-L	Seil
1.2	P-A-PP-A	Papa		2.2	Z-E-L-T	Zelt
1.3	B-O-M-A	Oma		2.3	B-U-S	Bus
1.4	B-O-P-A	Opa		2.4	T-A-X-I	Taxi
1.5	H-A-L-S	Hals		2.5	EE	Ei
1.6	B-EE-N	Bein		2.6	S-A-L-Z	Salz
1.7	R-O-S-A	rosa		2.7	B-I-R	Birne
1.8	H-U-TT	Hut		2.8	W-A-L	Wal
1.9	SCH-A-L	Schal		2.9	R-EE-N	Regen
1.10	C-D	CD		2.10	S-I-L-A	Sila

D’Material am Iwwerbléck



D'SILA-HANDPOPP



5 Roboter-Laut-Sprooch:
B-U-S

4 Uaut-Sprooch:
Mmmaus

3 Sila-Silbe-Sprooch:
E-le-fant

2 Reim-Sprooch:
Haus-Maus

1 *De Lauschterprogramm*:
Wat héiere mir, wa mir ganz gutt lauschteren?

D'SPILLKAARTEN

5

d'Laut-Kaarten
d'Laut-Plättercher
d'Buschtaf-Plättercher
an de giele Säckelcher



4

d'Ulaut-Kaarten
d'Buschtaf-Kaarten
am orangë Säckelchen



3

d'Silbe-Kaarten
d'Wierfel-Kaarten
am roude Säckelchen



2

d'Reim-Kaarten
am bloe Säckelchen



d'Billerkaarten aus der Billerkëscht *Wéi? Wou? Wat?*



Reimspiller

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am bloe Säckelchen).

déi kleng blo Reim-Kaarten (am bloe Säckelchen)			
1.1	Kand	2.2	Wand
	Kind		Wind
1.2	Jong	2.2	Zong
	Junge		Zunge
1.3	Nues	2.3	Hues
	Nase		Hase
1.4	Been	2.4	Steen
	Bein		Stein
1.5	Buch	2.5	Duch
	Buch		Tuch
1.6	Pinsel	2.6	Insel
	Pinsel		Insel
1.7	rout	2.7	Brout
	rot		Brot
1.8	Haus	2.8	Maus
	Haus		Maus
1.9	Glas	2.9	Gras
	Glas		Gras
1.10	kal	2.10	al
	kalt		alt
1.11	Dësch	2.11	Fësch
	Tisch		Fisch
1.12	Popp	2.12	Zopp
	Puppe		Suppe
1.13	Pirat	2.13	Spinat
	Pirat		Spinat
1.14	Ball	2.14	Stall
	Ball		Stall
1.15	sprangen	2.15	sangen
	springen		singen
1.16	stoen	2.16	goen
	stehen		gehen
1.17	Noss	2.17	Floss
	Nuss		Fluss
1.18	Kou	2.18	zou
	Kuh		zu
1.19	Schlaang	2.19	Zaang
	Schlange		Zange
1.20	Schwan	2.20	Kran
	Schwan		Kran

Silbespiller

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am roude Säckelchen).

déi kleng rout Silbe-Kaarten (am roude Säckelchen)		
eesilbeg Wierder (12)		
1.1	Kapp	Kopf
1.2	Zant	Zahn
1.3	Mond	Mund
1.4	Bauch	Bauch
1.5	Buch	Buch
1.6	Haus	Haus
1.7	Glas	Glas
1.8	Sand	Sand
1.9	Ball	Ball
1.10	Fësch	Fisch
1.11	Schnéi	Schnee
1.12	Bam	Baum
zweesilbeg Wierder (12)		
2.1	Ta-fel	Ta-fel
2.2	laa-chen	la-chen
2.3	Pin-sel	Pin-sel
2.4	Man-tel	Man-tel
2.5	Pi-rat	Pi-rat
2.6	la-fen	lau-fen
2.7	Mu-schel	Mu-schel
2.8	Au-to	Au-to
2.9	Spi-nat	Spi-nat
2.10	Ti-ger	Ti-ger
2.11	Del-fin	Del-fin
2.12	In-sel	In-sel
dräisilbeg Wierder (6)		
2.13	Li-ne-al	Li-ne-al
2.14	Com-pu-ter	Com-pu-ter
2.15	A-na-nas	A-na-nas
2.16	E-le-fant	E-le-fant
2.17	Kro-ko-dil	Kro-ko-dil
2.18	Pa-pa-gei	Pa-pa-gei

déi grouss rout Wierfel-Kaarten (am roude Säckelchen)
2 X Wierfel-Kaarte mat engem Punkt
2 X Wierfel-Kaarte mat zwee Punkten
2 X Wierfel-Kaarte mat dräi Punkten
2 X Wierfel-Kaarte mat véier Punkten

Ulautspiller

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am orangë Säckelchen).

déi kleng orange Ulaut-Kaarten (am orangë Säckelchen)						
	M-Ulaut					
1.1	Buschtaf M					
1.2	M--eedchen	Mädchen		1.7	M--uschel	Muschel
1.3	M--amma	Mama		1.8	M--otorrad	Motorrad
1.4	M--ond	Mund		1.9	M--ais	Mais
1.5	M--auer	Mauer		1.10	M--ëllech	Milch
1.6	M--antel	Mantel		1.11	M--aus	Maus
	A-Ulaut					
1.12	Buschtaf A					
1.13	Aa--rm	Arm		1.18	A--f	Affe
1.14	A--pel	Apfel		1.19	Aa--dler	Adler
1.15	A--nanas	Ananas		1.20	A--quarium	Aquarium
1.16	Aa--ngel	Angel		1.21	Aa--scht	Ast
1.17	A--stronaut	Astronaut		1.22	a--l	alt
	L-Ulaut					
1.23	Buschtaf L					
1.24	L--ineal	Lineal		1.28	L--eeder	Leiter
1.25	L--äffel	Löffel		1.29	L--éiw	Löwe
1.26	l--afen	laufen		1.30	L--and	Land
1.27	L--oftballon	Luftballon				
	R-Ulaut					
2.1	Buschtaf R					
2.2	R--éck	Rücken		2.7	R--ad	Rad
2.3	r--out	rot		2.8	R--akéit	Rakete
2.4	r--osa	rosa		2.9	R--äis	Reis
2.5	R--itter	Ritter		2.10	R--een	Regen
2.6	R--utsch	Rutschbahn		2.11	R--éi	Reh
	S-Ulaut					
2.12	Buschtaf S					
2.13	s--ëtzen	sitzen		2.18	S--ee	Säge
2.14	S--and	Sand		2.19	S--éi	See
2.15	s--angen	singen		2.20	S--ummer	Sommer
2.16	S--alz	Salz		2.21	S--onn	Sonne
2.17	s--ichen	suchen		2.22	S--ila	Sila
	I-Ulaut					
2.23	Buschtaf I					
2.24	I--gel	Igel		2.26	I--glu	Iglu
2.25	I--nsel	Insel				

Lautspiller

Dës Wierder gëtt et esouwuel als grouss Billerkaarten (hannen am Classeur) ewéi och als kleng Spillkaarten (am giele Säckelchen).

déi kleng giel Laut-Kaarten (am giele Säckelchen)						
1.1	M-A-MM-A	Mama		2.1	S-EE-L	Seil
1.2	P-A-PP-A	Papa		2.2	Z-E-L-T	Zelt
1.3	B-O-M-A	Oma		2.3	B-U-S	Bus
1.4	B-O-P-A	Opa		2.4	T-A-X-I	Taxi
1.5	H-A-L-S	Hals		2.5	EE	Ei
1.6	B-EE-N	Bein		2.6	S-A-L-Z	Salz
1.7	R-O-S-A	rosa		2.7	B-I-R	Birne
1.8	H-U-TT	Hut		2.8	W-A-L	Wal
1.9	SCH-A-L	Schal		2.9	R-EE-N	Regen
1.10	C-D	CD		2.10	S-I-L-A	Sila

déi kleng giel Wierfel-Kaarten (am giele Säckelchen)
5 X Wierfel-Kaarte mat engem Punkt
5 X Wierfel-Kaarte mat zwee Punkten
5 X Wierfel-Kaarte mat dräi Punkten
5 X Wierfel-Kaarte mat véier Punkten

déi kleng giel Buschtaf-Plättercher (am giele Säckelchen)
20 X M
20 X A
20 X R
20 X S
20 X L
20 X I

déi kleng giel Laut-Plättercher (am giele Säckelchen)
100 X kleng giel Laut-Plättercher

déi grouss giel Buschtaf-Plättercher (am giele Säckelchen)
2 X M
2 X A
1 X R
1 X S
1 X L
1 X I

déi grouss giel Laut-Plättercher (am giele Säckelchen)
8 X grouss giel Laut-Plättercher

REIM

SILB

ULAUT

LAUT